

# Conseil communal

## Séance publique du 18 mai 2015

Durée de la séance: 14.30 à 17.10 heures

### Présents:

<b>Mellina Pierre</b> , bourgmestre (CSV)	<b>Breyer Roland</b> , 1 <sup>er</sup> échevin (CSV) <b>Conter-Klein Raymonde</b> , 2 <sup>e</sup> échevin (CSV)
<b>Arendt Patrick</b> (CSV) <b>Conzemius-Holcher Josette</b> (CSV) <b>Gira Carlo</b> (CSV) <b>Polfer John</b> (CSV) <b>Rosenfeld Romain</b> (CSV)	<b>Brecht Guy</b> (LSAP) <b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP) – <i>jusqu'au point 8.1. inclus</i> <b>Pierre Norbert</b> (LSAP) <b>Stoffel Marco</b> (LSAP)
	<b>Becker Romain</b> (déi gréng) <b>Scheuer Romain</b> (déi gréng) <b>Tockert Claude</b> (DP) <b>Thein Joe</b> (adr)

### Absents et excusés:

<b>Mertzig Romain</b> , 3 <sup>e</sup> échevin (LSAP) <b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP) – <i>à partir du point 8.2.</i>
------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------

## ORDRE DU JOUR

### Séance à huis clos (14.30 heures)

- Enseignement musical
  - Démission volontaire d'un chargé de cours - information.
  - Ratification d'un contrat de travail avec un chargé de cours (m/f) - décision.
- Affaires sociales: Nomination d'un aide-éducateur (m/f) pour les Maisons Relais à raison de 10 heures/semaine - décision.

### Séance publique (15.00 heures)

- Communication du collège des bourgmestre et échevins.
- Administration générale
  - Approbation des titres de recettes - décision.
  - Etat des restants à recouvrer à la clôture de l'exercice 2014 - décision.
  - Autorisation d'ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées - décision.
- Enseignement: Approbation du projet de l'organisation scolaire 2015/2016 - décision.
- Propriétés
  - Approbation du contrat de bail portant sur la location d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « In der Poeschelott » à M. et Mme Camille Sales-Zens - décision.
  - Approbation du compromis portant sur la cession d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « In der Poeschelott » à M. et Mme Camille Sales-Zens - décision.
  - Approbation du compromis portant sur la cession d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « In der Poeschelott » à Mme Hilda Hahn - décision.
  - Approbation du compromis portant sur la cession d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « In der Poeschelott » à Mme Cristina Monteiro Duarte - décision.
  - Approbation du compromis portant sur l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit « rue Eugène Huberty » de la part des héritiers de M. Ezio De Matteis - décision.
  - Approbation du compromis portant sur l'acquisition de terrains sis à Lamadelaine, lieu-dit « rue de la Montagne » de la part de M. Gustavo Beamud et Mme Maria Del Mar Araujo - décision.

- 6.7. Approbation du compromis portant sur l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « rue des Prés » de la part de la société NeoDesign sarl - décision.
- 6.8. Approbation de l'acte portant sur l'acquisition de terrains sis à Lamadelaine, lieux-dits « avenue de la Gare », « rue Mathias Heinen », « rue des Prés », « auf den Gehren » et « rue Nicolas Thill » de la part de M. Romain Thill - décision.
7. Personnel: Création d'un poste d'employé communal (m/f) pour les besoins de la structure d'accueil et de promotion touristiques, culturels et historiques - décision.
8. Affaires sociales
  - 8.1. Approbation du décompte provisoire pour la construction de la nouvelle Maison Sociale à Pétange et vote d'un crédit supplémentaire - décision.
  - 8.2. Adaptation des loyers des logements communaux - décision.
  - 8.3. Aide aux victimes du séisme au Népal - décision.
9. Urbanisation
  - 9.1. Approbation des conventions avec cinq riverains portant sur la réalisation d'une canalisation des eaux mixtes/eaux pluviales entre la rue des Prés et la route de Luxembourg à Lamadelaine - décision.
  - 9.2. Introduction d'une servitude d'interdiction de lotissement, construction, reconstruction et de transformation concernant des immeubles dans la Commune pendant la refonte du Plan d'Aménagement Général, dénommée « moratoire » - décision.
  - 9.3. Approbation des critères d'attribution des terrains dans le nouveau lotissement « An den Atzengen » à Lamadelaine - décision.

## COMPTE RENDU

### 1. et 2.

#### Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

#### Démission volontaire d'un chargé de cours de l'Ecole de musique:

Il est pris acte de la démission volontaire de M. Thill Marc de ses fonctions auprès de l'administration communale à partir du 1<sup>er</sup> septembre 2015.

#### Nomination d'un aide-éducateur (m/f) pour les Maisons Relais à raison de 10 heures/semaine:

Mme Denigro Samantha de Lamadelaine est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (10 heures par semaine – poste de remplaçant) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

### 3.

#### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

##### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ënner dem Punkt vun de Kommunikatiounen wollt ech kuerz op d'Joer 2014 agoen, wat en exzellent Finanzresultat ze verzechnen huet.

Den 30. Abrëll sinn d'Konten vum Joer 2014 arrétéiert ginn. Si enthalen am Total Recettë vun 71,4 Milliounen Euro an Dépensë vu 66,7 Milliounen Euro, dat heescht, si schlësse mat engem Total Boni vu 4,67 Milliounen Euro of.

De Report um Enn vum Exercice 2014 klëmmt deemno ëm 90%, vu 5,1 Milliounen Euro Enn 2013 op 9,7 Milliounen Euro, ee Report, deen op d'Joer 2015 iwwerdroe gëtt.

Am ordinären Deel klammen d'Recetten 2014 par rapport zum Joer 2013 ëm 5,8%, dat heescht vun 58,9 Milliounen Euro op 62,3 Milliounen Euro. Dépensen, par contre, klammen hirersäits am leschte Joer ëm 6,1% vu 44,2 Milliounen Euro op 46,0 Milliounen Euro.

Dëst ergëtt schlussendlech eng liicht Hausse vum ordinären Iwwerschoss vu 14,66 Milliounen Euro am Joer 2013 op elo 15,40 Milliounen Euro am Joer 2014. Dat ass deemno eng Progressioun vu ongeféier 5%. D'Zuele weisen och, datt den ordinären Iwwerschoss am Joer 2014 dee beschten aus deene leschten 11 Joer ass. Dëst exzeptionellt Resultat wäert sech awer ab dësem Joer, op Grond vun de Repercussiounen vum Zukunftspak op d'Gemengefinanzen, net méi esou séier widderhuelen.

Wat d'Evolution vum Ratio « Ordinären Iwwerschoss / Ordinär Recetten » an därselwechter Zäitspan ubelaangt, esou stellt ee fest, datt dësen elo am 7. Joer hannerenee bei iwwer 20% läit. Wann een dat e bësse mat anere Gemenge vergläicht, da gesäit een, wéi gutt datt dat ass. Am Joer 2014 sinn et 24,7%, wuel liicht manner wéi 2013 (24,88%), mä trotz allem en exzellent Resultat. Et kann ee soen, datt all véierten Euro, deen iwwer d'Recette erakënnt, am extraordinäre Budget investéiert ka ginn. Ech mengen, dat léisst sech weisen.

Déi extraordinär Dépensen, no Ofrechnung vun der « Dotation au Fond de réserve Pacte Logement », leie mat 17,48 Milliounen Euro zwar méi niddereg wéi déi lescht 2 Joeren, mä trotz allem kann een an der Halschent vun dëser Mandatsperiode – no 3 Joer – behaupten, datt mer um gudden Wee sinn, deen ambitiösen Investitiounsprogramm, dee mer eis ginn hunn, ze realiséieren. An de leschten 3 Joer belafte sech dës extraordinär Ausgaben op een Total vu 60,9 Milliounen Euro.

Dat wat déi Matdeelung, déi ech hei wollt maachen, fir datt der och wësst, wéi et mat de Finanzen vun der Gemeng Péteng um Enn vun 2014 steet.

#### **4.1.**

##### **Administration générale.**

Titres de recettes aux montants de 665.856 euros (année 2014) et 104.221,14 euros (année 2015) – approbation.

##### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

A leschter Minutt hu mer nach eng Recette vun 2014 erakritt. Et ass dat e Reschts subsid vu 665.856 Euro wat de « Centre QT » ubelaangt. Et ass dat de Solde gewiescht an deen ass nach virum 30. Abrëll erakomm, esou datt mer deen nach kënnen op den Exercice 2014 verbuchen.

Dann hu mer awer och schonn eng Rei Recetten an der Héicht vun 104.221 Euro vun 2015 virleien.

**Approbation à l'unanimité.**

#### **4.2.**

##### **Administration générale.**

Etat des recettes à recouvrer à la clôture de l'exercice 2014 – décision.

##### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu engem Punkt, deen all Joer op der Dagesuerdnung steet. Dir hutt eng Lëscht virleie vu Clienten, déi eis nach Sue schëlleg sinn. Op der anerer Säit hutt der och – no de Restanten an no den Déchargen – dat Ganzt pro « acticle comptable » opgedeelt.

Ënnert dem Punkt 4.3. soll de Gemengerot dem Schäfferot d'Recht ginn, fir gerichtlech géint déi Leit virzegoen, déi nach bei eis an der Schold stinn.

Dat gesot, wëll ech emol fir d'éischt op dëser Plaz eisem Receveur a senger ganzer Equipe e grouse Merci soen. Si maachen iwwer d'ganz Joer eng exemplaresch Aarbecht fir déi Suen anzedreiwen. Och do muss ee sech e Verglach erlabe mat anere Gemengen. Et si scho vill Buergermeeschteren, déi mech gefrot hu wéi mir dat maachen, fir dee Prozentsaz vun de Restanten esou niddereg ze halen. Dat ass eng Aufgab, déi net ëmmer einfach ass, wann ee weess, datt mer am Joer 2005 5.627 Stéit haten an haut – Enn 2014 – 6.640 Stéit an der Gemeng hunn, a wann ee weess, datt déi Recetten – déi do betraff sinn – och an deene leschte Joeren zolitt geklomme sinn an haut bei 7,5 Milliounen Euro leien. 2007 louchen déi Recetten nach bei 4,2 Milliounen Euro. Och do ginn ëmmer méi Suen age-driwwen. A vun deene 7.554.621,77 Euro, déi 2014 sollten erakommen, sinn der bis elo 198.901,30 Euro net erakomm. Wann een dann och weess, datt do nach bei 42.000 Euro d'Méiglechkeet besteet, datt mer do mussen eng Note de crédit maachen, well do Saachen hu misste regulariséiert ginn, da weess een, datt mer bei 150.000 Euro wäerte leien, wat um Enn vum Exercice net encaisséiert ginn ass.

Déi 198.901,30 Euro, déi maachen 2,63% vun alle Recetten aus. Am Verglach mat 2013 oder 2012 leie mer ongeféier um selwechten Niveau. 2012 waren et 2,77%, déi opstoungen, 2013 waren et 2,50% an 2014 sinn et 2,63% déi opstinn. Dat heescht awer net, datt mer déi Sue vun 2014 net erakriegen. Well och wa mer déi Sue fir de Moment nach net erakritt hunn, wëll dat awer net heeschen, datt mer déi Saach opginn hunn. Well just nëmme eng Zomm vu 25.468,87 Euro, wat 0,33% ausmécht, dechargéiere mer. Fir de Rescht wäert de Receveur nach versiche fir déi Suen anzedreiwen.

**Accord à l'unanimité.**

#### **4.3.**

##### **Administration générale.**

Autorisation globale d'ester en justice en matière de recouvrement des factures non payées – décision.

**Accord à l'unanimité.**

#### **5.**

##### **Enseignement.**

Approbation du projet d'organisation scolaire 2015/2016 – décision.

##### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Da komme mer zu engem Punkt, deen all Joer ëm dës Zäit erëmkënn a wou mer musse kucken, wéi mer eis Schoulorganisatioun opstellen a wou eis Kanner duerno an d'Schoul ginn.

Fir d'Schouljoer 2015/2016 hu mer am ganzen de Moment 1.914 Kanner, déi bei eis an der Gemeng sollen an d'Schoul goen. D'Zuele changéieren all Dag an op den Dag vun haut huet Lamadelaine 310 Kanner, Péteng 941 a Rodange 663 Kanner. Am Contingent sinn der am ganzen 1.821 virgesinn an d'Stonnen am Contigent maachen zesummen 3.369,5 Stonnen aus, a mat der Morale zesumme sinn et 3.469,5 Stonnen. De Ministère de l'Education nationale huet eis 3.470 Stonnen zougestanen, esou datt mer eng kleng Differenz vun 0,5 Stonnen hunn.

D'Morale-Klassen hu mer zu Lamadelaine 11 Stéck, zu Péteng 20 an zu Rodange 19.

Lamadelaine huet fir d'Schouljoer 2015/2016 18 Klassen ageschriwwen. Do bleift d'Klassenzuel bestoen, mat enger Moyenne vun ongeféier 15,8 Schüler pro Klass.

Changementer sinn awer och do virgesinn, an zwar am Cycle 3.1. Do ginn d'Klasse vun 3 op 2 zeréck. Doduerch geet d'Moyenne vun de Kanner e wéineg an d'Luucht. An am Cycle 3.2. geet d'Klassenzuel vun 2 op 3 erop. Doduerch hu se an deene Klassen nëmme 14 Kanner, esou datt déi kënnen besser betreit ginn a besser kënnen virbereet ginn.

D'Mesures d'appuië bleiwe bei 3,5 Posten. Den « appui langagier » bleift och. Deen ass jo am PRS festgeschriwwen fir déi Joere wou de PRS fonctionnéiert. An zwar huet de Ministère déi 13 Stonnen erëm guttgeschriwwen, esou datt dat bestoe bleift a wat jo och e Virdeel ass. D'Unzuel vun de Poste bleift och bestoen, an zwar 21,5 Posten.

Wa mer elo op Péteng kommen, esou huet Péteng de Moment 941 Kanner, déi ageschriwwen sinn. Do sinn och Changementer virgesinn, an zwar am Cycle 2.1. Do gi se vun 8 op 6 Klassen zeréck. An am Cycle 2.2. gi se vu 6 op 8 Klassen erop. Esou kréien se am Cycle 2.2. d'Klassmoyenne e bëssen erfogesat a si kréien domatter d'Kanner och besser betreit. Am Cycle 3.1. ass et och erëm esou, datt se vun 8 op 6 Klassen erfoginn an am Cycle 3.2. gi se vu 6 op 8 Klassen erop. De Cycle 4.1. bleift onverännert. Beim Cycle 4.2. kënn awer eng zousätzlech Klass dobäi. Do ware bis elo 5 Klassen an elo kënn eng 6. Klass an der Park-Schoul dobäi. D'Klassmoyenne läit och zu Péteng bei 15,8 Kanner, esou datt mer dann hei zu Péteng ee Posten « en surplus » kréien.

Mesures d'appuië ginn an d'Luucht. Do kënn eng hallef Tâche dobäi, esou datt déi op 9,5 Posten eropginn. De Langagier bleift hei zu Péteng, genee esou wéi och déi aner Appuiklassen. D'Differenz mécht dann haaptsächlech deen

hallwen Appui. D'Unzuel vun de Poste geet vu 64 op 65,5 erop. 3 Lektione sinn an der Woch virgesinn, an zwar am Projet PRS « Prévention de la violence ». D'Hétérogènes-klass vun der Madame Hoffmann gétt awer net weidergefouert. D'Madame Hoffmann huet déi Klass zeréckginn an et war kee Kandidat do, fir déi Klass weider ze féieren.

Zu Rodange ass d'Kannerzuel op 666 geklommen. Zu Rodange kënnt am Cycle 2.1. eng Klass dobäi. Do geet d'Zuel vu 4 op 5 erop. An de folgenden Zyklen 2.2. an 3.1. bleift d'Klassenzuel onverännert. Am Cycle 3.2. kënnt awer eng Ännerung, do geet et ëm eng Klass an d'Luucht. Domatter geet d'Klassenzuel zu Rodange vun 39 op 41 erop an d'Klassmoyenne läit bei 15 Kanner.

D'Appuiklass vun der Madame Weber fällt ewech, esou dass nëmme méi 4 Appuiklasse bleiwen, eng « Langagier » an eng « Appui intégration ». D'Unzuel vun de Poste geet vu 45 op 46 erop. Bei deem zousätzleche Posten ass ervirzehiewen an och ze bedauern, dass mer fir d'Joer 2015/2016 d'Klass « Molecule » faute de ressources net kënne fonctionnéiere loosse. De Besoin fir esou eng Klass besteet awer weiderhin. D'Fonctionnement muss iwwerduecht ginn, well den EDIFF huet ons gesot, dass si eis keng Educatrice méi zur Verfügung stellen. Mir haten d'lescht Joer vum EDIFF eng Educatrice zur Verfügung gestallt krut, fir déi Klass kënne fonctionnéieren ze loosse. An den Här Ciaffone, deen déi Klass sollt begleeden, gétt fir dat kommend Schouljoer och anescht agedeelt. Esou dass op déi doten Initiativen hinn – déi net grad positiv fir déi Klass sinn – d'Entscheidung getraff ginn ass fir doriwuer nozedenken an d'Uleies vum Här Inspekteur ass, fir 2016 dem Ministère en neie Projet ze ënnerbreeden a fir ze kucken, fir genuch Ressourcen ze kréien an esou eng nei Klass – ënnert enger anere Fonctionnement – am Schouljoer 2016/2017 kënne opzebauen.

Et ass bedauerlech, mä et ass nun eben emol esou a mir mussen eis deem ebe béien.

« Hors contingent » stinn an der Schoulorganisatioun 3 « cours d'accueil ». Do kumt awer elo nodréiglech nach eng zousätzlech Demande eran. 3 « cours d'accueil » krute mer vum Ministère genehmegt. Et kumt awer elo nach eng Demande, well d'Schoulpresidenten eis gesot hunn, dass och am Laf vum Joer ëmmer nach Kanner dobäikommen, an et ganz schwiereg gétt a se frou wieren, wa se nach eng weider Klass dobäi kréichen. Mir hu gesot, dass mer nach géifen eng Demande beim Ministère maachen an hoffen, dass mer déi dann och gestatt kréien. Wann net, da mussen mer mat deenen 3 « cours d'accueil » weiderfueren. Si soten eis, dass mer an der Regel bei eis an der Gemeng 40 Kanner hätten, déi « primo arrivant » wieren. An et wier natierlech besser, wa mer mat deene kéinte méi geziilt schaffen an net Klassen hunn, déi iwwerlaascht wieren.

Déi Demande ass och favorabel vun der Schoulkommissioun ugeholl ginn, esou dass mer deem och kënne Rechnung droen, wa mer vum Ministère gréng Luucht dozou kréien.

D'Natureschoul zu Lasauvage bleift op engem Posten. Den hallwe Poste fir de PRS zu Lamadalaine bleift och esou. En neie Projet ass eng « Classe de logopédie ». Wann de Gemengerot haut déi heite Schoulorganisatioun stëmmt, da géif eng « Classe de logopédie » bei eis op Péteng kommen.

An zwar ass et esou, dass d'Demande kumt no engem Dépistage vun der Logopädie selwer am Arrondissement 9, wou mir dozou gehéieren. Si wëllen eng Delokalisatioun vun hire Klasse virhuelen, an zwar haaptsächlech am Cycle 1. Si wëllen net méi, dass dës kleng Kanner esou vill mussen hin an hir transportéiert ginn. Well déi kleng Kanner, fir an der Logopädie ënnerdaach ze kommen, hu bis elo mussen an d'Stad gefouert ginn.

Et ass awer elo bei deem ganzen Dépistage erauskomm, dass mir hei eng relativ héich Zuel vu Kanner hunn, déi grouss Sproochschwieregkeeten hunn. Dat ass elo net esou, dass déi Kanner « Zischlauten » net richtig kënne ausschwätzen, mä d'Kanner hu richtig Sproochschwieregkeeten an déi och mussen vun engem Professionellen aus der Logopädie betreit ginn, esou dass déi Kanner duerno och kënne mat weiderkommen.

Den Här Inspekteur huet och eis Gemeng virgeschloen fir esou eng Klass heihinner ze kréien an hien huet eis och gesot, dass haaptsächlech nëmme Kanner aus eiser Gemeng an déi Klass géife kommen, obschonn dat Ganz am Arrondissement 9 sollt fonctionnéieren a wou och nach Rémeleng dozou gehéiert. Mä wann een natierlech och Kanner vu Rémeleng heihinner misst bréngen, da wieren déi Rémelenger Kanner och genee esou séier an der Stad.

Doduerch géife mer jo dann esou eng Klass heihinner kréien, mat engem « titulaire à plein temps ». 10 Stonne kéimen nach dobäi vun engem Professer aus der Logopädie. Déi Klass géif haaptsächlech bestoen aus 8 Kanner, déi géingen dépistéiert ginn, onofhängeg vun enger Klass vun hei. D'Surveillance wier assuréiert, zesumme mam Direkter vun der Logopädie an eiser Gemeng, woubäi mir eis géifen op dat beschränken, wat an der Schoulorganisatioun festgehale ass, wéi zum Beispill d'Sortien.

Et muss eng Conventioun ënnerschriwwen ginn tëscht der Gemeng an der Logopädie selwer. De Projet soll elo emol fir ee Joer lafen an da maache mer e Bilan. A wann de Projet da weiderleeft, da wier dat fir 3 Joer. Mir hunn och schon e positiven Avis vun der Schoulkommissioun virleien a well mer am Bloberg an deem Gebai, wou de Précoce ënnerbruecht ass, nach Raimlechkeete fräi hunn, wollt mer déi Klass do emol fir dat éischt Joer ënnerbréngen. Déi Plaz wier och ganz gutt, well mer do dee klengen Zyklus beieneen hätten.

Den Transport vun deene Kanner – well et si jo net nëmme Kanner vu Rodange, mä et kënne och Kanner vu Péteng oder Rolleng dobäi sinn – gétt vun der Logopädie iwwerholl, esou dass mir eis als Gemeng net brauchen ëm den Transport ze këmmen.

D'Schafe vun esou enger Klass wier eng Chance fir d'Kanner aus eiser Gemeng déi Sproochproblemer hunn. An déi Klass huet och keen Afloss op de Contingent. Den Titulaire gétt komplett déchargéiert.

Dat wieren déi Informatiounen zu der Schoulorganisatioun, déi ech iech wollt matdeelen. Ech wëll awer och dem Schoulservice, de Schoulpresidenten, der Schoulkommissioun an dem Comité d'école Merci soen. Mir haten eng ganz gutt Zesummenaarbecht a mir si ganz gutt mat deem heite Projet eens ginn. An ech hoffen, dass de Gemengerot de Projet dann och guttheescht a mer esou eis Schoul kënne fonctionnéiere loosse.

#### **Brecht Guy (LSAP):**

Ech hätt eng Fro zu där spezieller Klass, déi mer geschafen haten als Experiment. Dir hutt éinescht gesot « manque de ressources ». Wat heescht dat genee?

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass e « manque de ressources humaines ». De Moment scheitert et um Personal. Well – wéi gesot – hat d'EDIFF eis eng Educatrice zur Verfügung gestallt. Den Här Ciaffone sollt dat och begleeden a wéi ech scho gesot hunn, huet d'EDIFF eis matgedeelt, dass si eis keng Educatrice méi kënne zur Verfügung stellen, well si se selwer brauchen. Dem Här Ciaffone seng Stonne sinn och aneschtens verdeelt ginn. Et war elo esou, dass déi Kanner awer vill hu missten an hir Klass



zeréckgoen, wat jo ursprénglech net esou geduecht war. Et war jo geduecht, fir déi Kanner während enger gewëssener Zäit aus hirer Klass erauszehuelen – aus hirem normale Milieu – fir se kënnen an der «Molecule» aneschtens virzebereeden a se dann no an no erëm an hiren normale Milieu anzefügen. An dat huet och net esou richteg fonctionnéiert well einfach déi Kanner och schonn do – «manque de personnel» - ze vill oft an hir normal Klass hu missten zeréckgoen. An dat huet och net deen Effet mat sech bruecht dee mir eis erwaart haten. An de Schoulinспекter war der Meenung, dass mer dat Ganz misste ganz aneschtens opdeelen. An op déi Nouvelles hinn, hu mer gesot, dass et kee Sënn méi géif maachen a mer et emol ee Joer solle roue loossen. Mir kucke fir dat aneschtens opzestellen. Mir maachen eng Demande un de Minister fir zousätzlecht Personal ze kréien. A wa mer d'nächst Joer sollten zousätzlecht Personal kréien, da géife mer et nei ulafe loossen.

Et ass natierlech bedauerlech fir déi Kanner, déi eng Hëllef géife brauchen. Mir hunn zwar vill Appui. Mir hunn och «appui langagier». Mir hu villes, wat mer op den Appui focaliséieren. Mir hoffen, dass dat dann och esou klappt.

#### **Brecht Guy (LSAP):**

Dann ass et jo drop zeréckzeféieren, dass mer e Personalangel hunn. Et ass also net esou, dass mer Leit hunn mä déi et net wëlle maachen.

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat ass richteg. Et ass nëmme wéinst engem Personalangel.

#### **Gonçalves Cátia (LSAP):**

Madame Conter, Dir hutt vun der « classe hétérogène » an der Pétenger Schoul geschwat. Wat ass dat genee? An och do déi selwecht Fro, wat heescht dat, dass keen dat wollt iwwerhuelen?

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass jo esou, dass 2 Zyklen méi oder wéineger sollen anenee goen a matenee schaffen. Wann een dann en Cycle 2.1. an en Cycle 2.2. huet, da sollen déi matenee schaffen. Eis Grondschoul ass jo esou opgebaut, dass all Kand soll eng gewëssen Educatioun kréien. Et huet een awer heiansdo Kanner, déi besser a méi schnell virukommen. A bei engem Kand, wat méi schnell virukënnt, kéint een eventuell soen, dass – well dat Kand scho fäerdeg ass – et aner Programme ka maachen an deen dann och kontrolléiert gëtt. Dat ass natierlech och heiansdo eng zousätzlech Belaaschtung fir eng Klass. Et hängt natierlech och ëmmer dovunner of, wéivill Kanner een an der Klass huet, wéivill Kanner ee muss betreiwen, well ee se ë bësse méi muss pousséieren. Wann dat awer dann eng Surcharge gëtt, da kann ee sech virstellen, dass déi eng oder aner Persoun seet, dass se léiwer eng Klass wëll wou net no deem Modell gefuer gëtt a wou an engem Klass eenheetlech mam Programm weidergefuer gëtt.

#### **Gira Carlo (CSV):**

Ech hunn och Problemer, déi an déi Richtung vun deene Froen ginn, déi elo schonn hei gestallt si ginn. Ech sinn elo net e Fachmann an der Matière, mä ech froe mech, wisou et méiglech ass, dass – wa festgestallt gëtt, dass mer verschidde Projete sollen op d'Bee setzen – mer net genuch Leit fannen a mer déi Saach dann einfach opginn. Entweder mussen mer déi Projeten hunn an da mussen mer eis och dofir asetzen, dass mer Personal kréien, oder et ass net néideg, dass mer déi Projeten hunn an da brauche mer dat Personal och net.

Ech gesinn dat vläicht elo e bësse naiv, mä ech verstinn dat elo net richteg. Well bei deem enge Projet gëtt gesot, dass mer net Personal genuch hunn a bei deem anere Projet ass

et esou, dass kee sech dofir méllt. An dofir mussen mer déi Klassen opginn.

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass jo op individueller Basis, wou ee kann eng « classe hétérogène » huelen. Et ass jo net esou, dass een dat muss maachen. Et war jo de Wunsch vum Ministère, fir esou Klasse fonctionnéieren ze loossen. Mä et ass kee Muss. Wann een dat emol wëll probéieren an et gesäit een dann, dass et eng Surcharge gëtt, oder dass et engem vläicht och net dat bréngt, da läit dat um Léierpersonal selwer fir erauszefannen, wat dat bréngt an ob et nach e Wäert huet fir esou weiderzefueren.

Ech sinn awer der Meenung, dass ee kengem dro dra schwätze kann. Well beim Appui ass et och ähnlech. Et ass jo net esou, dass mer müssen eng gewëssen Unzuel an eng Zort vun Appui ginn. Beim Appui ass et jo och esou, dass mer en Appui solle gi wa Leit do sinn a wann een och gesäit, dass et wierklech e Sënn mécht en Appui ze ginn.

Wann een awer elo do seet, dass d'Madame Hoffmann probéiert huet fir esou eng Klass ze huelen an d'Madame Hoffmann awer elo der Meenung ass, dass déi Saach et net bruecht huet, an et ass och keng aner Persoun do, déi di Klass weiderféiert, da muss een de Choix vun där Madame – fir erëm eng « normal » Klass ze huelen – awer och acceptéieren. Et hängt jo och ëmmer dovunner of, wätfir Schüler een huet.

#### **Gira Carlo (CSV):**

Ech hunn elo net en direkte Problem domatter, dass eng Persoun eng Klass net méi wëll hunn oder sech wëll aneschtens orientéieren. Mä ech verstinn net, dass mer Saachen an d'Liewe ruffen an dann no engem Joer stelle mer fest, dass dat net klappt. Entweder brauche mer et oder mer brauchen et net. Dat ass dat, wat ech net verstinn.

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Wa mer elo vun der « classe hétérogène » ausginn, esou muss ee kënnen soen, ob mer dat brauchen oder net. Ech mengen, dat hängt vun deem Eenzelnen of, wéi deen dat gesäit. Bei der « classe molecule » hu mer wierklech festgestallt, dass mer et géinge brauchen. Mä mir hunn de Moment keng Ressourcen. Mir hu jo och gesinn, wat mer elo vu Contingent erlaabt kritt hunn. Also mussen mer de Moment esou fueren. An ech mengen, wann deen neien Inspekter – dee mer elo hunn an deen eng aner Approche dozou huet – seet, dass hie sech nach eng Kéier wëll dofir asetze fir am Januar dem Ministère en neie Projet virzeleeën an ze kucken, fir d'nächst Joer erëm esou eppes an d'Welt ze setzen. Ech mengen, do si mer dann awer trotzdem um gudden Wee. De Moment hu mer elo emol gekuckt fir den Appui ze verstärken. Mir hunn och gekuckt fir Klasse bäizesetzen an doduerch eng Klassenmoyenne ze kréien, déi manner héich ass, esou dass mer d'Kanner besser entouréiert kréien. A mir hoffen, dass mer domatter gutt iwwer d'Bühn kommen.

#### **Gira Carlo (CSV):**

Wann ech dat da richteg verstinn, da stelle mer verschidde Saachen fest, mir maachen eng Demande un de Ministère a mir müssen da kucke fir dat, wat mer autoriséiert kréien, an d'Schouloorganisatioun ze schreiwen.

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Jo, mä dat war nach ëmmer esou.

#### **Becker Romain (déi gréng):**

Et ass natierlech bedauerlech, dass déi Klass « Molecule » momentan net méi besteet. Mä ëmsou méi bemierkenswäert

ass et, datt mer eng Klass « Logopédie » an d'Pétenger Gemeng kréien, an dat schonn eleng, wéi d'Madame Conter gesot huet, wéinst dem Transport. Well déi Kanner hu missten individuell an d'Stad pilgeren an et ass fir déi Famillen, déi betraff sinn, vill méi einfach wa se kënnen an der Gemeng bleiwen.

Am Compte rendu vun der Kommissioun steet och, datt et maximum 8 Kanner sinn, déi an déi Klass kéinte kommen. Wësse mir, oder weess de Schäfferot, wéi vill Kanner effektiv kéinten a Fro kommen, op Grond vum Dépistage vun de Klasse virdrun? A geet et dann duer mat deenen 8 Plazen?

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

8 Plazen ass de Maximum, wou d'Logopädie gesot huet, fir datt se kënnen gutt mat de Kanner schaffen. Wann et der méi sinn, da gëtt dat vill méi kritesch. Mir hu jo och eng Persoun mat enger ganzer Tâche zougestane kritt, plus nach weider 10 Stonne vun der Logopädie. Mir wëssen awer och, datt nach méi Kanner do sinn, déi mer misste betreien, mä bei där heite Klass geet et jo elo emol drëm, fir Kanner aus dem Cycle 1 ze betreien.

Mir hu jo och nach eng gewëssen Zuel vu méi grouse Kanner, déi dann awer nach mussen bis an d'Stad fueren. Déi bleiwen och an der Logopädie an der Stad. Wa sech natierlech elo géif erausstellen, datt nach méi Kanner géife kommen, da mussen mer ëmdenken oder d'Logopädie misst eis méi Leit zougestoen. An da mussen mer kucken, zesumme mat der Logopädie a mam Ministère, ob mer kënnen an och wëllen op dee Wee goen. An da wäert sech duerno och d'Fro vun de Raimlechkeeten a vum ganzen Ëmfeld stellen.

De Moment ass déi Klass hei hei emol fir ee Joer geplangt. An da gesi mer jo, wéi et fonctionnéiert. Fir ee Joer hu mer elo emol Raimlechkeeten, an da kucke mer, wat mer dorausser an Zukunft kënnen maachen.

#### Becker Romain (déi gréng):

Dat ass och gutt esou. Et kann ee jo elo iwwer d'Joer kucken, ob een dat muss ausbauen oder ob et esou weider ka lafen. Op jiddwer Fall ass et begréissenswäert, datt och déi 2 Comités d'écoles domatter averstane waren. Dat selwecht gëllt och fir d'Leit aus der Kommissioun. Et ass scho wichteg, datt déi Kanner kënnen direkt hei an der Gemeng betreit ginn, virun allem well een och weess, datt et fir ganz vill Leit beschwéierlech war fir mat hire Kanner an d'Stad an d'Logopädie ze goen. Et ass scho wichteg, wann d'Kanner am fréien Alter d'Méiglechkeet hu fir richtig schwätzen ze léieren.

Et ass dëst schonn eng gutt Initiativ.

#### Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, well wann e Kand net vun Ufank u ka richtig schwätzen, dann huet et während senger ganzer Schoulzäit an och duerno a sengem ganze Liewe Problemer. A fir deem virzebeugen ass dat heite schonn emol eng gutt Iddi. Ech hoffen, datt et seng Friichten dréit an datt et duerno ka weiderlafen.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt awer nach zum Verständnis soen, datt de Grond, firwat déi « Molecule » ophält, deen ass, datt de Ministère eis déi Ressourcen, déi en eis d'lescht Joer ginn huet, elo net méi gëtt. Dat ass an den Diskussiounen elo net esou kloer erauskomm. An dat weist, datt se vun deem ganze Projet net esou iwwerzeegt sinn, well soss géifen se eis weiderhin déi Ressourcen zur Verfügung stellen. Dat ass op jiddwer Fall eng Feststellung, déi een hei muss maachen. An ech hoffe just, datt et an der Logopädie net d'selwecht geet.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.1.

### Propriétés.

Contrat de bail portant sur la location d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « In der Poeschelott » à M. et Mme Camille Sales-Zens – approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zum Punkt 6, deen a verschidde Rubriken agedee ass. Et geet do ëm e Contrat de bail, ëm e puer Compromisen an ëm een Acte. D'Punkte 6.1. bis 6.4. hänken zesummen an do geet et ëm Terrainen an der Entrée zu Lamadelaine. Et ass do, wou den Iwwergang tëscht Rodange a Rolleng ass, do, wou déi fréier Seelebunn war. Do louchen Terrainen, déi fréier der MMRA gehéiert hunn an doropshin huet d'MMRA déi Terrainen verlount gehat. Virun enger gudder Zäit huet d'MMRA awer déi Terrainen un d'Gemeng verkaaft a mir hunn elo 2 Problemer do festgestallt.

Engersäits huet eng Famill ee Gaart op enger Plaz amenagéiert an dofir proposéiere mer dem Gemengerot fir e Contrat de bail ze maachen an esou déi Verhältnissen och ze klären. Net datt no 30 Joer de Gaart op eemol an aner Hänn fält. Mir géifen där Famill och dee Gaart fir de symboleschen Euro verlounen, fir datt se och kënnen weiderhin dee Gaart maachen. An op där anerer Säit huet d'Gemeng jo och keng Aarbecht mat deem Terrain. Esouwäit zum Punkt 6.1.

D'Punkte 6.2., 6.3. a 6.4. sinn 3 Garagen, déi di Leit och vun der MMRA krut hunn an déi dann och elo op Gemengenterrain stinn. Déi Terrainen wollte mer deene Leit awer verkafen, net datt mir Propriétaire vum Terrain sinn an d'Leit Propriétaire vun de Garagen. Mir géifen de Leit déi Parzellen an och dee Wee, dee bei d'Garagë féiert, cedéieren. Well dat awer « terrain labourable » ass, hu mer de Verkafspräis op 500 Euro den Ar festgeluecht. D'Leit mussen och d'Enregistrementskäschten an d'Käschte fir d'Ausmoossen iwwerhuelen. D'Leit sinn och bereet dat ze maachen.

#### Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hätt eng Fro zu deenen Terrainen, wou di Garagë stinn. Ass déi Spëtzt vum Terrain Gréngzone?

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen net, datt deen Terrain Gréngzone ass. Den Terrain grenzt awer un eng Gréngzone. Et ass och kee Bauland, well et ze vill schmuel ass.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.2.

### Propriétés.

Compromis portant sur la cession d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « In der Poeschelott » à M. et Mme Camille Sales-Zens – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

## 6.3.

### Propriétés.

Compromis portant sur la cession d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « In der Poeschelott » à Mme Hilda Hahn – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

#### **6.4.**

##### **Propriétés.**

Compromis portant sur la cession d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « In der Puschelott » à Mme Cristina Monteiro Duarte – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

#### **6.5.**

##### **Propriétés.**

Compromis portant sur l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit « rue Eugène Huberty » de la part des héritiers de M. Enzo De Matteis – approbation.

##### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir sinn nach am gaangen al Kamellen opzeschaffen. Hei geet et ëm Terrainen zu Rodange am Lotissement « A la Wissi », wou d'Stroossen eis nach net gehéieren a wou mer dann elo mat den lerwe vum Här De Matteis e Compromis ënnerschriwwen hunn, fir datt déi Stroossen dann och an de Besëtz vun der Gemeng kommen. Esou wéi et am P.A.P. virgesi war, ginn déi Stroossen gratis un d'Gemeng cedéiert. An déi Terrainen, déi domatter an de Besëtz vun der Gemeng kommen, belafe sech am Ganzen op ronn 50 Ar.

**Approbation à l'unanimité.**

#### **6.6.**

##### **Propriétés.**

Compromis portant sur l'acquisition de terrains sis à Lamadelaine, lieu-dit « rue de la Montagne » de la part de M. Gustavo Beamud et Mme Maria Del Mar Araujo – approbation.

##### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Op Grond vun enger Baugenehmegung mussen den Här Beamud an d'Madame Araujo eis Terraine cedéieren. Et sinn dat Terrainen, déi zu der Voirie gehéieren. Déi Terrainen hunn eng Gesamtgréiss vu 84 Zentiar. De Compromis ass och schonn ënnerschriwwen an et geet elo drëm, datt de Gemengerot deem nach zoustëmmt.

**Approbation à l'unanimité.**

#### **6.7.**

##### **Propriétés.**

Compromis portant sur l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « rue des Prés » de la part de la société NeoDesign sàrl – approbation.

##### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei gouf kierzlech zu Rolleng an der rue des Prés eng Residenz gebaut an am Kader vun där Baugenehmegung war virgesinn, datt 21 Zentiar vum Bauhär un d'Gemeng cedéiert gëtt fir an d'Voirie ze integréieren.

**Approbation à l'unanimité.**

#### **6.8.**

##### **Propriétés.**

Acte portant sur la cession de terrains sis à Lamadelaine,

lieux-dits « avenue de la Gare », « rue Mathias Heinen », « rue des Prés », « Auf den Gehren » et « rue Nicolas Thill » de la part de M. Romain Thill – approbation.

##### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Nodeem datt mer de Compromis de 25. Juni 2014 ënnerschriwwen hunn, steet haut den Acte op der Dagesuerdnung. Et gëtt d'Lotissement « Auf den Gehren » zu Rolleng, wou mer vum Här Romain Thill alleguerten déi Parzellen, déi do ufalen, cedéiert kréien. Dat geschitt och gratis op Grond vun engem P.A.P. an op Grond vun engem « projet de lotissement », dee virun enger Rei Joere gemaach gouf.

Hei geet et elo drëm fir den Acte guttzeheeschen a wann dat geschitt ass, da gehéieren der Gemeng alleguerten déi Stroossen aus dem Lotissement, esou wéi och déi kleng Wiss hanner dem Kierfecht.

##### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hätt eng Fro zu der Kräizung « rue Nic. Thill / Op den Gehren ». Do sinn esou Knuppen an der Strooss. Well d'Gemeng jo elo déi Stroossen iwwerhëlt, wollt ech froen ob eng Méiglechkeet besteet fir déi ewechzehuelen. Well do si Leit aus der Cité, déi sech beschwéiert hunn – wa se doriwwer rennen an obschon do Rietsvirfaart ass – an de Kaméidi esou grouss ass, datt een et an de Haiser nach mierkt. Besteet eng Méiglechkeet, fir déi Knuppen ewechzemaachen?

##### **Breyer Roland, Schäffen:**

D'Méiglechkeet, fir se ewechzemaachen, besteet ëmmer. Et sinn awer och Leit do, déi se wëlle behalen.

##### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech weess dat.

##### **Breyer Roland, Schäffen:**

An der Lescht verfuere mer folgendermoossen:

Wa Leit ënnerschreiwen, datt se Knuppe virun hirem Haus wëllen, dann envisagéiere mer dat. Well awer elo keng esou eng Demande méi erakomm ass, gi se iwwerall ewechgeholl.

##### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Dat heescht, wann ee gären d'Knuppe wëll ewechgeholl kréien, da sollen déi Leit lech uschreiwen?

##### **Breyer Roland, Schäffen:**

Richtig. Mir schreiwen dann déi Leit aus dem Lotissement un, datt mer d'Knuppen ewechhuelen. An da jäizen alleguerten déi Leit, déi net op där Plaz wunnen, datt se se wëlle behalen. Et wëll awer keen se viru seng eegen Dier.

D'Leit sollen eng Petitioun maachen, datt mer d'Knuppe sollen ewechhuelen an da maache mer dat.

**Approbation à l'unanimité.**

#### **7.**

##### **Personnel.**

Création d'un poste d'employé communal (m/f) pour les besoins de la structure d'accueil et de promotion touristiques, culturelles et historiques – décision.

##### **Breyer Roland, Schäffen:**

Mer hate schonn an der Budgets-presentatioun drop higewisen, datt mer drun denken, eng „structure d'accueil et de promotion touristiques, culturelles et historiques“ hei fir



d'Gemeng ze maachen. Et ass eng Struktur, déi mer nach net hei hunn an déi professionell soll bedriwwe ginn, well mer der Meenung sinn, datt mer onwahrscheinlech vill um touristeschen, kulturellen an historesche Plang ze bidden hunn. Déi Struktur soll an dat rout Haus kommen, dat am Moment transforméiert gëtt. Wa mer de Planning kucken, da soll dat um Ufank vum nächste Joer fäerdeg sinn. Et wier dann un der Zäit, e bësse méi präzis iwver déi nei professionell Struktur ze ginn.

Mer wëllen do touristesch Offeren ausschaffen, esou datt mer do eng Zentralisatioun maache vun all deenen Acteuren, déi am Tourismus, an der Kultur oder an der Geschicht schaffen. Do soll eng Koordinatioun geschéien an do sollen all d'Aktivitéiten, Attraktivitéiten a Manifestatiounen zentraliséiert ginn, esou datt do en „accueil touristique“ entsteet, wou ee kann erakommen an Depliante krit, esou wéi dat am Ausland an och hei am Land de Fall ass. Et ass awer och iwver déi nei Medien, wou ganz vill Media a Marketing gemaach gëtt. Déi Saache solle gruppéiert, koordinéiert ginn, esou datt se gutt agepak gi fir den Tourist an datt en se versteet an deene Sproochen. Et soll richteg kommerzialiséiert ginn, also datt mer Packagé schafen an eventuell och Féierunge maache fir déi Attraktivitéiten ze verbannen.

Mir hu jo ënner anerem hei an der Gemeng de „Parc industriel et ferroviaire du Fond-de-Gras“, dee schonn esou eng touristesch Struktur huet. Deen ass en Deel vun der touristescher, kultureller an historescher Offer. Hei geet et méi wäit, well mer och gären eis Uertschaften an eis aner Gebaier domat wëllen associéieren, déi de Moment nach e bëssen abseits vun där Offer leien. Hei soll e Gesamtpackage entwéckelt ginn. Fir dat funktionéieren ze loossen, brauche mer op d'mannst eng Persoun, déi haaptberufflech dorunner schafft. Mir hu geduecht fir e Poste vum „employé communal“ ze schafen awer kee Beamten. Aus wat fir enge Grënn? Well mer drun denken, dee relativ séier anzesetzen, esou datt en net dee ganzen INAP muss duerchlafen, well en do Saache géif léieren, déi vläicht net esou noutwenneg wieren op där Plaz. Hei ass méi e Koordinator, deen den Inhalt vun der Offer, déi e vermëttelt krit, muss verstoen. E muss d'Uertschaften e bësse kennen, e muss och d'Geschicht vun der Gemeng e bësse kennen. A well mer dee ganz séier brauchen, wollte mer net dee laange Wee goen. Mer wollten och eventuell eng Persoun mat vill Erfahrung aus dem Chômage huelen an en ob déi Manéier déi zweet Carrière kéint ophuelen. Well e ganz autonom muss schaffen, wier et elo vläicht un der Zäit fir deen esou séier wéi méiglech ze definéieren an anzesetzen. Mer hunn an deem Sënn mat der Beamtendelegatioun geschwat, well mer jo awer ëmmer gären hiren Avis froen. Dee läit och vir, deen ass an deem Sënn positiv, obwuel si ëmmer léiwer e Beamten ewéi e Gemengenemployé hätten. Mä am Prinzip begrëisse si awer, datt mer an d'Struktur Chômage kucke gi fir esou Leit ze kréien.

An deem Sënn wollte mer dee Posten elo hei proposéieren, esou datt mer eis kënnen op d'Sich maache fir e Kandidat, deen e bëssen anescht muss schaffen an affektéiert bleift am Office des citoyens, d.h. dem Margot Klasen säin Service. An dat obwuel déi Chef de Service gesot huet, mer sollten eis Gedanke maachen, well dat der vläicht vill derbäiginn. Mer maachen eis och Gedanke fir déi Struktur emol eng Kéier nei ze definéieren. Hei ass zwar eng Struktur déi un der Gemeng drunhänkt an duerch Glasfaser mat der Gemeng verbonden ass, och wa se an engem anere Gebai ënnerbruecht ass. An eventuell och während Zäiten, wou d'Gemeng net op ass, zum Beispill um Wochenenn, wann touristesch Besoinen do sinn. Dofir definéiere mer dee ganzen Service nei. A vläicht komme mer och do nach mat engem Virschlag zeréck. De Moment wier et fir dee Posten ze schafen, an ech sti fir weider Froen zur Verfügung.

#### **Thein Joe (adr):**

Ech wëll dem Schäfferot Merci soe fir déi Iddi, déi hien hei opruecht huet. Ech fannen et eng gutt Saach, datt mer d'Promotioun vun eisem kulturelle Räichtum zentraliséieren a förderen. Et ass och gutt, datt mer een aus dem Chômage huelen. Dat ass ëmmer déi Propositioun, déi ech vertrieiden, an zwar datt mer deene Leit sollen d'Chance ginn, eng Roll doran ze spillen. Ech géif awer och d'Iddi mat op de Wee ginn, ob mer net sollten eppes wéi en Integratiounsbeoptragten do mat erabrëngen. Well dee kéint och a Relatioun mat deem Sujet eng Roll spillen an als Instanz fir d'Integratioun hei an der Gemeng eng zentral Roll spillen.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Ech gesi vläicht déi Carrière separat, mä net onbedéngt heimatter vermëscht, an zwar well hei e ganze Koup Saachen derbäikommen. Et ass en Animateur, e Coordinateur, e muss Féierunge maachen, an et kënn jo och nach e Musée vun der Resistenz, vun der Liberatioun an dem rouden Haus derbäi. E soll och eng Koordinatioun mat de Geschichtsfreënn maachen, wou hien optanke ka wann en Informatiounen brauch an e kann och an der doudeger Saison do eng Hand mat upaken. Wat deen heiten ze maachen huet als Persoun, dat ass scho relativ vill. Besonnesch wa mer bedenken, datt hien och emol krank ka ginn an datt en och an de Congé geet. Als Appui hate mer jo an där Struktur och nach de Syndicat d'initiative Péteng. Dee soll an déi Struktur andrëngen an dat e bëssen ënnerstëtze wann Nout um Mann ass, well do d'Periode jo ganz verschidde sinn. Am Summer ass ganz vill lass a wou e vläicht 60 Stonne muss schaffen. Aner Saache si manner besat. Ech gleewen net, datt vill Zäit bleift. E muss jo och nach Packagé ausschaffen, Iddie sammelen.

Den Integratiounskoordinator gesinn ech an enger aner Funktioun an och an engem aneren Service. Hei ass eng komplett touristesch Oder, déi mer entwéckelen. Och well mer nach Hoffnung hunn, datt d'Gemeng sech touristesch weider entwéckelt. An déi Hoffnung ass nach ëmmer berechtigt, esou datt ech mengen, mer sollen deen Atout net vermëschen. Mä ech ginn dat un d'Madame Conter weider. Si kann dat mat an d'Chancëgläichheetskommissioun huelen.

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Esou wéi ech den Här Thein verstanen hunn, mengen ech, datt d'Missioun fir d'Integratioun an d'Chancëgläichheet e gudd Package wier wann een dat kéint zesammen doen. Dat wier eng Erausforderung fir eng Persoun, éischer wéi wann et touristesch verbonne wier.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mer hu jo 2 Kommissiounen, da kënnen déi Propositiounen maachen.

#### **Patrick Arendt (CSV):**

Et ass jo e Posten, deen am Office des citoyens integréiert ass. Esou hat dir dat virdru gesot, Här Breyer. Et ass och ganz wichteg, datt e ganz enk am Kontakt mat de Geschichtsfreënn steet, well et geet jo haaptsächlech dorëm, den „accueil touristique“ ze garantéieren an Offeren auszeschaffen.

Dat rout Haus, dat wësst der jo alleguer, läit am Agang vu Péteng. Wann dat Ganzt fäerdeg ass, dann ass dat eng genial Saach, déi dee Moment och performant Informatiounen un d'Touristen, déi wëlle weider Informatiounen kréien, weider ka ginn.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Also e gëtt op der Plaz duerch de Syndicat d'initiative, deen dat, also déi ganz touristesch Kollaboratioun, jo a senge



Statute stoen huet. E gëtt awer och mat ënnerstëtzt duerch d'Geschichtsfreënn, well en do seng Quelle siche geet. Wann e soll eng Visite maachen oder e Package entwéckelen, wann en de Leit soll eppes zielen, da muss e jo scho wëssen, vu wat e schwätzt. Dofir muss en och do integréiert bleiwen. Spéitstens wann d'Geschichtsfreënn op hiren neie Site ginn, da si se och per Glasfaser matenee verbonnen. Net physesch, se mussen net op darselwechter Plaz sëtzen. E ka sech awer dann och an de moere Méint bei de Geschichtsfreënn beschäftegen, well doduerch gëtt e jo och nei inspiréiert. Dat ass schonn e gudder Switch.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech wollt genee dat froen, also d'Koordinatioun tëscht dem Tourismus an der Geschicht. Also et ass geduecht, datt en am Summer haaptsächlech um touristesche Gebitt schafft an dann am Wanner – wann d'Méiglechkeet besteet – bei de Geschichtsfreënn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

E kann do eng Hand upaken, e muss esouguer do eng Hand upaken. Wéi gesot, e geet dohinner fir sech z'inspiréieren.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech mengen, et ass eng gudd Saach wa mer vill ze vermaarten hunn oder hätten. Mer hunn de „Parc ferroviaire“, deen och ëmmer nees zur Sprooch kënnt. Dat ass jo schéin. Net wäit ewech hu mer d'Ausgruewungen um Tételberg, mer hunn och d'Minièresbunn, an da si mer awer scho bal um Enn. D'Schlass hu mer deemools net gewollt. Méi hu mer u gréisseren Attraktiounen direkt net ze bidden. Mir bréngen et net fäerdeg, op eis aldeeglech Situatiounen opmierksam ze maachen oder opzepasst well – ech soen dat, wat ganz ville Leit um Häerz läit – wa mer weiderhi ganz Péteng mat Residenzen zoubauen, da musse mer net mengen, datt och nach Touristen dat kucke kommen.

An der Jobbeschreiwung steet „...cataloguer et à conserver la mémoire communale“. Dat ass super, dat hate mer scho viru Joeren ëmmer ugeschwat an ugeduecht, mä do ass ni eppes oder net vill erauskomm – bis elo emol. An dat, well déi „mémoire communale“ ëmmer manner gëtt, well do scho ganz vill Leit, déi ganz vill hätte kënnen erzielen, ni gefrot ginn. Déi sinn ni katalogiséiert ginn. Et ass ee bal ni oder wéi et schonn ze spéit war, bei déi Leit gaange fir ze froen „Wéi war dat deemools?“ Et ass schued, datt elo, nodeems scho vill Leit net méi do sinn, dat nees ugeschwat gëtt.

Wat d'Féierungen ugeet, do komme mer nees drop zeréck, datt dat sech haaptsächlech op d'Ausgruewungen um Tételberg, Fond-de-Gras an d'Minièresbunn bezitt. Richteg Attraktiounen, wou een d'Leit kéint heihinner lackelen, hu mir weider net an der Gemeng ze bidden. Et ass scho gudd, datt mir esou eppes maachen, mä ech fannen, datt mer e bèsse grouss gesinn. Deen Employé kënnt jo eng fest Zäit dohinner schaffen. Et wäert schonn esou sinn, datt deen hallef fir d'„Promotion touristique“ schafft an hallef an deem Service hëlleft, wou en engagéiert gëtt an der Gemeng. Der Posteschreiwung an den Ausféierung vum Här Breyer no gesäit et esou aus, wéi wann dat op eng bestëmmte Persoun zouggeschnidde wier. Ass dat esou?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Mir hunn e Profil am Kapp. Keng Gréisst, kee Gesiicht, just e Profil.

**Becker Romain (déi gréng):**

Den Erklärungen no huet et awer esou geklongen ewéi wann dat eng bestëmmte Persoun wier, déi dat scho kéint maachen. An da schreiw mer ënnendrenner, et géif

ausgeschriwwen ginn. Also dat sinn déi Saachen, déi mer um Häerz leien. Mir mussen awer dann oppassen, datt mer eis ganz Gemeng e bessen attraktiv fir Touriste maachen – wann et net schonn ze spéit ass – an net alles zoubauen. Dat huet näischt méi mat enger Touristestad ze doe wann d'Leit duerch déi riseg Residenzen d'Liewensqualität geholl kréien.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Ech huelen un, datt den Här Buergermeeschter och dorop wëll äntwerten. Fir dat lescht elo mol einfach opzegräifen. Et ass en Accueil an eng „Promotion touristique, culturelle et historique“, also 3 Saachen. Et gi Leit, déi op New York gi fir Héichhaiser ze gesinn a se déi wëlle kucke well awer och e kulturellt Angebot derbäi ass. Et muss een einfach richtig kombinéieren.

Dir mengt, mer hätten net vill ze bidden an hutt 3 Saachen opgezielt, déi markant sinn an och just an der Saison funktionéieren, mä déi awer an der Wintersaison guer net funktionéieren. Mir hunn awer nach vill méi ze bidden. Mer hunn esou vill Naturschéinheeten, Attraktivitéiten a Spezialitéiten ze bidden ewéi all kleng Uertschaft aus dem Schwarzwald. Just fir ze soen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech hat jo extra betount, datt déi 3 Saachen déi grouss Ophänger sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat ass jo och gudd esou. Dat ass och de Réckgrat vun deem Ganzen. Wat stelle mer dobäi fest? Mir stelle fest, datt mer 10.000 bis 15.000 Leit domatter unzéien. Dat ass och bemierkenswäert. Mä mir stellen awer och fest, datt d'Leit an der Peripherie an den Zuch klammen, an der Peripherie fueren an och eppes gesinn, mä d'ganz Gemeng net gesinn oder kee Bléck an d'Gemeng geheien, esou datt d'Gemeng och kee Profit vun deem Tourist huet. Dat kann ee besser matenee kombinéieren. Mir hunn, ech ginn emol e Beispill, de Musée de la Résistance, e Musée de la Libération, déi derbäikommen. Mer hunn e Musée Bim Diederich, en nationale Keelenzenter, mer hunn de Fun City, mer hunn d'Fëschweieren, mer hunn 2 Millen, mer hunn hei a mer hunn do, mer hu Kulturzenteren. Iwwerall gëtt eppes gebueden, mä mer mussen et just richtig vernetzen. Mer kënnen net all klengt Evenement vernetzen, dat ass sécher. Mer wëllen dat och a wëllen och de Veräiner net d'Impressioun ginn, datt mer do eng grouss Marketing-Struktur kréichen. Do gëtt gefiltert an da gëtt dat eraus geholl, wat e ka sënnavoll matenee verbannen a wat ee kann un den Tourist bréngen.

Mir stellen awer och fest, datt, wa mer sonndes mëttes op Réimech fueren, mir Pétenger, Rodanger a Lamadelainer gesinn, déi do Hand an Hand trëppele ginn. Wa mer awer hei an der Gemeng emol de lokale Migrationstourismus géifen ënnerstëtzen, emol een deem anere weisen, wéi e wunnt a wat do lass ass, dat ass déi éischt Missioun vum Tourismus, déi ech gesinn. Also datt mer deene Rodanger a Lamadelainer emol Péteng weisen an de Pétenger och Rodange a Lamadelaine weisen. Do hu mer esou vill ze weisen, geschichtlech a kulturell Saachen, och schéi Gebaier a Fassaden. An all dat kann een als Package lues a lues opbauen. Et muss een ufänke mat deem, wat een huet.

A wann en Hotel derbäi kënnt, ma ëmsou besser, well da kréie mer och nach Leit vu baussen derbäi. Mä mer sollen dee lokalen a kommunalen Tourismus an duerno deen nationalen Tourismus entwéckelen ier mer international ginn. Dofir brauche mir Packagën, dofir brauche mer interessant Saachen ewéi am Schwarzwald. Ech ginn net midd, dat ze soen. Wann ech do an d'Vakanz ginn a moies opstinn, da läit en Ziedel um Dësch wou „Guten Morgen“ dropsteet, datt et

10 Grad sinn an och nach, wat deen Dag um Programm steet. Mer proposéieren iech e klengen Tour ronderëm de Schluchsee ze maachen. Dat ass 1 km. Do trëppels de da laanscht an et erzielt een der Saachen. Et sinn och nach 5 Leit hannendrun. Do bezils de dann 2 Euro. Mä et ass fir d'Leit ze beschäftegen.

A mir hu vill méi ze bidden ewéi de Schluchsee, an do solle mer Potenzial draus zéien. Mer mussen emol eng Kéier ufänken, dat ze exploitéieren. Dat brauch awer seng Zäit. Am Ufank wäert déi Persoun héchstwahrscheinlech grad esou vill bei de Geschichtsfrënn ewéi bei eis schaffen. Mä lues a lues wäerte mer do eng Struktur gesinn – an de Schäfferot huet se scho gesinn – déi verstärkt soll ginn.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Fir op d'Residenzen zeréck ze kommen, wollt ech dat hei soen. Op der Dagesuerdnung komme mer jo haut schonn op deen éischte Schratt. An enger Gemeng wéi Péteng, mat bal 18.000 Awunner, muss een dat eent an och dat anert hunn. Et muss ee sécherlech Quartieren hunn – an dat sinn déi, déi mer elo hei wëlle beschützen – wou an de leschte Joeren net vill Residenze gebaut goufen. D'Residenze ginn am Zentrum vun eisen Uertschaften an net an de Quartiere lénks a riets vun der Lëtzebuerger Strooss gebaut. Do ass ganz wéineg gebaut ginn. Et brauch ee Plazen, wou effektiv Haiser solle bestoe bleiwen. Ech denken do un al Schmelzenhaiser oder un al Eisebunnehaiser, déi sécherlech en Deel vum Cachet an eisen Uertschaften duerstellen. Mä fir datt d'Liewensqualität an deene Stroossen an d'Haiser bestoe bleiwen, brauche mer awer och eng Geschäftswelt. Wann d'Leit fir all Croissant op Käerjeng oder op Esch mussen fueren, da bleift d'Liewensqualität net wéi se soll sinn. Haut kann ee keng Tante-Emma-Laden méi erwaarden, déi kommen net méi iwwer d'Ronnen. Mer brauche méi grouss Geschäfte, wou déi méi grouss a méi „sattelfest“ Betriber sech néierloossen. Et muss ee kënnen d'Grundversuergung an eiser Gemeng maachen, a wou een net muss an den Auto klamme fir all Klenggekeet, déi ee wëll kafe goen.

Dofir mengen ech, datt mer eng Mixtur mussen hunn. Dat ass och de Sënn vum Moratoire, dee mer duerno proposéiere respektiv och dat, wat nach méi spéit kënt wa mer de PAG wëllen definéieren. Mir brauchen Zentren, wou Geschäftswelt ass, wou Aktivitéit ass, wou och keng doudeng Uertschaft ass an et just en Duerf ass, wou ee schlofe geet an ee soss näischt ka maachen. Mir wëllen Uertschaften an deenen Aktivitéite sinn, wou eppes lass ass d'Wochenenn, wou ee kann akafe goen. An natierlech brauche mer eng ganz Rei Quartieren, wou mer soen, mer beschützen d'Leit. Do sollen och keng Residenzen hikommen. De Wee, dee mer elo amgaange sinn ze maachen, ass dee richtegen. Fir de Moment hu mer et nach fäerdeg bruecht, well am Zentrum nach Méiglechkeete ware fir Residenzen ze bauen. Mä deen Dag, wou am Zentrum keng Plaz méi besteet fir Residenzen ze bauen, wäert dat Ganzt sech op déi aner Quartieren ausbreeden. An dofir mussen mer eis deen Outil ginn, esou datt mer Quartiere behale wou keng Residenze sinn, wou mer Eefamiljenhaiser hunn an op enger anerer Plaz wou mer den Zentrum entwéckele loosse. Dat sinn d'Weeër, déi mer an deenen nächste Méint zesumme goe wäerten. A wa mer bis dann op dee Punkt kommen, wou de Gemengerot eng Entscheidung getraff huet, dann huet de Buergermeeschter och d'Méiglechkeet fir eppes ze refuséieren. Fir de Moment ass dat onméiglech. Dofir maache mer och dee Moratoire. Mer kommen einfach ëmmer méi ënner Drock an den nächste Méint, well d'Leit net wësse wat mer maache fir eis do ze schützen. Do si mer eis eens, mengen ech. Op engem Punkt si mer eis net eens, an zwar datt ech mengen, Residenze mussen an eng Uertschaft ewéi Péteng oder Rodange kommen, well och dat eng Aart vu Liewen ass, déi

ganz vill Bierger wëllen hunn, well se net méi wëllen e Gaart hunn, well se keng Zäit hunn dofir. Mer mussen just e gesond Gläichgewicht an eisen Uertschaften hunn.

#### **Becker Romain (déi gréng):**

Fir séier dorop zeréck ze kommen, et gesäit ee jo awer ëmmer méi, datt Eefamiljenhaiser ofgerappt gi fir eng Residenz mat 4, 5 oder 6 Apparterter ze bauen.

Eng aner Saach. Dir hutt och gesot, mer bräichten eng Geschäftswelt. Mer hu jo an all deene Residenzen um Rez-de-Chaussée eppes virgesi fir e Geschäft dran ze maachen. Mä ech fäerte just, datt duerno Zeitungen an de Fënsteren hänken, well kee Mënsch sech do traue. An dofir wollt ech dem Schäfferot – dat huet elo net direkt eppes mam Sujet ze dinn, mä well mer schonn derbäi sinn – mat op de Wee ginn, ob een net ka wéi an aner Gemengen – dat gehéiert dann och zur Promotioun, vun där den Här Breyer geschwat huet – eng Hand mat upaken als Gemengerot a Schäfferot fir eenzel Geschäftsleit an déi Lokaler eranzekréien.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Mer hunn elo d'„Promotion touristique, culturelle et historique“. Datselwecht kann een och mat enger „Promotion commerciale“ maachen. Do ginn et einfach Saachen. Ech war dëser Deeg net wäit an d'Ausland, an do hunn ech a klengen Uertschaften gesinn, wat déi do produzéieren a wéi déi dat maachen. D'Bestanddeeler sinn déiselwecht. Et muss Lokaler do sinn, se mussen zu engem anstännege Präis ze lounen sinn an et muss eventuell een d'Garantie iwwerhuelen. Mir kënnen als Gemeng datselwecht maachen ewéi mer et elo iwwer de Sikor mat de Wunnenge gemaach hunn. Vlächicht kënnen mer eis do an déi Locatioun an an d'Garantie amëschen. Et muss e bëssen eppes lass sinn an deem Duerf, et muss eppes gebuede ginn. An et mussen Parkplazen do sinn, déi liicht ze fanne sinn. An an der Émgéigend muss e gewëssent Potenzial wunnen – Touristen oder Awunner. A wann een deene wëll eppes bidden, da muss een Imaginatioun hunn. Firwat kënnen mer net emol eng Kéier eppes fäerdegbréngen hei zu Péteng – well mer jo op der Grenz leien an déi grouss Akafszentren d'Nocturné maachen – an zum Beispill emol de Weekend op sinn. Also sech dorop spezialiséieren. Méindes an dënschdes ass vlächicht zou, mä dofir ass awer freides owes, samschdes a sonndes op. Et muss ee vlächicht nei Saachen ausschaffen. Do kann een och Promotiounen maachen. Déi eenzel Komponente fir esou e Menü ze maachen, déi si bekannt. Hei ass een Deel, deen dozou gehéiert. Et muss just nach en aneren derbäi kommen.

#### **Becker Romain (déi gréng):**

Ier der da bei d'Zentren am Grenzgebitt gitt, wier et awer méi flott, wann een dat an den Zentre selwer géif maachen.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Ech schwätze jo net dovunner, datt se sollen dohinner goen, mä d'Leit solle vun do heihinner kommen.

#### **Becker Romain (déi gréng):**

Déi Persoun heescht duerno, wéi mir op Lëtzebuergeresch soen, „City manager“. Ass dat esou?

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Am klengen Sënn, de Moment. E kann nach eng Kéier ausgebaut ginn, dann ass et e groussen „City manager“.

#### **Brecht Guy (LSAP):**

Meng Fro, wat d'Koordinatioun tëscht deem neie Posten an de Geschichtsfrënn ugeet, déi ass scho beäntwert ginn.

Dann huet den Här Becker mer och aus dem Häerz geschwat wéi e sot, datt d'Geschichtsfreñn effektiv méi op d'Leit duer solle goen, déi Zäitzeie sinn. Se sollen déi Leit schwätze loossen, dat ophuelen an et dann duerno verwäerten. Ech ginn och net midd, fir dat all Kéier an der Generalversammlung ze soen, mä et gëtt leider net exekutiert. Bon, et ass scho mam Här Léon Keiser sengem Buch vill erreecht ginn. Doranner kann ee scho vill noliesen, mä et gi bestëmmt nach vill interessant Saachen aus der vergaangener Zäit, déi een do kéint opfänken.

Mer haten emol ëmmer hei am Süden e Kulturkoordinator. Ech weess net, ob dat elo dee richtegen Ausdrock ass, mä et ass dat, wat de Jean Reitz emol eng Zäit gemaach huet. Dofir weess ech dat. Wat fir eng Roll kéint deen eventuell an eiser ganzer Organisatioun spillen? Kéint deen iwwerhaapt eng Roll spillen?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass kee méi do.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ah sou.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dee leschte Koordinator war den Tom Gantenbein. Hie war „délégué culturel du Sud“, an deen ass ofgezu ginn. Deen hat jo d'Antenn zu Péteng. Mir gesinn elo d'Koordinatioun méi mam „Office régional du tourisme“ a mam „Office national du tourisme“. Do ass dee Marketing, dee geschitt, mam ORT.

D'„mémoire collective locale“ soll een och net ze vill verwiesselen. D'Geschichtsfreñn hunn en Deel vun der „mémoire collective locale“ a sécherlech am grouse Ganzen. Mä se hunn awer och Zäitzeien, mä vu wat? Wa mer vum Léon Keiser oder vun där Generatioun schwätzen, dann ass dat méi aus dem Krich, an do mussen mer si net ze vill dermatter iwwerlueden. Do gëtt et jo och neierdénge e „Comité du souvenir de la commune de Pétange“, deen als Aufgab huet, de Souvenir héich ze halen. An d'Erënnerung un d'Krichsjoere ka roueg vun deenen iwwerholl ginn. Well d'Geschichtsfreñn sinn och net ëmmer ausgestatt fir alles ze maachen. Si maache scho ganz vill, mä wa si all Stéck vun der Eisebunn solle sammeln oder och déi vun der Schmelz an och nach de Bauerenhaff sollen ënnerdaach kréien, da kënnen se net och nach mam Mikro bei déi aner Leit goen. Do muss een d'Kompetenze ganz kloer definéieren.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass wichteg, datt esou eppes gegrënnt gouf. Dir hutt vum Syndicat geschwat, Här Breyer. Betrëfft dat elo déi zwee?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass de „Syndicat d'initiative de la commune de Pétange“, esou heescht en. E wëll sech dorunner interesséieren fir déi touristesch Koordinatioun méi markant ze iwwerhuelen. En huet sech och esou scho geout am Schäfferot an a senger Generalversammlung. Et ass deen ale Pétenger Syndicat.

**Brecht Guy (LSAP):**

Well mer hu jo awer och méi wéi ee Syndicat an der Gemeng. An zu Rolleng och.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo, de Rodanger Syndicat. An zu Rolleng, dat ass kee Syndicat, dat ass en Interesseveräin.

**Brecht Guy (LSAP):**

Jo, mä et ass ee Rollenger Veräin, dee ganz vill um Terrain ass.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi kënnen matschaffen. Déi dierfen do roueg afidderen, mä de Rodanger Syndicat wëll méi e lokalen Acteur bleiwen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech wollt awer och nach bemierken, datt d'Perola selbstverständlech och matmécht.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo, d'Perola dierf och mat afidderen.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

### Affaires sociales.

Décompte provisoire relatif à la construction d'une nouvelle Maison sociale à Pétange et vote d'un crédit supplémentaire de 275.000 euros – approbation.

<i>Total du devis approuvé:</i>	3.407.000,00 euros
<i>Total du crédit approuvé:</i>	3.476.103,44 euros
<i>Total de la dépense:</i>	2.923.526,14 euros
<i>Total de la dépense envisagée:</i>	3.750.000,00 euros

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir haten 2011 en Devis vun 3.407.000 Euro gestëmmt, mä mer wäerte liicht iwwer 3,7 Milliounen Euro leien, also eng Hausse vun 8 oder 9 Prozent. Mer hunn awer elo emol e provisoireschen Dekont gemaach mat enger klenger Reserve, an dat iwwer 3.750.000 Euro, esou datt mer genuch Suen hu fir den Dekont. Fir déi lescht Rechnungen ze bezuele brauche mer och en zousätzleche Kredit iwwer 275.000 Euro fir déi zousätzlech Aarbechten, déi d'Hausse mat sech bruecht hunn, ze bezuelen. D'Explicatiounen vum Här Schiltz stinn och an ärem Dossier. Wéi gesot, mer wäerten duerno bei maximal 3.750.000 Euro leien, oder éischter bei 3,7 Milliounen Euro.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Et ass wéi bei all Dekont, wou ech ze meckeren hunn. Et ass vläicht schonn eng Manie vu mär, mä do kommen ëmmer Saachen op d'Tapéit, déi hätte kënnen am Viraus virgesi ginn. Do hunn ech zum Beispill bei der elektrescher Installatioun am Dossier 65.000 Euro Supplément gesinn, bei der Fassad 10.000 Euro, den Daach 16.000 Euro an den „aménagement extérieur“ 33.000 Euro. Also dat si Saachen ewéi dee leschte Punkt, do muss ee jo awer eppes ronderëm maachen. Dat mussen dach d'Architekten an all déi Bureaue gesinn. Wat mech och immens stéiert, dat ass, datt se awer nach ëmmer hir 10% kréien. Ech mengen, dat bleift och esou. An dofir sinn déi och ëmmer do wann et drëm geet fir de Gemenge Saachen opzeschwätzen, déi am Virfeld hätte kéinten am Devis sinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei leie mer bei 8% iwwer der Zomm, déi virgesi war, an dat ass extrem gutt. Dat eenzegt, wou ech iech Recht ginn a wat net virgesi war – dat ass eben duerch den Office social gefrot ginn -, dat sinn déi 65.000 Euro fir déi Anlag, wou ee ka schellen an een dann direkt an deenen eenzelne Bureaue erauskënn an och opgemaach kritt. Dat war eppes, wat net virgesi war.

Den Devis fir d'Fassad, esou wéi dat ausgeschriwwen gouf, louch bei X Euro. 2013 oder 2014 louch e bei der Soumissioun 10.000 Euro driwwer. Gutt, et kann een dat natierlech net änneren. Et kann een natierlech dat och nach



méi héich usetzen. Mä mer mussen oppassen. Wa mer d'Devisen einfach ze héich usetzen, dann ass dat och net dee richtege Wee. Hei leie mer – an ech sinn och een, dee ganz kriddleg an deene Saachen ass – nach engem ganz normale Kader, deen ze verrieden ass. Mer wäerten nach Dekonten an nächster Zukunft kréien, déi vill méi an d'Luucht ginn. Mä dann ass dat schonn net méi esou gutt. Ech soen ëmmer, wann et ënner 10% läit, dann ass dat nach ze verrieden. Mä ech ginn iech Recht, datt een et maache kann. De Risiko ass natierlech deen, datt den Architekt seet, e géif sech eng Reserve vu 500.000 Euro ginn an och versicht, déi opzeschaffe well en do och nach seng 10% krit. Ech hu léiwer, mer schätzen dat méi enk an, an dann huet den Architekt och d'Obligatioun, sech a méi enke Kreesser ze bewegen. Wann een him de Costume ze grouss mécht, dann ass et geféierlech, well en da versicht, dee Costume voll a ganz ausnotzen.

### Approbation à l'unanimité.

#### Polfer John (CSV):

Ech wollt dem Gemengerot awer als President vum Office social villmools Merci soen, datt en dat hei ugeholl huet an ech invitieren iech dann all op d'Aweigung am Juni.

### 8.2.1.

#### Propriétés.

Contrat de bail avec Mme Heckmann Henriette pour un logement communal sis à Lamadelaine, Grousswiss n° 3 – approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer den 28. Abrëll 2014 déi Haaptrichtlinnen hei festgeluecht hunn, déi unzewenne si fir d'Verloune vun de Gemengewinnungen. Mer hunn och dem Office social d'Aufgab gi fir déi Saachen do ze kucken, well dat Sozialwunnenge sinn. Si sollen eis dann och eng Proposition maache wat déi eenzel Loyereren ugeet. Mer hunn och schonn eng Rei vun esou Loyerskontrakter hei presentéiert. Mer hunn awer doduerch och all déi aner Kontrakter op de Leescht geholl. Den Office social huet do gutt Aarbecht geleescht fir dat alles eng Kéier nozekucken. Do sinn dann elo eng ganz Rëtsch Kontrakter, déi all adaptéiert ginn. Wa mer dat hei duerchgezunn hu bis zum Schluss, da bezilt jiddereen - esou wéi mir dat den 28. Abrëll 2014 festgeluecht hunn – säi Loyer an och seng Chargen, esou wéi dat och soll sinn.

#### Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech hunn eng konkret Fro zum Punkt 8.2. Do gëtt e Loyer vun 1.050 Euro gefrot. Wann déi Fra fir déi Suen eng Gemengewinnung huet, da kéint déi Fra och anzwousch anescht wunne goen. Da kéint een déi Wunneng vläicht fräistelle fir aner Leit. 1.050 Euro, dat ass och schonn e relativ héije Loyer. Da verdéngt se net schlecht oder se huet keng schlecht Rent, esou datt se kann um fräie Maart eng Wunnung kréien.

Do steet dann och ënnendrenner, datt et net dierf iwwer 10.000 Euro goen. Ech hunn dat esou verstane wéi wann de Loyer 10.000 Euro am Joer net dierft iwwersteigen. Well de Loyer fir dat doten ass 12.600 Euro. Dann hunn ech dat dote vläicht schlecht verstanen. Mä ech fannen et awer net an der Rei wann ee fir dee Präis esou eppes um fräie Maart krit, an aner Leit waarden drop fir eng Gemengewinnung ze kréien. Dozou hätt ech gären e puer Erklärungen.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Ursaach ass, datt déi Plazen do fir eeler Leit geduecht waren. Et waren Alterswunnungen. Dat war de Critère, dee

mer deemools festgeluecht haten. A wéi deemools déi Gebaier gebaut goufen, do waren déi als Alterswunnungen definéiert ginn. Mer hunn dat duerno hei am Gemengerot geännert. Aus wat fir Grënn? Ma well do keng Lifte sinn a well mer zur Konklusioun komm sinn, datt déi Wunnungen net als Alterswunnunge gëeegent wieren. Do hu mer se als Sozialwunnungen ëmklasséiert. An op Grond vun deem hu mer 2014 gesot, mer géifen dem Office social deen Dossier gi fir ze kucke wat mer kéinte maache fir datt do och dee richtege Loyer sollt bezuelt ginn. Natierlech ëmmer no soziale Critèren. Elo komme mer natierlech bei der Berechnung drop a mer stelle fest, datt déi Madame eigentlech – an do ginn ech iech Recht – net ënner sozial Critèrë fält. Da muss ee sech awer d'Fro stellen ob et richtig ass, enger Damm, déi 1930 gebuer ass, ze soen, datt d'Critèrë geännert goufen am Gemengerot an si misst eng aner Wunnung sichen. Als Schäfferot hu mer gemengt, datt dat net soll gemaach ginn a si en adaptéierte Loyer sollt bezuelen. Wann déi Madame eng Kéier net méi an där Wunnung wunnt, da kënt selbsterständlech eng Persoun oder eng Famill oder eng Koppel dran, déi deene Critèren entsprechen, déi mer d'lescht Joer definéiert hunn. Mä ech mengen, datt et net richtig wier, wa mer déi Damm elo géife virun d'Dir setzen, well mer eis Meenung geännert hunn. Dat ass de Grond firwat déi Damm an der Wunnung bleift, mä e ganz anere Loyer bezilt, an dat a Funktioun vun hirem Akommes.

#### Gira Carlo (CSV):

Ech begrëssen, datt dat hei gemaach gëtt an datt den Office social sech dorëms këmmert. Well et solle jo Leit hei ënnerdaach bruecht ginn, déi no soziale Critèren eng Wunnung solle fannen. Hu mer eng Klausel dran, déi seet, datt, wann ee kee soziale Fall ass oder net méi ënner déi Critèrë fält, ee sech dann eppes anescht muss sichen. Well mer huelen der jo och eran, déi z.B. eleng Kanner erzéien. A wa se duerno e Partner hunn, dann ass d'Akommes jo och e ganzt anert.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass jo esou, datt dat do regelméisseg ee Mol d'Joer vum Office social nogekuckt gëtt. Wann een net méi déi sozial Critèren erfëllt, da musse mir hei entscheeden, ob mer där Persoun kënnegen oder net. Automatesch kritt se net gekënnegt. Bon, elo si mer op engem Punkt ukomm, wou de Gemengerot souverän genuch muss si fir eng Entscheidung ze huelen. Mä wa mir zur Konklusioun kommen, datt eng Persoun guer net méi dohinner passt, dann hu mir eng Kënnegungsfrist, déi virgesinn ass am Kader vum Artikel 8. Op Grond vun engem Preavis, deen 3 Méint virun der järelecher Oflaffrist muss kommen, kënnen mir zu all Moment – wa mir där Meenung sinn – kënnegen. Mä ech mengen, mer sollen dat awer vu Fall zu Fall kucken. An dee Fall, deen d'Madame Conzemius ugeschwat huet, ass e gutt Beispill, wou een awer muss iwwerleeën, ob een enger Damm vu 85 Joer muss zomudden, erauszepënnere well mir eis Meenung geännert hunn. Mä déi Damm wier wahrscheinlech, wa just déi sozial Critèrë gezielt hätten, och net a Fro komm fir dohinner ze kommen. Mä si ass deemools a Fro komm well se aus Altersgrënn an déi Wunnung gepasst huet a well mer deemools kee soziale Critère an deem Kontext hei gekuckt hunn. Mer hunn éischter den Alter gekuckt, an doduerch ass dat esou.

#### Gira Carlo (CSV):

Ech ginn iech jo och doranner Recht. Ech mengen, ech hu jo och just gemengt, wann d'Situatioun wierklech eng aner ginn ass an net ewéi hei, wou et schwierig ass fir ze plënnere. Mä ech mengen, wann eng Familljesituatioun komplett



ännert, da misst een deenen awer och kënnen soen, datt eng Persoun z.B. net méi Elengerzéier ass mä et zwee Partner sinn, déi e Verdéngscht hunn.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Wann ech eng Sozialwunneng zur Verfügung gestallt kréien, kann do och ee mat enger „profession libérale“ erakommen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Eigentlech net. Eng „profession libérale“ kann een net ausüben. Hei steet jo ganz genee drop, datt een déi Saachen do kann a muss gebrauche fir déi Zwecker. Ech weess, vu wat dir schwätzt. Mer missten awer do Bewäiser kréie fir ze kucke wéi et ass, an da misst een dat eng Kéier kucken.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Dir wësst wat et ass. Ech wëll net drop agoen, mä wann ech an der Zeitung liesen, datt ech Aarbecht ubidden, dann deet et mer leed. A wann et och nach op der Bréifkëscht steet.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mä da musst der eis emol deen Zeitungsartikel ginn.

**Pierre Norbert (LSAP):**

Liest dir d'Wort net?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Net an deem kleng Gedréckten.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hunn, wat den Här Buergermeeschter ugeschwat huet, scho Leit delokaliséiert. Mir hunn en Här, deen hei zu Péteng gewunnt huet an d'Familljekonstellatioun net méi geklappt huet, op Lamadelaine a méi eng kleng Wunneng gesat. En aneren Här, wou d'Familljeverhältnisser guer net méi deem entsprach hu wat am Kontrakt stoung, huet och vun eis gekënnegt kritt. Doranner si mer awer konsequent.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech wouss net, datt déi Damm 1930 gebuer ass. Mä et ass eng berechegt Fro, déi ech gestallt hunn. An ech hoffen datt, wann déi nächste Kéier nach eng Kéier esou eppes ass, datt dat revidéiert gëtt. Ech wollt awer elo net soen, datt déi Fra misst erausgesat ginn, mä ech hu fonnt, datt dee Loyer ze héich ass an datt een dann och kéint op enger aner Plaz lounen. Dat wollt ech awer nach just hei richtegstellen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Nach eng Kéier. Mer sinn hei an engem Kader, wou mer eis d'Fro stellen ob mer hei dat musse kënnegen oder net. Wann natierlech de Gemengerot majoritär entscheet, datt mer solle kënnegen, da sollen eis dat soen, an da wäerte mer där Damm do kënnegen. Ech sinn der Meenung, datt mer dat net kënnen maachen an deem Alter, wou déi Madame ass. An dofir sinn ech der Meenung, datt mer dat sollen duerchlaf loossen. Selbstverständlech, wann d'Situatioun sech ännert an déi Damm erausplënnert, da wäerte mer eng aner Persoun drasetzen, déi de soziale Critèren entsprécht. D'Madame ass an enger Zäit an dës Wunneng komm wou et nach „Alterswohnungen“ waren. Well mir eis Politik 2014 geännert hunn an aus „Alterswohnungen“ du Sozialwunnge gi sinn, mengen ech, datt mer dat elo net kënnen änneren. Mä wann de Gemengerot awer där Meenung ass, da muss en dat soen, an da musse mer och eng Entscheedung treffen.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.2.**

**Propriétés.**

Contrat de bail avec Mme Frieseisen-Conrardy Marie pour un logement communal sis à Lamadelaine, Grousswiss n° 3 – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.3.**

**Propriétés.**

Contrat de bail avec Mme Baasch-Friedgen Anne pour un logement communal sis à Lamadelaine, Grousswiss n° 16 – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.4.**

**Propriétés.**

Contrat de bail avec M. Taibi Angelo pour un logement communal sis à Lamadelaine, Grousswiss n° 17 – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.5.**

**Propriétés.**

Contrat de bail avec Mme Schrank Marielle pour un logement communal sis à Lamadelaine, Grousswiss n° 17 – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.6.**

**Propriétés.**

Contrat de bail avec Mme Schrank-Sand Augustine pour un logement communal sis à Lamadelaine, Millebaach n° 10 – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.7.**

**Propriétés.**

Contrat de bail avec Mme Graas Marcelle pour un logement communal sis à Pétange, rue Prince Jean n° 2 – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.8.**

**Propriétés.**

Contrat de bail avec Mme Dahlem Christiane pour un logement communal sis à Pétange, rue Prince Jean n° 2 – approbation.

**Approbation à l'unanimité.**

**8.2.9.****Propriétés.**

Contrat de bail avec Mme Lill Martine pour un logement communal sis à Pétange, rue Prince Jean n° 2 – approbation.

Approbation à l'unanimité.

**8.2.10.****Propriétés.**

Contrat de bail avec Mme Wagner-Lentz Marie-Jeanne pour un logement communal sis à Pétange, rue Prince Jean n° 2 – approbation.

Approbation à l'unanimité.

**8.2.11.****Propriétés.**

Adaptation des loyers des logements communaux – décision.

Approbation à l'unanimité.

**8.3.****Prévisions sociales.**

Aides aux victimes du séisme en Népal – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Regelméisseg, wann eng Katastrof geschitt, maache mer en Don. Dat géife mer dann och dës Kéier maachen an der Caritas fir d'Affer vum Äerdbiewen aus dem Nepal 2.500 Euro iwwerweisen.

**Joe Thein (adr):**

Mir soe 'Jo' zu deem Punkt, awer trotzdem denken ech, datt mer sollen eis humanitär Politik iwwerdenken. Hëllef um Terrain ass letztendlech méi fruktiv fir déi Leit a fir dat Land. Ech weess och net, firwat mir ëmmer dee Faibel hu fir do en nationale Sujet kommunalpolitesch ëmzesetzen. Op nationalem Niveau sollen déi Sujeten do diskutéiert ginn.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech mengen, no enger Katastrof geet et normalerweis biergop. Mä dir wësst et alleguerten, den Nepal huet deen nächste Coup kritt, an zwar 17 Deeg duerno. 7,3 op der Richter-Skala. An ech mengen, datt do all Hëllef vun der Weltgemeinschaft gutt kënn. 2.500 Euro vun eisem Budgetartikel fannen ech dofir och eng ganz gutt Saach. Firwat sinn déi Suen iwwerhaapt? Fir Zelter, Matrassen an Decken, well d'Leit einfach Angscht hu fir an hir Haiser ze goe well et all Moment ka geschéien, datt d'Haiser zesummefalen. Ech hu mech e bëssen informéiert. Eng Decken an eng Matrass kaschten 10 Euro. Wann ee weess, datt dat esou vill kascht, da fannen ech dat eng ganz gutt Saach, datt mer dat dee Moment esou maachen. An et soll och esou sinn.

Accord à l'unanimité.

**9.1.****Urbanisation.**

Approbation des conventions avec cinq propriétaires portant

sur la réalisation d'une canalisation des eaux mixtes/eaux pluviales entre la rue des Prés et la route de Luxembourg à Lamadelaine – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Do hu mer nach eng al Noss ze berengegen, et geet scho méi laang zeréck. D'Waasserwirtschaftsamt huet eis ëmmer gesot, mer missten eppes mat der Eechelsbaach ënnerhuelen, well soss kréiche mer keng Subside méi op aner Projeten. Et war eng Saach, déi net esou einfach war. D'Eechelsbaach muss an der rue de Prés opgefaange ginn an dann eriwwer lotisséiert gi bis an d'rue de Luxembourg an dann ënner der Eisebunn weider bis an d'Kor. Dat war net esou einfach ze maachen. Et huet een nämlech iwwer Privatterraine musse fueren, haaptsächlech an der rue du Moulin bis an d'rue de Luxembourg. Déi Aarbechte sinn net esou einfach ugaangen, well Verhandlung mat deene 6 Proprietairen, déi do a Fro komm sinn, hu musse geféiert ginn. An dat fir den Zougang ze kréien a mat der Garantie, datt duerno alles nees an deen Zoustand bruecht géif ginn ewéi virun den Aarbechten. Dat ass och alles geschitt. Elo gi mat deene Leit dann d'Konventionne gemaach, déi liicht geännert hunn, well der schonn hiert Haus verkaf hunn. Ma déi nei Leit sinn awer averstanen, déi Konventionne ze ënnerschreien. Do steet just dran, datt mir d'Méiglechkeet hunn als Bauhär en Zougangsrecht ze behale fir wann emol nach Aarbechten do solle gemaach ginn – haaptsächlech Ënnerhaltsarbechten. Vun deene 6 Proprietairen, déi deemools hiren Accord ginn haten, hunn der 5 ënnerschriwwen. Et ass just een, deen net ënnerschriwwen huet a bei dee mer dann all Kéier musse biedelegeen, wa mer op deem säin Terrain musse goen. Oder mer loosse säin Terrain einfach leien ouni den Ënnerhalt ze maachen. Bon, dat ass jidderengem säi gutt Recht. Deemools ware si awer averstane fir d'Aarbechten ze maachen. Dat heescht, mir hunn dann elo 5 Konventionne hei virleien.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Bon, ech weess, datt do Schwierigkeete mat verschidde Proprietairë ware mat dem Astandsetze vun den Terrainen. An der Tëschenzäit ass awer alles zur vollster Zefriddenheet vun de Leit ofgeschloss ginn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo, zur vollster Zefriddenheet vun de Leit. Et gouf Problemer fir unzeplanzen, well et huet musse gewaart gi bis déi richteg Saison do war. Dat ass vläicht dann net esou direkt geschitt an et huet e Mount, e puer Méint oder bal e Joer gedauert bis dat gemaach gouf. Mä et misst elo alles an der Rei sinn.

Accord à l'unanimité.

**9.2.****Urbanisation.**

Introduction d'une servitude d'interdiction de lotissement, de construction, de reconstruction et de transformation frappant les immeubles des sections de Pétange, Lamadelaine et de Rodange pendant la refonte du PAG, dénommée « moratoire » - décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm d'Situatioun vun de Residenzen, oder wat e ka maache fir dat an enger Rei vu Quartieren ze evitéieren. Ech sinn och der Meenung, datt Residenzen a verschidde Quartieren, a verschidde Zentre solle si fir d'Geschäftsliewen ze entwéckelen. Op där aner Säit hu mer Quartiere wou, wann een do ufängt Residenzen dertëscht ze praffen, et

net ideal fir d'Noperen ass. Am Kader vum PAG wäerte mer och eng Rei vu Residenzen a verschidde Quartiere limitéieren. Op där aner Säit hu mer am Kader vum PAG d'Obligatioun, eng Rei vun Haiser ze definéieren, déi mussen erhale gi fir de Cachet vun den Uertschaften, vun der Vergaangenheet ze konservéieren. Dat sinn engersäits déi al Eisebunns- a Schmelzenhaiser, déi sécherlech zu engem Deel bäibehale gi fir eis ze weisen, wéi dat fréier an deem Beräich ausgesinn huet.

Fir datt awer elo am Kader vum PAG keng Course gemaach gëtt fir déi Situatioun ze änneren, si mer gezwongen, dem Gemengerot hei eng Proposition ze maachen, déi mer och schonn an anere Quartiere gemaach hunn. Ech erënneren un de Site vun der Eucosider, wou mer e Moratoire maachen um Niveau vun enger Rei vu Quartieren. Mer hu gesot, datt alles, wat nach bis haut erakomm ass, nach no deem ale Regime wäert behandelt ginn. Mat allem wat nom 18. Mee erakomm ass, wäerte mer ofwaarden, wat de Gemengerot elo definitiv am Kader vu sengem PAG festleet, och wéi déi Quartieren sech sollen an Zukunft entwéckelen. Mir ginn dovunner aus, datt mer am Hierscht, am Oktober dëst Joer, d'Prozedur ufänken. An da ka souwisou keng Baugenehmigung méi erausgi ginn, wann dee PAG an der Prozedur ass. Bis dohinner wollte mer e Moratoire op deene Quartieren hunn. Dir hutt jo déi Pläng virleien, wéi dat soll ausgesinn. Domatter gi mer eis och déi néideg Zäit fir de PAG an d'Prozedur ze ginn. Wéi gesot, dat hei ass e Provisorium, dat Definitiv wäerte mer dann am Kader vum PAG am Hierscht festleeën.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech hu just eng Fro wat eenzel Haiser betrëfft. Ech wëll elo net op déi ganz Haiser agoen, mä et si mer der 3 opgefall. D'Pétenger Millen, d'Direktiounsgebai vun der CFL – also dat fréiert Direktiounsgebai vum Prince Henri – an déi Rollenger Millen. Firwat sinn déi net agezeechent? Wat huet dat fir eng Bedeitung?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ma déi 3 Haiser si souwisou schonn duerch „Sites et monuments“ klasséiert. Do kann ee souwisou schonn näischt maachen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ah, dat hat ech mer bal scho geduecht. Mä nach direkt eng aner Fro. Ech hunn héieren, datt se zu Rolleng an der Millen amgaange sinn ze schaffen. Wat geschitt do?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Se flicken. D'Waasser huet sech aus dem Weier en neie Wee gesicht. Mer hunn en Duerchbroch vum Waasser. Elo muss de Weier eidel gemaach ginn, d'Fuite muss gesicht ginn an héchstwahrscheinlech muss déi kleng Annexe do ewechgerappt gi well do ënnendrënner d'Réier alleguerter faul sinn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat ass jo awer schonn eppes Gréisseres, Här Breyer.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo, dat ass schonn eppes Gréisseres. Et war en Naturweier an deen hat en normalen Ausgang. D'Waasser huet sech awer elo en zweeten Ausgang gesicht. De Weier läit am Talus an d'Waasser ass ënne beim Rad zesummegelaf. Do huet mussen no der Fuite gesicht ginn, well soss wier dat Ganz zesummegefall.

**Becker Romain (déi gréng):**

Dat heescht, dee ganze Weier muss auslafe gelooss ginn?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Jo. An et muss een déi Fuite an de Grëff kréie fir datt mer de Weier kënnen auslafe loosse wa mer wëllen. Mä et ass nach ëmmer dem Staat säin Terrain.

**Becker Romain (déi gréng):**

A wat geschitt mat der Fauna, wa mer d'Waasser erauslafe loosse?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Déi geet net esou séier futti, well e gëtt jo och nees volllaffe gelooss. D'Fuite ass fonnt ginn, se hunn se lokaliséiert.

**Brecht Guy (LSAP):**

De Schäfferot ass ze begléckwënschen, datt se op deen dote Wee gaange sinn. Duerch deen ale PAG sinn eis leider nach ëmmer d'Hänn gebonnen. Mä ech mengen, mer hunn awer och Hoffnung, wa mer elo am Hierscht deen neie PAG kréien, datt mer dann op dee Wee kéinte goen ewéi déi Déifferdenger zum Beispill, wou, wann en Eefamilljenhaus ofgerappt gëtt, nees en Eefamilljenhaus opgericht gëtt. Si waren esou king fir domatter den Ufank ze maachen. An ech fannen dat wierklech eng ganz gutt Saach.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Wichtig ass et fir déi al Substanz ze erhalen, awer och d'Homogenitéit vun deene verschidde Quartieren, wat jo och heimatter de Moment garantéiert ass. Wat kloer ass, dat ass, datt dee Moratoire jo nëmme op ee Joer begrenzt, mä awer och verlängerbar ass. Wann deen neie PAG jo a Kraaft trëtt, da gëtt dat jo opgehewen. Dat ass dat, wat ech nach eng Kéier wollt präziséieren. Et ass jo net esou, datt dee Moratoire éiweg weiderleef. Dat gëtt jo duerno gréisstendeels an de PAG iwwerholl.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also et ass esou, datt dee Moratoire ëmmer nëmme fir ee Joer ka gëllen. Dat ass den Artikel 20 vum Gesetz vum 28. Juli 2011, an dat hëlleft eigentlech während enger gewässer Zäit eppes anzefréiere fir ze vermeiden, datt Entscheedunge musse getraff ginn. Well wann haut een – ouni Moratoire – eng Demande mécht fir 3 Haiser an der rue de la Chiers ofzerappen an eng Residenz ze bauen, da muss ech em dat ginn. Wa mer dat wëlle vermeiden an eis Zäit bis Oktober wëlle gi bis de PAG an d'Prozedur geet, da muss mer eis dat hei gi fir sécher ze stellen, datt elo net eng Course gemaach gëtt fir an där Zäit nach eng Rei Demanden duerchzeboxen, déi hannenno negativ fir d'Entwécklung vun eise Quartiere sinn. A wéi den Här Becker dat och ëmmer richtig seet, da soen d'Leit, mer wieren dauernd amgaange Residenzen ze bauen. Ech si keen, deen direkt seet, ech wëll keng Residenzen. Mä et muss ee kucke fir op där richteger Plaz dat Richteg ze bauen. Et kann net sinn, datt iergendwéi tëscht 2 Familljenhaiser eng Residenz kënt, wou hanne jiddereen an d'Garage erafiert a wou déi eng amgaange sinn ze grillen an déi aner schaffen um Auto. Et muss een einfach kucken, wat fir Quartiere sech dofir eegene fir Residenzen, a wat fir Quartiere sech fir Eefamilljenhaiser eegnen. Mir sinn nach relativ – an do sinn ech net 100% mam Här Becker averstanen – gutt strukturéiert. Well mer hunn nach eng ganz Rei Quartieren, wou mer nach keng Residenzen, mä Haiserbléck hunn. A wa mer wëssen, wéi vill Haiser solle geschützt ginn, a wouriwwer mer eis nach mussen ausschwätzen, ob mer averstane si fir esou eng grouss Zuel ze schützen, da gesäit een, wéi gutt an homogen eis Quartiere sinn. Mer sollen elo vermeiden, datt mer an där kuerzer Zäit, bis de PAG op den Instanzewege geet, eppes wat nach gutt ass futti gemaach kréien, well d'Leit sech fläisse fir eppes ze realiséieren.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Et ass nëmmen ze begrëssen, datt de Schäfferot elo op dee Wee geet. Dat eenzegt, wat ech nach wëll bemängelen, datt ass, datt et schued ass, datt esou laang gewaart ginn ass ier esou eppes gemaach gouf. Well wann ee kuckt, mer hu keen zesammenhängende Quartier méi zu Péteng, deen erhaltenswäert ass. Just zu Rolleng ass nach en Deel. An zu Rodange ass et hoergenee d'selwecht. Ech mengen domat spezifesch d'Zentrum. Do ass et ebe schued, datt net éischer eppes do hätt kënnen gemaach ginn. Mä et ass eng super Saach fir op de PAG virzebereeden.

**Accord par 14 voix et 1 abstention (Mme Conter-Klein).**

**9.3.****Urbanisation.**

Approbation des critères d'attribution des terrains dans le nouveau lotissement « An den Atzénge » à Lamadelaine – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei ass eppes, wouriwwer mer schonn e puer Mol diskutéiert hunn am Kader vum Gemengerot. Mer hunn och schonn eng Rei Entscheedungen hei geholl. Eng vun den Entscheedungen muss dann och hei geholl ginn. Et geet ëm d'Critèr fir déi Terrainen am neie Lotissement *An Atzénge* zu Rolleng; an zwar wéi se sinn a wéi mer déi Terraine verginn, déi mir als Gemeng direkt verkafen. Et gi jo och eng Rei Terrainen, dat ass dee gréissten Deel, vun der „Société nationale d'habitation bon marché“ vermëttelt. Dat hei wieren déi Terrainen – ongeféier 43 -, a mer missten eis eng Kéier definitiv festleeën hei am Gemengerot. An zwar zu deem Zäitpunkt, wou mer solle mat der SNHBM e Compromis maachen, well da wësse mer, wat mer iwwer si a wat mer iwwer eis lafe loossen. Et wäerten eng ronn 43 Terraine sinn, a mer mussen elo d'Critèr festleeën a Funktioun vun deenen, déi d'Terraine veräusseren. Déi Terraine solle jo zu engem feste Präis vu 40.000 Euro den Ar verkaf ginn. Mer mussen eis also Critèr gi wéi mer tëscht deenen eenzelne Leit, déi interesséiert sinn, entscheeden, wien en Terrain kritt a ween net.

Fir d'alleréisch hu mer festgestallt, datt eng „personne morale“ ausgeschloss ass. Dat ass e wichtege Punkt. Et solle Privatleit sinn, déi do Terraine kafen. Mer hunn och gesot, datt 5 Joer, nodeems den Acte gemaach gouf, den Terrain muss bebaut sinn an d'Leit mussen eraplënnere. Dat heescht et muss relativ zügeg goe fir net eng ganz Rei Bauplazen eidel stoen ze loossen. Well soss géif dat och d'Noperen derangéieren.

Dann hu mer och ganz kloer gesot, datt deeselwechten Typ vun Haus muss gewielt gi jee no Lot. Mer hunn e puer Type vun Haiser, déi méiglech sinn. Mä wann 3 oder 4 Haiser nieftenee gebaut ginn, da muss eng global Demande gemaach gëtt. Net datt deen een ufänkt, deen an der Mëtt fänkt net un an esou weider. Et soll ee Block sinn, deen och zesumme passt.

Wichtig ass et, datt déi Leit och perséinlech mussen dra wunne goen. Dat ass en absolute „Must“, a si mussen och 19 Joer dra wunne bleiwen. Et ass méi oder wéineger dat, wat d'SNHBM och applizéiert, obwuel ech an der Tëschenzäit héieren hunn, datt si déi Zuel amgaange sinn eropzesetze fir ze garantéieren, datt do keng Spekulation entsteet.

Mer hunn awer och gesot datt, wann e keng 19 Joer dra wunnt, een da muss der Gemeng eng Entscheedung bezuelen. Dat sinn 30.000 Euro bis 10 Joer. Firwat? Ma mer

ginn dovunner aus, datt de Minimum Ar-Präis bei 70.000 Euro läit – e läit an der Tëschenzäit scho verschiddelech méi héich. Wann een da säin Haus verkeeft, da muss een deen Avantage, deen een hat, wéi een den Terrain vun der Gemeng kaf huet, integral zeréckbezuelen.

Wann een tëscht dem 10. a 15. Joer verkeeft, da sinn et nach 20.000 Euro. Tëscht dem 15. an 19. Joer sinn et nach 10.000 Euro. An ab dem 19. Joer ass e fräi ze maachen ewéi e wëll.

Mer hunn och festgehalen, datt d'Gemeng nach ëmmer d'Virverkafsrecht huet. D'Gemeng kéint et kafe wann ee virun dem Oflaf vun deenen 19 Joer erausplënnert. Mer géifen dann och den Terrainspräis bezuelen ewéi dat virgesinn ass. Wat de Verkafspräis ugeet, esou géife mer sécherlech – wat d'Haus ugeet – d'„valeur neuve“ minus de Koeffizient vun dem Alter vum Haus, déi en Expert geschat huet, bezuelen. An da kann d'Gemeng entscheede fir et ofzekafen oder net. Wann d'Gemeng et net wëll, da kann een et um fräie Marché verkafen. Et muss een awer den Avantage, deen een hat, zeréckbezuelen.

D'„critères d'attribution“ wollte mer per Punktesystem an och net iwwer d'Gemeng maachen. Dat heescht, d'Leit maachen hir Demande beim Notaire op engem gewëssenen Datum. Et gëtt och an Appell fir Bewerbung gemaach. Deen Dag, wou en den Dossier ofgëtt, spillen d'Critèren. An do si 4 Critèren, déi mer festgehalen hunn. An zwar hu mer gesot, mer géife gäre jonke Familljen aus eiser Gemeng de Virrang ginn. Dofir hu mer gesot, mer géife jidderengem 1 Punkt pro Joer, dat en hei gewunnt huet, ginn. Awer mat engem Maximum vu 25 Punkten. Mer géifen een, deen hei schafft, och nach e Plus vu 5 Punkte ginn. Fir all Kand, dat am Stot ass a manner wéi 18 Joer huet, géife mer 10 Punkte ginn. An all Demandeur, deen nom 31. Dezember 1979 gebuer gouf, kréich och nach 8 Punkten. Dat heescht, déi Punktzuele wäerten dann opgestallt ginn opgrond vum Dossier, deen den Notaire kritt. Déi éischt 40 oder 43 – jee nodeem, wéivill Terrainen hannenno verkaf ginn – kréien dann en Terrain. Wann ee sech net klasséiert, da kann ee keen Terrain kréien.

Bei Punktegläichheet géif dee jéngste Kandidat – fir d'Differenz tëscht deenen zwee Demandeur ze maachen – den Terrain kréien. Dat war eis lwwerleung fir keen „tirage au sort“ mussen ze maachen.

**Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech denken, datt et net esou einfach ass fir esou Critèren opzestellen. Et ka jo och jidderree selwer bauen. Sinn et dann elauter Eenzelhaiser oder sinn et der och mat Bléck, wou gebaut ginn? Mer hu jo 5 Joer Bauzäit. Wann deen een an engem an deen aneren a 5 Joer ufänkt, wéi soll dat da funktionéieren? Dat fannen ech net ganz glécklech. Jo, et ass schwéier, eppes opzestellen. An da baut deen ee vläicht selwer iwwerdeems deen aneren an Entrepreneur huet. Ech sinn do net ganz waarm. Ob mer do net schonn Zinema kréien ier et ugeet? An och wann ee seet, et muss ee sech eens gi wann een z.B. en Dräierblock huet. Da freet een déi aner, an da léiert een den Noper jo da scho kenne wann dat esou flott ugeet. Dat ass fir mech e bësse schwéier. Natierlech ass et ze begléckwënschen, datt d'Gemeng esou Entscheidung hëlt, mä et ass awer net esou einfach an der Ausféierung. Ech fannen dat e wéineg komplizéiert wéi et soll oflafen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et steet jo och dran „une demande en bloc“. Wann 3 Haiser unenee gebaut ginn, da ginn déi matenee guttgeheescht. An ech ka mer och net virstellen, datt do 3 verschidden Entrepreneur drin schaffen. Do sinn ech schonn der



Meenung, datt dat matenee gebaut gëtt. Et ass och esou, datt deeselwechten Typ vun Haiser gebaut gëtt. Mer hunn – an dat wäerte mer och nach bréngen – zwee Architekten, déi e puer Type vun Haiser ubidden. An do muss ee schonn dat matenee bauen. Do kënnst een net derlaanscht. Mä dat ass bei all Duebelhaus de Fall. D'Alternativ wier gewiescht, datt mir selwer als Gemeng gebaut hätten. Awer do hate mer jo entscheet, datt mer dat net géife maachen. Dofir ass dat hei d'Variant. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt dat wäert klappen. Datt do vläicht déi eng oder aner Diskussioun wäert kommen, dat ka sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

D'Madame Conzemius huet mer e bëssen d'Wuert aus dem Mond geholl. Wann dir sot, am Block bauen, dann ass de Problem jo schonn e bësse geléist, well wann een ufänkt, da muss deen aneren nozéien. Et ka jo net sinn, datt deen een an der Mëtt no 3 Joer nach net gebaut huet. Well ech hat 5 Joer e bësse vill fonnt. Dann ass d'Fro jo och scho bal beäntwert, wann et dann esou duerchgezu gëtt. Mä da muss mer awer konsequent bleiwe wann et net de Fall sollt sinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Jo, wann den Terrain net bebaut gëtt an domatter ee sech net un d'Spillregelen hält, da fällt den Terrain nees zeréck un eis.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Net datt deen an der Mëtt net baut an dann déi aner zwee Problemer hunn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass ganz kloer. Mir ginn eng Baugenehmigung als Gemeng eraus, an dat fir déi 2, 3 oder 4 Haiser, déi zesummepassen. Anescht geet dat sécherlech net. Et ginn och 3 oder 4 verschidden Type vun Haiser, déi vun 2 verschiddenen Architekten proposéiert ginn. Ech si gudder Dëng, datt mer dat hikréien. Et gëtt vläicht eng Diskussioun. Mä mer hunn och Diskussiounen wann een en Haus ofrappt an en neit opbaut. Da muss ee sech och un dat aalt upassen. Do hu mer och an der Bautekommissioun Diskussiounen. Den Här Becker kann iech jo do e Liddchen dervu päifen. Also mer si schonn e bëssen un déi Geschichten do gewinnt.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, den Här Becker kräischt dacks bei mir wann e gesäit, wat alles an der Bautekommissioun diskutéiert gëtt. Mä do ass jo näischt ze änneren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Jo, mä hie stëmmt awer ëmmer mat. En ënnerschreift dat meescht awer.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Net ëmmer. An et bleift him souwisou näischt anescht iwwereg. Mä elo nach eng aner Fro. Wéini soll dat dann alles ulafen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also d'Iddi ass kloer. Mer sinn elo derduerch. Mer wäerten elo de 7. Juni eng Informatiounsversammlung am Fräizäitzenter zu Lamadelaine maachen, wou dee Projet nach eng Kéier virgestallt gëtt. Am Oktober oder November fänke mer wahrscheinlech mat den Infrastrukturaarbechten un. Da wäert de Bagger lafen. Parallel wäerte mer dann engersäits mat der SNHBM schaffe fir ze kucken, datt mer do och ukommen. Op där aner Säit wäerte mer dann och déi

Terrainen do verkafen am Laf vum Joer 2016, esou datt déi kënnen 2017 ufänken ze baue wann d'Stroosse fäerdeg sinn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

D'Aarbechten an der Grousswiss, ginn déi am Virfeld gemaach ier der mat der Cité ufänkt?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Aarbechten an der Grousswiss gi virgezunn. D'Bauphas vun deem ganze Projet, dat heescht mat den Infrastrukturen, sinn am Fréijoer a spéitstens fir d'Summerlach 2017 ofgeschloss. Natierlech mussen d'Haiser da gebaut ginn. Et sinn 18 oder 19 Méint virgesi fir d'Infrastrukturaarbechten. An da missten déi am Summer 2017 ofgeschloss sinn.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Den Här Scheuer huet schonn een Deel vu menge Froe beäntwert kritt, an zwar wat elo d'Frist wier vun der Verëffentlechung an der Ausschreiwung, also wéini datt déi Saache publizéiert géife ginn.

Dann hätt ech nach eng Fro zum Punkt 14. Do steet dran, datt eng Kopie vum Aarbechtskontrakt duer géif goen. Ass dat genuch, oder sollt een do net op de Wee goe fir eng „garantie bancaire“ ze froen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

D'Kopie vum Aarbechtskontrakt ass fir dee Critère ze definéieren, datt se hei zu Péteng an der Gemeng schaffen. Et ass just fir déi 5 Punkten. Natierlech wäerte mer och nach kucken, ob mer net nach mussen froen, datt en och d'Suen huet fir do ze bauen. Dat hei war awer just am Hibléck op déi Critèren a fir sécher ze wëssen, ob den Demandeur dann och an de Genoss vun deene 5 Punkte ka kommen. Dat anert wäerte mer awer och nach vläicht froen. Well et huet jo kee Wäert fir engem en Terrain ze verkafen an no engem hallwe Joer stellt ee fest, datt en d'Mëttele guer net huet fir ze bauen.

Well et muss een awer och wëssen, datt een hei 150.000 bis 160.000 Euro fir en Terrain bezilt. Da wäert dat Haus, wat drop gebaut gëtt, op d'mannst 450.000, 500.000 oder 550.000 Euro kaschten. Wann ee wëll do en Haus bauen, da muss een awer scho 600.000 Euro u Mëttelen hunn. Oder et muss ee bei d'SNHBM goen, wou een awer zu engem méi gënschtege Präis eppes kritt. Dat do ass zwar nach gënschteg, mä awer vläicht net fir jiddereen zougänglech.

**Patrick Arendt (CSV):**

Et ass scho ganz vill gesot ginn, an als leschte Riedner huet een et da méi schwéier. Ech wëll awer hei e puer Saache soen. Ech wëll dem Schäfferot felicitéiere fir dëse Projet. D'Propositioun an d'Critère louche jo schonn eng Zäitchen intern um Dësch, an dat Ganzt ass laang iwwerluecht an duerchuecht.

Mer haten et jo och am Walprogramm vun der CSV stoe fir jonke Familljen am Wunnengsbau ze hëllefen. Dofir ass dat hei eng Saach, déi an déi Richtung geet, an dat ass gutt.

**Accord à l'unanimité.**

**10.**

**Point porté à l'ordre du jour sur demande du parti politique ADR concernant le secours social à accorder à une famille de Pétange.**

**Thein Joe (adr):**

Villmoos Merci datt de Punkt op der Dagesuerdnung steet an datt mer driwwer schwätze kënnen.

Dir wësst, ëm wat et geet. Et ass déi Saach vum Familljebrand, wou dat Haus vun där Famill zu Péteng de 6. Mee verbrannt ass. Ech hu mat där Famill geschwat, an ech hu wëlles, eng Aktioun an d'Liewen ze ruffen. Eng Initiativ, déi zum Zweck huet fir déi Pétenger Famill ze ënnerstëtzen, déi duerch dee Brand hiert Haus verluer huet. Ëmsou matfillend ass et fir mech, well et sech dobäi ëm d'Famill vu mengem beschte Kolleg handelt. Ech hunn dee Projet hei op d'Dagesuerdnung setze gelooss, well ech domatter wëll den Accord vum Gemengerot ze kréie fir e „porte à porte“ an der Gemeng kënnen ze lancéieren. D'Iddi dohannert ass am Fong ganz banal, mä si ass awer och immens sozial. Ech hunn nämlech wëlles eng Sue-Collecte mat all deene Leit, déi op fräiwëlleger Basis wëlle matwierken, z'organiséieren. An déi Sue-Collecte gesäit esou aus, datt jiddereen, dee spent, e kleng Petzi an d'Plaz kritt. Bei der Collecte wëlle mer T-Shirten droen, wou drop steet „Hëllef fir d'Famill Baldisseri“. All déi Suen, déi mir duerch dës Collecte erakréien, wëlle mir stëften.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech fannen d'Iddi gutt, mä ech sinn awer net der Meenung, datt dir dat kënnst als Privatpersoun maachen. Ech sinn der Meenung, datt dat muss eng Asbl sinn, déi dat do mécht. Et wier gutt, wann der iech géift als Asbl zesummendoen. Da misst der eng offiziell Demande un de Gemengerot riichte fir kënnen eng „porte à porte“-Aktioun ze maachen. Dat ka selbstverständlech eng Asbl maachen. Mer hunn der jo regelméisseg, déi eng Autorisatiounen ufroen an dat och erlaabt kréien. Mä ob een do als Privatpersoun higoe kann, dat kann ech mer net ganz gutt virstellen. Well da geet et awer an eng Richtung, déi net esou ze ënnerstëtzen ass. Ech géif iech dofir proposéiere fir ze kucken, ob der net eng Asbl hutt, déi dat do kann droen oder realiséieren. Ech mengen och net, datt de Gemengerot sech deem da widderetzt. Ech

muss awer och virausschécken, datt d'Gemeng hei eng ganz Rei Aarbechten am Ufank gemaach huet, wéi se fir d'éischt informéiert gouf an der Nuecht. Provisoresch gouf d'Famill emol an en Hotel bruecht. Ech weess, datt den Office social och amgaangen ass, mat hinnen no enger méi laangfristeger Léisung ze sichen am Hibleck op hir Situatioun. Mer wäerten se selbstverständlech als Gemeng och net am Stach loossen an eis eiser Verantwortung entzéien.

Mä nach eng Kéier. Wann dat soll eng richteg „porte à porte“-Aktioun sinn, da mengen ech – och an ärem Interessi – , datt et besser wier, wann der et a Form vun enger Asbl géift maachen. Och géintwuer de Leit, wou der schelle gitt, kommt der awer anescht eriwuer. Ech mengen net, datt et ënner där Form net kann erlaabt ginn. Dofir géif ech virschloen, datt der iech einfach un eng Asbl riicht fir datt der ënner där Form eng Demande maacht. An da muss de Gemengerot hei driwwer statuéieren, an ech mengen och net, datt dat e Problem dierft si fir datt de Gemengerot dat ënnerstëtzt.

#### Thein Joe (adr):

Da wëll ech dem Gemengerot och villmoos Merci soen, an ech hoffen, datt ech op är Ënnerstëtzung ka rechnen. Ech sinn och frou, wann der mer kéint zur Sait stoe fir déi Demarchen ze ënnerhuelen an ech sinn och frou fir do eng kleng Berodung ze kréien. Ech wëll awer och hei vun der Situatioun profitéiere fir dem Schäfferot Merci ze soen, well si déi Leit direkt an engem Hotel logéiert an hiren Délai fir do ze bleiwen och verlängert huet.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass gär geschitt.

**Il en est pris acte.**

## Gemeinderatssitzung vom 18. Mai 2015

### Anwesend:

<b>Mellina Pierre</b> , Bürgermeister (CSV)	<b>Breyer Roland</b> , 1. Schöffe (CSV)	<b>Conter-Klein Raymonde</b> , 2. Schöffe (CSV)
<b>Arendt Patrick</b> (CSV) <b>Conzemius-Holcher Josette</b> (CSV) <b>Gira Carlo</b> (CSV) <b>Polfer John</b> (CSV) <b>Rosenfeld Romain</b> (CSV)	<b>Brecht Guy</b> (LSAP) <b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP) - bis Punkt 8.2. <b>Pierre Norbert</b> (LSAP) <b>Stoffel Marco</b> (LSAP)	<b>Becker Romain</b> (déi gréng) <b>Scheuer Romain</b> (déi gréng) <b>Tockert Claude</b> (DP) <b>Thein Joe</b> (adr)

### Abwesend und entschuldigt:

<b>Mertzig Romain</b> , 3. Schöffe (LSAP); <b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP) – ab Punkt 8.2.
---------------------------------------------------------------------------------------------

### 1. und 2.

Die Punkte 1 und 2 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig beschlossen, einige Entscheidungen zu veröffentlichen:

#### Rücktrittsgesuch eines Lehrbeauftragten der Musikschule:

Das Rücktrittsgesuch von Herrn Marc Thill, welches ab dem 1. September 2015 gültig sein wird, wurde zur Kenntnis genommen.

#### Ernennung eines Hilfserziehers (m/w) für 10 Wochenstunden für die Maisons Relais:

Frau Samantha Denigro aus Lamadelaine wird als Hilfserzieherin (Teilzeit, 10 Wochenstunden – in Vertretung) auf unbestimmte Zeit eingestellt.

### 3. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

#### **4.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Einnahmen in Höhe von 665.856 Euro (Jahr 2014) und 104.221,14 Euro (Jahr 2015) - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **4.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Einnahmen welche noch ausstanden beim Abschluss des Geschäftsjahres 2014 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### **4.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Genehmigung gerichtliche Schritte vorzunehmen bezüglich der Einziehung unbezahlter Rechnungen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### **5. - Schulwesen.**

Bewilligung des Schulorganisationsprojektes 2015/2016 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### **6.1. - Liegenschaften.**

Mietvertrag bezüglich der Vermietung eines Grundstücks am Standort „In der Pueschelott“ in Lamadelaine an Herrn und Frau Camille Sales-Zens - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **6.2. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Abtretens eines Grundstücks am Standort „In der Pueschelott“ in Lamadelaine an Herrn und Frau Camille Sales-Zens - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **6.3. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Abtretens eines Grundstücks am Standort „In der Pueschelott“ in Lamadelaine an Frau Hilda Hahn - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **6.4. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Abtretens eines Grundstücks am Standort „In der Pueschelott“ in Lamadelaine an Frau Cristina Monteiro Duarte - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **6.5. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Kaufs von Grundstücken am Standort rue Eugène Huberty in Rodange von den Erben des Herrn Enzo De Matteis - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **6.6. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Kaufs von Grundstücken am Standort rue de la Montagne in Lamadelaine von Herrn Gustavo Beamud und Frau Maria Del Mar Araujo - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **6.7. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Kaufs von Grundstücken am Standort rue des Prés in Lamadelaine von der Gesellschaft NeoDesign sàrl - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **6.8. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Abtretens von Grundstücken an den Standorten avenue de la Gare, rue Mathias Heinen, rue des Prés, „Auf den Gehren“ und rue Nicolas Thill von Herrn Romain Thill - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **7. - Personal.**

Schaffung eines kommunalen Angestelltenpostens (w/m) für die Bedürfnisse der Empfangseinrichtung sowie zur Förderung von Tourismus, Kultur und Geschichte - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

#### **8.1. - Soziales.**

Vorläufige Abrechnung bezüglich des Baus eines neuen Sozialamtes in Pétingen und Abstimmung über einen Zusatzkredit über 275.000 Euro – Bewilligung. .

<i>Bewilligter Kostenvoranschlag:</i>	3.407.000,00 Euro
<i>Bewilligter Gesamtkredit:</i>	3.476.103,44 Euro
<i>Gesamtausgabe:</i>	2.923.526,14 Euro
<i>Geplante Gesamtausgabe:</i>	3.750.000,00 Euro

Bewilligung einstimmig.

#### **8.2.1. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Henriette Heckmann für eine Gemeindewohnung in der Grousswiss N°3 in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **8.2.2. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Marie Frieseisen-Conrardy für eine Gemeindewohnung in der Grousswiss N°3 in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

#### **8.2.3. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Anne Baasch-Friedgen für eine Gemeindewohnung in der Grousswiss N°16 in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**8.2.4. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Herrn Angelo Taibi für eine Gemeindegewohnung in der Grousswiss N°17 in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**8.2.5. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Marielle Schrank für eine Gemeindegewohnung in der Grousswiss N°17 in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**8.2.6. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Augustine Schrank-Sand für eine Gemeindegewohnung in der Grousswiss N°10 in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**8.2.7. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Marcelle Graas für eine Gemeindegewohnung in der rue Prince Jean N°2 in Pétingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**8.2.8. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Christiane Dahlem für eine Gemeindegewohnung in der rue Prince Jean N°2 in Pétingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**8.2.9. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Martine Lill für eine Gemeindegewohnung in der rue Prince Jean N°2 in Pétingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**8.2.10. - Liegenschaften.**

Mietvertrag mit Frau Marie-Jeanne Wagner-Lentz für eine Gemeindegewohnung in der rue Prince Jean N°2 in Pétingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**8.2.11. - Liegenschaften.**

Anpassung der Mieten der Gemeindegewohnungen - Beschluss

Beschluss einstimmig.

**8.3. - Soziales.**

Hilfe für die Erdbebenopfer in Nepal - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.1. - Stadtplanung.**

Bewilligung der Konventionen mit fünf Besitzern bezüglich der Umsetzung einer Kanalisation für Misch- und Regenwasser zwischen der rue des Prés und der route de Luxembourg in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.2. - Stadtplanung.**

Einführung eines zeitlich begrenzten Zeitstopps von Wohnsiedlungen sowie vom Neu-, Um- und Wiederaufbau von Gebäuden in den Ortschaften Pétingen, Lamadelaine und Rodange in der Ausarbeitungsphase, genannt „Moratorium“, des allgemeinen Bebauungsplanes - Beschluss.

Beschluss mit 14 Stimmen und 1 Enthaltung (Frau Conter-Klein).

**9.3. - Stadtplanung.**

Bewilligung der Kriterien zur Vergabe der Grundstücke in der neuen Wohnsiedlung „An den Atzénge“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10.**

Punkt, welcher auf Anfrage der politischen Partei ADR auf die Tagesordnung aufgenommen wurde und die Bewilligung sozialer Hilfe für eine Familie in Pétingen behandelt.

Es wurde zur Kenntnis genommen.

## Questions des conseillers communaux

### Réponses du collège des bourgmestre et échevins

#### Question écrite du 7 avril 2015 de M. Marco Stoffel (LSAP):

Betrëfft: sms2citizen

Wéini ginn sms2citizen-Messagë verschéckt, wann eppes geschitt ass, wat Gesondheet vun eise Bierger kéint schueden oder wat eng Gefor fir eis Bierger duerstellt? Ass do permanent Méiglechkeet do, esou Noriichten un eis Bierger ze verschécken a wéi gëtt eis Gemeng mat esou Informatiounen versuergt? Kënnen esou Noriichten och ausserhalb vun de Bürosstonne verschéckt ginn, wann net, ass do eng Méiglechkeet esou Informatiounen och dann un eis Bierger ze verschécken?



**Réponse écrite du 13 mai 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

Wat de Service sms2citizen ugeet, esou ass dësen un éischter Stell geduecht, fir Informatiounen un eis Bierger ze schécken, déi den Territoire vun der Gemeng Péteng betreffen, wéi zum Beispill wa Stroosse fir de Verkéier gespaart musse ginn, d'Waasser ofgestallt muss ginn, wann am Schoulwiesen eng Ännerung antrëtt, a.s.w.. Dës Informatiounen gi während den normale Bürosstoune vun eisem Service « Publications et Communication » verschéckt, viraus gesat, datt dës Service déi néideg Informatiounen och matgedeelt kritt.

Bei Verkéiersproblemer – duerch zum Beispill e Broch vun enger Waasserleitung – kënnen déi Informatiounen och ausserhalb de Bürosstoune verschéckt ginn. An deem Fall bekëmmert sech eisen techneschen Service dorëmmer. Dat selwecht gëtt och fir Incidenter, déi mat dem Schoulwiesen ze dinn hunn, wéi zum Beispill wann duerch staarke Schnéifall de Schülertransport oder d'Schoulstoune ausfalen. An dësem Fall ass de Schoulservice fir d'Verschécke vun esou Informatiounen zoustänneg.

Wann elo eng gesondheetlech Gefor fir eis Bierger besteet an d'Gemeng dat och matgedeelt kritt, esou ginn eis Bierger während de Bürosstoune vun der Gemengeverwaltung iwwer SMS informéiert. Ausserhalb vun de Bürosstoune kann dës Service net duerch d'Gemeng assuréiert ginn. Während deene Stoune ginn am Fall vu regionalen an nationale Virkommësser d'Bierger duerch d'Medien informéiert.

**Question écrite du 7 avril 2015 de M. Marco Stoffel (LSAP):**

Betrëfft: Rollenger Park a Kierfecht

Den Zoustand vun de Weeër um Rollenger Kierfecht ass net gutt. De Belag ass am gaange sech ze zersetzen an d'Schlacke kommen eraus. Wéini ass hei dru geduecht, dat erëm a Stand ze setzen? Och ass d'Belichtung am Park zu Rolleng an engem schlechten Zoustand wat Hellegheet betrëfft. De Park gëtt och owes vill genotzt an och de Verbindungswee an d'Garer Strooss huet vill Zousproch, mä wann et däischer ass, fillt ee sech manner sécher. Hei géif gläichzäiteg mam neie Belag och d'Verleeë vun neie Kabele Sënn maachen. D'Fro ass, kéint dat och esou schnell ewéi méiglech gemaach ginn?

**Réponse écrite du 13 mai 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

Et ass virgesi fir den Tarmac vun dëse Weeër dëst Joer nach ze ersetzen. Wat d'Belichtung betrëfft, esou kënnen 2 bis 3 Luuchte bäigesat ginn, respektiv anerer ersat ginn.

**Question écrite du 7 avril 2015 de M. Marco Stoffel (LSAP):**

Betrëfft: Spillplazen

Mir hunn elo erëm gesinn, bei deene waarmen Deeg, wéi gären ee sech mat Waasser ofkillt. Ass et net méiglech an eiser Gemeng eng Waasserspillplaz an enger bestehender Anlag oder op enger neier Plaz unzeleeën? Gëtt och dru geduecht fir weider Abenteuerspillplazen, ewéi bei der Schoul zu Rodange, opzeriichten? Och wollt ech froe fir eng Oplëschtung vun de bestehende Spillplazen ze kréien.

**Réponse écrite du 13 mai 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

Dëst ass net méiglech an nächster Zukunft, well keen Terrain zur Verfügung steet. Kuerzfristeg feelt eis och fir esou eng Spillplaz een Terrain. Et kéint een esou eng Abenteuerspillplaz am Doihl virgesin, oder awer am Zentrum vu Péteng, wann de Quartier vum ale Pétenger Lycée nei erschloss gëtt. Mir loossen lech mam Courier och eng Oplëschtung mat de Spillplazen an eiser Gemeng zoukommen.

**Question écrite du 15 avril 2015 de M. John Polfer (CSV):**

Betrëfft: CFL-Parking a Schwaarze Wee

- a) Ech wunne jo an direkter Noperschaft vum CFL-Parking an dem Schwaarze Wee. All Kéiers wann ech duerch de Wee ginn, dee méi eng Hondstoilette ass wéi e Spadséierwee (et richt formidabel bei guddem waarme Wieder) oder d'Trapen erop op Gare an dee villen Dreck gesinn, froen ech mech, wien dann do fir Botzen zoustänneg ass. Elo huet mer en Eisebunner gesot, dat d'Eisebunn der Gemeng de Parking laut Conventioun zur Verfügung stellt, an d'Gemeng fir d'Botzen ze suergen hätt. Hei misst mindestens all 14 Deeg, haaptsächlech d'Trapen an och an dem Gestraich der niewent gebotzt ginn.
- b) Am Schwaarze Wee si Plazen, do rutscht de Buedem ëmmer méi erof a geschwënn ass et kee Wee méi, mä e Pad. Hei misst den Hiwwel stabiliséiert ginn.

**Réponse écrite du 13 mai 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

- a) Wat elo Hondsdrecker am Schwaarze Wee an ëm den CFL-Parking ugeet, esou gëtt do vun eisem Service Propretéit regelméisseg gebotzt, mä leider kommen do regelméisseg Hondsdrecker derbäi. Dofir gëtt elo gekuckt, fir d'Périoritéit vum Botzen op dës spezielle Plazen d'Luucht ze setzen.
- b) De Bureau INCA ass mat der Etude fir d'Stabilisatioun vum Talus chargéiert ginn, während de Bureau Geo-Conseils och viru kuerzem domatter ugefangen huet, fir Buedemsondage ze maachen. Och sinn Déetecteure gesat gi fir

erauszefannen, wou d'Waasser vun de Quellen an aner Ofwässer oflafen. Bis Enn Mee wäert eise Service des Parcs de Buedem, dee geruscht ass op deem ganzen Tronçon, do och nach ewech huelen.

**Question écrite du 15 avril 2015 de M. John Polfer (CSV):**

Betrëfft: Wiss tëscht der rue Marie-Adélaïde an der rue Guillaume

Wiem gehéiert déi Wiss uewe beim Wee tëschent der rue Marie-Adélaïde an der rue Guillaume? Hei huet een seng grouss Heck, déi schonns laang fälleg war, geschnidden an den Offall derniewent an d'Wiss gehäit, anstatt ze entsuerger. (Minettkompost)

**Réponse écrite du 13 mai 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

D'Propriétaire vun den Terraine gi schrëftlech opgefuerdert, hir Terrainen ze botzen, respektiv déi Saachen, déi do leien, ewech ze huelen. (Artikelen betreffend d'Hygiène an d'Salubrité publique am Polizeireglement).

**Question écrite du 15 avril 2015 de M. John Polfer (CSV):**

Betrëfft: Fussballsgoaler nient dem Pétenger Kierfecht

Nient dem Pétenger Kierfecht huet Gemeng zwee kleng Fussballsgoaler opgeriicht. Wien ass deen, deen elo esouvill Mëscht dohinner entsuergt? Ech bedauern de Goalkeeper vum ieweschte Goal, well de Piff leeft do schonns duerch a laanscht de Goal.

**Réponse écrite du 13 mai 2015 du collège des bourgmestre et échevins:**

Wat elo d'Mëscht nient deenen zwee klenge Fussballsgoaler ugeet, esou gëtt de ganze Wee laanscht de Pétenger Kierfecht erop beknascht, an d'Bordure laanscht d'Strooss endommagéiert, wann de Bauer Guy Arendt mat senge Gefierer an d'Felder oder d'Wise fiert. Och huet hie momentan eisen Terrain als Dépôt gebraucht.

De Fierschter Christian Berg schwätzt de Bauer Guy Arendt an dëser Saach och nach un.

# Séance publique du 11 juin 2015

**Durée de la séance: 15.00 à 17.00 heures**

**Présents:**

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	Breyer Roland, 1 <sup>er</sup> échevin (CSV) Conter-Klein Raymonde, 2 <sup>e</sup> échevin (CSV) Mertzig Romain, 3 <sup>e</sup> échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) Conzemius-Holcher Josette (CSV) Gira Carlo (CSV) Polfer John (CSV) Rosenfeld Romain (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Pierre Norbert (LSAP) Stoffel Marco (LSAP)
	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Tockert Claude (DP) Thein Joe (adr)

**Absent et excusé:**

Gonçalves Cátia (LSAP)
------------------------

## ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (15.00 heures)**

1. Enseignement musical: Ratification de contrats de travail avec un chargé de cours (m/f) - décision.

**Séance publique (15.15 heures)**

2. Communication du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale: Approbation des titres de recettes - décision.

4. Prévisions sociales
  - 4.1. Adaptation du tarif pour le repas sur roues (chapitre XII - services spéciaux -du règlement général des tarifs) - décision.
  - 4.2. Approbations des conventions avec le réseau Help asbl et la fondation « Stéftung Hellef Doheem » portant sur la mise en place du service de téléassistance - décisions.
5. Enseignement: Approbation du projet de l'organisation scolaire 2015/2016 - décision.
6. Propriétés
  - 6.1. Approbation du compromis portant sur l'acquisition de terrains dans le lotissement « A la Croix St. Pierre » et les lieux-dits « A la Wissi », « A la Siolo » et « Route de Longwy » à Rodange de la part de M. Toni Rante - décision.
  - 6.2. Approbation de l'acte portant sur l'acquisition de terrains sis à Pétange, rue Bommert de la part de la société Agilis sàrl - décision.
  - 6.3. Approbation de l'acte portant sur la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « avenue de la Gare » à Mme Julie Philippart - décision.
7. Affaires économiques: Approbation du projet définitif et des plans portant sur l'aménagement d'une zone d'activité économique « Au Grand Bis » à Rodange - décision.
8. Canalisation: Approbation du mémoire explicatif, devis actualisé et des plans portant sur l'assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie - décision.
9. Sports et loisirs: Approbation d'un crédit spécial portant sur le projet d'aménagement d'une buvette sur le terrain de football à Pétange - décision.
10. Transports et communications: Confirmation d'un règlement d'urgence de la circulation routière à Pétange (chantier dans la rue Prinzenberg) - décision.
11. Vie associative: Approbation des statuts de la nouvelle asbl « Union Titus Pétange » - décision.

## COMPTE RENDU

**1.**

**Le point 1 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.**

**2.**

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech géif iech e puer Chiffere virstelle wat eisen Ëmweltservice fir d'Joer 2014 ugeet, an zwar d'Collecte vun eisen Offäll. Do hu mer um Sidor 3.756 Tonnen ofgeliiwert, wat 0,215 Tonne pro Awunner ausmécht.

Um Minettkompost hu mer 2.394 Tonnen ofgeliiwert, wat 0,137 Tonne pro Awunner ausmécht.

Bei de Friemstoffanalyse vu Minettkompost ass festgestallt ginn, datt mer just 0,47% Friemstoff dran hunn. Mer kréien dann och bestätegt, datt dat déi beschten Note wier, déi ee kéint kréien. Vun alle Gemengen, déi dem Minettkompost ugegiddert sinn, hu mir dee beschten Taux.

Bei Valorlux hu mer 325 Tonnen ofgeliiwert. Dat sinn 0,019 Tonne pro Awunner.

An eistem Recyclingzenter hu mer 3.566 Tonnen ofgehooll a mer haten d'lescht Joer e Rekord vu 44.777 Visiteuren.

D'Pabeiersammlung vun de Scouten. Do hu mer 424,35 Tonnen agesammelt, wat dann 0,025 Tonne pro Awunner ausmécht. Zu Rodange a Lamadelaine hu mer 158 Tonne gesammelt, zu Péteng waren et der 265.

Déi Rechnunge sinn op Basis vun enger Awunnerzuel vu 17.476 Leit. Wa mer dee gesamte Recycling-Taux kucken,

da komme mer op en Taux vun 52%. Iwwer déi Berechnungen, déi iwwer de Klimapakt gemaach goufen, hu mer am Verglach zu enger Stad Lëtzebuerg, den e Recycling-Taux vu 40% huet, ganz gutt ofgeschnidden.

Mer sinn och felicitéiert gi wat eise Sperrmüll ugeet. Am Kader vun enger nationaler Ëmfro fir de Nohaltegkeets- an Infrastruktur-Ministère hu se keng Friemstoff festgestallt, an och do si mer felicitéiert gi fir déi propper Saachen aus dem Sperrmüll, déi do stoungen.

Bei de Loftanalysen, déi mer jo regelméisseg maachen, hu mer vu BioMonitor iwwer den Dr. Jacques Mersch bestätegt kritt, datt mer iwwer dat ganz Joer 2014 ganz gutt Resultater hunn an datt d'Loftqualitéit ganz gutt ass an der Gemeng.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do gesäit een, datt, wat deen dote Beräich ugeet, eis Bierger sech ganz disziplinéiert verhalten an datt mer, am Verglach mat deenen anere Gemengen, eis net brauchen ze schummen. Am Géigendeel, mer kënnen houfreg sinn op dat, wat mer an der Gemeng erreecht hunn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei nach eng Informatioun iwwer de Verkéier. Dat lescht Verkéiersreglement hu mer d'lescht Joer gestëmmt an et gouf duerno an d'Stad geschéckt. Dat gouf approuvéiert a koum elo zeréck a gëtt elo ëmgesat. Dat heescht, alles wat mer festgehalen haten, ë.a. d'Erweiterung vun den „zones résidentielles“ zu Péteng, Rodange a Lamadelaine. Iwwerall do, wou nach keng war, hate mer jo gesot, et géif opgemaach ginn an déi eenzel Secteure géifen anescht opgedeelt ginn. Et gëtt net nëmmen 1 oder 2 Secteuren hei zu Péteng, mä et ginn der 6 oder 8. Dat gëtt elo den 1. Juli ëmgesat. D'Leit, déi a Fro kommen, kréien elo geschriwwen. Se ginn dann och d'Secteure gewuer. Se kënnen dann hir nei

Kaart siche komme wa se eng nei Kaart brauchen. Anerwäerts kréien se hir al Kaart zougestallt.

Et sinn och verschidden Entscheedungen, déi do geholl goufen an déi scho gezeechent waren, mä se sinn nach net vun der Police „geahndet“ gi well se nach net rechtskräfteg waren. Déi ginn elo rechtskräfteg. Dat heescht, all déi schlecht Gewunnechte vu Leit ronderëm d'Schoulgebaier, wou et verbueden oder limitéiert ass ze parken, do konnt d'Polizei net vill maachen, well d'Reglement net approvéeiert war. Dat gëtt awer elo anescht. A wann een da mengt, et kéint een nees eng Kéier den Auto bei d'Crèche parke goen oder op den Trottoir vun der Sportshal, da gëtt dat dann elo „geahndet“. Fir d'éischt gëtt et awer eng Iwwergangszäit, mä duerno gëtt awer méi kräfteg bestrooft.

Da kënn awer nach eppes derbäi. De Gemengerot war jo averstane mat dem Schäfferot senger Proposition fir d'Zone 30 flächendeckend an der Gemeng anzeféieren. Elo gëtt déi éischt Phas zu Péteng realiséiert. Do wollt mer awer eng Opklärungsversammlung maache fir de Gemengerot a fir d'Leit, well dat einfach eng Virbereedung ass, wou vill Froen opkomme wa geschafft gëtt. D'Prozedur ass nämlech net einfach. Et ass esou, datt elo en Avenant zu dem Verkéiersreglement gemaach gëtt. Deen Avenant muss an d'Stad op d'„Commission nationale de la circulation“ geschéckt ginn. Do muss dat da beuerteelt ginn an et muss en „avis préalable positif“ erëmkommen. An da kréie mer dat eréischt an de Gemengerot an dierfen dat och hei stëmmen. Duerno dierf et exekutéiert ginn, mä dann ass et awer nach net rechtskräfteg, well d'Kommissioun sech d'Recht opbehält, ob déi Aarbechten esou ausgefuert goufen ewéi se am Reglement stinn. An eréischt wann alles konform ass zum Reglement gëtt d'Zone eréischt opgemaach.

Am Kloertext heescht dat wat: mer hunn den Avenant elo erageschéckt bei d'Kommissioun. Mer hunn awer och Kontakt opgeholl mat Leit, fir datt et zügeg soll virgoen. Mer hu versprach kritt, mer géifen dee positiven Avis nach dese Mount erëmkréien. Da kënne mer en also op d'Dagesuerdnung vum 13. Juli stellen, esou datt en och gestëmmt ka ginn. Well et eventuell Prozeduren oder Informatiounen ginn, déi net esou digeste sinn, wollt mer iech virschloen, den 8. Juli eng Informatiounsversammlung fir de Gemengerot ze halen, an dat um 5 Auer mëttes. D'Verkéiserspezialisten, déi dorunner geschafft hunn, géifen dann erofkomme fir iech ze weisen, wat zu Péteng geschitt. Well Péteng ass dat éischt, wat ëmgesat gëtt. Rodange a Lamadelaine kommen dann eréischt dat Joer duerno drun. Da kréicht der erklärt, wat ännert. Stroossen, déi méi wéi 5, 6 oder 7 Meter breet sinn, mussen optesch verengt ginn oder et muss anescht agezeechent ginn. Dat kritt der dann alles mat. D'RIetsvirfaart kënn nach derbäi an e puer aner Changementer. Dat alles géift der dann am Virfeld vun der Entscheedung, déi de Gemengerot den 13. Juli muss huelen, erklärt kréien. An d'Firma wier och zur Verfügung fir iech déi Erklärungen ze ginn. Ab 7 Auer wier da fir déi Pétenger Leit eng Informatiounsversammlung am Kulturhaus, wou mer och hinnen dat Konzept géife virstellen.

Mer mussen d'Leit awer och informéieren, well d'Leit sech Froe stellen. Ab deem Datum, wou de Gemengerot dat hei gestëmmt huet, fänken d'Aarbechten an de Stroossen un. Do gi scho kleng Insele gepecht, et gi schonn Zeeche gemoolt, Schëlter gesat. Mä déi sinn nach net rechtskräfteg. Dofir muss mer de Leit soen, se sollen oppassen, well dat ass esou eng Zwittersituatioun. Mä dat war och an deenen anere Gemengen esou. Déifferdeng hat ganz vill Problemer domatter. Dat kann alt emol 4 bis 5 Méint dauere bis d'Aarbechte gemaach sinn. Mer falen an de Juli an an d'Haaptsaison vun de Vakanz. Da wäerte mer eréischt am September richtig ukomme mam Schaffen, mam

Anzeechnen, mam Baue vun Inselen a mat Schëlter setzen an anerer ewech huelen. Wa mer Chance hunn, si mer virum Wanter fäerdeg. An eréischt da kënn d'Kommissioun aus der Stad erof an da kucke si, ob mer dat esou ëmgesat hunn ewéi de Gemengerot dat den 13. Juli gestëmmt huet. Da kréie mer et eran an hängen et aus, an dann ass et effektiv. Dat heescht, et kënn esou eng Tëschephas, wou d'Schëlter nach zougehaange sinn, mä wou d'Inselen awer schonn do sinn, well een déi net méi kann ewech huelen. Et muss een also d'Leit opmierksam maachen. Et kommen och Luuchten dohinner. Alles dat kritt der explizéiert an deene Versammlungen. Dat ass e klengen Iwwergang, deen ëmmer e bësse komplizéiert ass, well en anescht an eiser Gesetzgebung virgesinn ass.

Datselwech wäerte mer dann dat anert Joer fir Rodange a Lamadelaine maachen. Do kënn déiselwech Prozedur op eis zou, wou mer dann och nees eng Informatiounsversammlung maachen.

Kloertext: den 1. Juli trëtt dat neit Verkéiersreglement, wat mer gestëmmt haten, a Kraaft. Haaptsächlech d'„zones résidentielles“. Dann ab dem 13. Juli gëtt déi nei Zone 30 zu Péteng op den Instanzewee geschéckt an da kucke mer, datt dat am Laf vum Joer ëmgesat gëtt.

### 3.

#### Administration générale.

Titres de recettes aux montants de 433.064 euros (année 2014) et 8.916.534,17 euros (année 2015) – approbation.

#### Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do hutt der eng Rei Recetten, ë.a. zwou Tranchë vun der Gewerbesteier fir 4.782.000 Euro; eng Tranche vun der „Dotation de l'Etat“ vu 4.035.327 Euro. Dir hutt awer och, an dat geet nach op den Exercice 2014 zeréck, de Verkauf vun engem Terrain, deen am Zesummenhang mat dem Bloberg steet, wou mer nach Terrainen haten a wou mer dann op pro rata vun de Sozialwunnengen oder de Wunnenge fir eeler Leit dem Fonds en Deel an d'Co-Propriétéit verkaf hunn. Dat si 433.064 Euro.

#### Approbation à l'unanimité.

### 4.1.

#### Prévisions sociales.

Adaptation du tarif pour le repas sur roues (chapitre XII – services spéciaux – du règlement général des tarifs) – décision.

#### Mertzig Romain (LSAP):

Mer géingen dem Gemengerot virschloen, eng Upassung vum Tarif vum „repas sur roues“ ze maachen. Déi lescht Upassung ass 2006 gemaach ginn, wou mer de Präis eropgesat hunn. Mer géife virschloen, fir e vun 8 Euro op 10,50 Euro erop ze setzen. Déi Saach ass elo eng 9 Joer laang net adaptéiert ginn. Mer haten 9 Indexranchen an hu geduecht, et wier noutwenneg, fir dee Chiffer unzehiewen.

Mir hunn der Budgets- a Finanzkommissioun dat virgeluecht fir en Avis ze kréien. D'Kommissioun huet eis dat positiv aviséiert, esou datt mer dozou kéinten iwwergoe fir dat an d'Luucht ze setzen.

#### Polfer John (CSV):

Wéi den Här Mertzig gesot huet, ass dat positiv aviséiert ginn. D'Kommissioun huet awer och gefrot, ob et net



méiglech wier fir all 2 Joer dat nozekucken an net esou laang ze waarden. Et ass jo gesot ginn, et sinn 9 Indextranché laanscht.

Ee Member vun der Kommissioun huet och gemengt, ob een net kéint vun Zäit zu Zäit – och vläicht all Joer – d'Leit, déi dat lesse kréien, froen, ob se zefridde sinn domatter, ob et waarm war, wéi si et kruten, an esou weider.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Mir hunn dat wouer geholl, Här Polfer. Et ass awer elo esou. Mir gesinn dat och als sozialen Service. Aus der Noutwennegkeet eraus wollte mer dat einfach eropsetze well mer d'Leit net wëllen dirängelen. Et muss een och kucken, datt do e soziale Kontakt tëscht de Leit besteet. Mer haten elo net manner wéi zwee Mol an de leschten 2 Joer, wou Leit net opgemaach hunn a wou doduerch direkt konnten d'Secouristen an d'Pompjeeë geruff ginn an esou de Leit konnt gehollef ginn. Dir hutt Recht wann der sot, datt een dat kéint méi regelméisseg maachen. Mir probéieren dat och, mä mer wollten net ëmmer zevill Ännerungen erbäiféieren, well mer et haaptsächlech als sozialen Service ugesinn.

#### **Becker Romain (déi gréng):**

Meng Fro geet an déiselwecht Richtung wéi déi vum Här Polfer. Ech fannen dat immens agreabel, wann d'Kommissioun seet, datt ee vun Zäit zu Zäit eng Zefriddenheetsëmfro soll maache bei de Leit, déi d'lesse kréien. D'Kommissioun schléit jo esouguer vir, fir dat all Joer ze maachen, wat a mengen An eng gutt Méiglechkeet ass fir e Feedback vun de Leit ze kréien, déi dat lesse geliwert kréien. Wéi den Här Polfer och gesot huet, do kann ee mat Questionnairé fuere wou d'Leit ukräizen ob d'lesse waarm war, ob et matzäiten oder ze spéit do war, ob et kal war wéi se dat kruten oder och nach wéi de Goût vum lesse war. Ech fannen, dat ass relativ wichteg. Dat Ganzt dréint sech och ëm e soziale Faktor wou et heescht, Kontakt mat de Leit ze kréien. Mä déi Leit, déi bekloe sech bei eisen Dammen, déi dat ausféieren. Mä ech weess net, ob dat ëmmer esou zeréckkënn un de Schäffen- oder Gemengerot, well déi hu jo dann och en Intressi dru fir net alles weider ze soen. Dofir géif ech iech un d'Häerz leeën, esou eng Ëmfro all Joer virzeschloe fir de Feedback vun de Leit ze kréien. Et kann net sinn, datt mer hinnen dat liwweren, an dann ass et gutt. Ech mengen, et soll een awer och op déi Leit lauschteren.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Déi lescht Ëmfro ass virun 2 Joer an deem Sënn gemaach ginn. Bei esou Saache kritt een ni 100% Zefriddenheetsresultater. Mä d'Haaptuleies vun de Leit war u sech, datt d'lessen net genuch gewürzt wier. Mä dat ass awer bewusst gemaach, well net jiddereen deeselwechte Goût huet. Et ass awer besser, eppes nozewierzen, mä de Piment erauszehuelen, dat ass zimlech schwéier. Mir wäerten eis där Recommandatioun upassen, esou datt mer dat all Joer kënnen duerchéieren. Wéi gesot, pro Dag hu mer 40 bis 45 lessen, dat mer ausféieren. Am Verglach mat eisen Nopeschgemenge leie mer ganz gutt am Präis. Déifferdeng freet 13,63 Euro, Suessem freet 10,50 Euro, Diddeleng 13,50 Euro, Käerjeng 9,89 Euro. Bei Käerjeng, musse mer soen, si keng Liwwerkäschten derbäi. Mat eiser Erhéijung sti mer wierklech nach ganz gutt do.

#### **Becker Romain (déi gréng):**

Dat mam Präis ass ze vertrieiden. Et geet éischter ëm déi Zefriddenheetsëmfro. Et ass jo och psychologesch, et huet jo e psychologische Volet. De Leit gétt jo nogelauschtert, et sinn déi, déi soss ëmmer d'Impressioun hunn, et géif keen op si lauschteren.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Dir hutt vollkomme Recht a mir wäerten dat och mat op de Wee huelen.

#### **Rosenfeld Romain (CSV):**

Dir sot einfach, mer hätten esou vill Joer de Präis net gehéicht. Mä wéi leie mer budgetsmeisseg do mam „repas sur roues“. Ass déi Erhéijung wierklech ubruecht oder net?

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Déi Erhéijung ass u sech ubruecht oder erbäigefouert gi well mer deen Service wëlle käschtendeckend ubidden. Do sinn awer keng Funktiounskäschten derbäi. D'Personal ass do erausgerechent. Den Defizit vun eisem Personal bleift bestoen. Am Joer komme mer do op 80.000 Euro just wat d'lessen ubelaangt.

Wa mer elo hei de Präis upassen, da si mer net méi defizitär. Mir waren dat déi lescht Joer, an dofir passe mer dat jo un. Dat eenzegt wat bleift ass den Defizit beim Personal.

**Accord par 15 voix et 1 abstention (adr).**

### **4.2.1.**

#### **Prévisions sociales.**

Téléalarme: convention avec le réseau HELP Asbl – décision.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Mir hunn 2 Konventiounen virleien. Engersäits mat HELP, an anersäits mat der Stéftung Hëllef Doheem, bei där scho virdrun eng Konventioun bestanen huet. Well mer awer zwee esou Servicer um Gebitt vun eiser Gemeng hunn, wollte mer mat deenen 2 eng Konventioun maachen, esou datt d'Leit dobaussen d'fräi Wiel hätten.

Do hätte mer eng Konventioun gemaach, wou mer als Gemeng géifen all Mount participéiere mat 28,01 Euro a fir d'Installatiounskäschte mat 120 Euro. An dat bei deenen zwou Associatiounen.

Ech wëll vläicht nach kuerz soen, wat mer erausgeholl hunn am Verglach mat de Konventiounen virdrun. Virdrun waren se Index gebonnen. Mir hunn de Präis elo festgemaach, dofir och déi 28,01 Euro. Mir hunn eis einfach gesot datt, wann d'Käschtenexplosioun esou grouss ass, dann ass d'Participatioun einfach verhandelbar.

**Accord à l'unanimité.**

### **4.2.2.**

#### **Prévisions sociales.**

Téléalarme: convention avec la Fondation « Stéftung Hëllef Doheem » - décision.

**Accord à l'unanimité.**

### **5.**

#### **Enseignement.**

Approbation du projet de l'organisation scolaire pour 2015/2016 – décision.

#### **Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Am leschte Gemengerot hate mer schonn eng Kéier de Projet vun der Schoulorganisatioun hei leien. Haut ass e

schonn e bësse méi ausgeschafft. An der Tëschenzäit sinn d'Klasseverdeelunge gemaach ginn, an dir wäert och erausgelies hunn an deem Dokument, dat dir zougeschéckt krut, wéi déi eng oder aner Klass verdeelt ass, wéivill Kanner an de Klasse sinn, wéivill Titulaires do a Fro kommen. De Moment si mer scho relativ wäit an der Organisatioun. De Schluss gëtt eréischt fir den 1. Oktober gemaach. Haut geet et drëm, de Projet ze stëmmen. Et ass elo esou, datt mer och dann op der 1. Lëscht Plazen ausgeschriwwen haten a wou mer awer keng Demande erakruten, esou datt mer op déi 2. Lëscht musse waarden. Bei engem Deel vun de Klassen ass d'Wiel scho getraff an d'Poste schonn ënnerschriwwen.

Mer haten awer elo 2 Léierpersounen, déi bei der Wiel vum 12. Mee net matgestëmmt hunn. Dat waren den Här Jentges an d'Madame Weintzen. Wéi dat dann och elo am „règlement d'occupation des postes“ festgehalen ass, huet den Inspekter virgeschloen, déi zwou Persounen op verschidde Posten ze nennen. Den Här Jentges huet e Appui-Poste vun 8 Unterrechtsstonnen zu Rodange zougesprach krut. Hien deelt sech d'Klass mat der Madame Annick Linden. D'Madame Weintzen kritt e Poste vun 23 Unterrechtsstonnen an der Morale an eng Décharge am Schoulgebai *Am Park*. Si ass nach net affektéiert, well mer sinn nach amgaangen ze kucken, wéivill Kanner Morale huelen, esou datt dat nächstens festgeluecht gëtt.

Op der 1. Lëscht waren 22 Posten ausgeschriwwen. Well mer keng Kandidatur haten, si se alleguerten op bliwwen. Bei deene Klassen, déi elo nach net besat sinn, brauche mer nach e ganze Posten am Zyklus 1, 6 ganz Posten an den Zyklen 2 bis 4, 1 Posten am Accueil an eventuell en zweete Posten derbäi, well mer hunn e véierte Posten ugefrot zu deem mer awer nach keng Äntwert vum Ministère kruten. Mer hunn nämlech gemierkt, datt mer méi Accueil bei eis an de Schoule brauchen. Mer hoffen, datt de Minister eis dese Posten zougesteet. Wa mer dann do den Aval géife kréien, da brauche mer nach 2 Posten am Accueil. Am Zyklus 1 grad esou wéi an den Zyklen 2 bis 4 brauche mer och nach jee 3 Hallefdagsposten. Mer hoffen, datt dat alles op der 2. Lëscht zustane kënnt.

Iwwer d'Klass Molecule hate mer jo schonn déi leschte Kéier geschwat. Wéinst Manktem u Personal an och well den Inspekter sech eng aner Organisatioun virstellt, hu mer des dann elo fir ee Joer op Äis geluecht. Am Laf vum Joer gëtt gekuckt fir do e ganz neie System ze fannen an déi nees opliwwen ze loossen, well an deem Beräich e Besoin besteet.

Eng Logopädie-Klass am 1. Zyklus ass gestëmmt. Do hu mer och vun alle Säiten d'Zoustëmmung kritt, esou datt mer déi elo mol provisoresch op Rodange an d'Gebai am Bloberg ënnerbréngen. Do solle maximal 8 Kanner ënnerriicht ginn. Et komme jo och Spezialisten aus der Logopädie erof, déi sech och ëm den Transport vun deene Kanner këmmen, an dat well et net just Kanner vu Rodange mä och eventuell Kanner vu Rolleng oder Péteng sinn. D'Madame Nadine Duhr huet sech op déi Plaz gemellt, fir déi Klass zesumme mat enger Spezialistin aus der Stad kënnen ze féieren.

An der Juli-Sëtzung wäert ech dann nach eng Kéier op déi 2. Lëscht zeréckkommen. Do wäert ech iech och nach vum „plan de réussite scolaire“ schwätzen, wou mer dann och e wéineg méi wäit wäerte sinn. Wat elo natierlech nei ass fir dat anert Joer, dat ass, datt deen Dag, wou d'Kanner normalerweis an d'Oktav gepilgert sinn, wäert ewech falen. Dat wäert net méi de Fall sinn. Ausser d'Kanner bréngen eng Entschëllegung mat, datt se pilgere ginn. Do wäerte mer och nach weider Informatiounen kréien.

Wann der elo weider an deem Dokument kuckt, dat gesitt der och, wéi d'Déchargen hannendra sinn. Ech wäert net weider

drop agoen, well dat Dokument ass ze grouss. Der gesitt och, wéi d'Klasse verdeelt sinn, wie wat fir eng Klass huet, wéivill Kanner an de Klasse sinn, wéivill Lektouren e wäert ofhalen. Dat ass alles in extenso erklärt. Et ännert natierlech all Dag, well jo Kanner derbäi kommen. Et ginn der och, déi fortplënnen. An de Schoulen hu mer ëmmer eng gewëssen Zuel u Kanner, well do kënnen mer ni soen, et ass fest, well dat ka muer nees changéieren.

Dann hu mer och nach déi ausserschoulesch Aktivitéiten, déi nach hannendrun hänken – mat den extrae Sortien, wou eis Kanner erausfueren a wou se kulturell a sportlech Aktivitéite maachen an och drun deelhuefen.

Mer hunn och d'Hausaufgabenhëllef. Do wäert sech och nach erausschielien, wéivill Kanner sech dofir aschreiwen. Dat leeft nach a mer gesinn dann am Laf vun der Zäit – am Ufank, wann d'Schoul un ass – wien sech fir dënschdes an donneschdes mëttes aschreift.

Dann hu mer eis Schnéiklassen. Si fuere jo all Joer fir eng Woch mat de Kanner erof Klassen am Schnéi halen. Loosse mer hoffen, datt dat genee ewéi déi lescht Joeren och nees esou gutt verleeft.

D'„Coupe scolaire“ fir eis Kanner, déi sech am 3. Trimester der Eerausfuerung stelle fir kënnen mam Vélo duerch eis Gemeng ze fueren an och kënnen eleng mam Vélo an d'Schoul ze kommen.

Mer gesinn och, wéi dat mat den Turn- a Schwammstonne soll weidergoen. Mer hunn eisen „dossier de classe“, wou mer nach amgaange si mat dem Léierpersonal drun ze schaffen. Do ginn d'Informatiounen alleguerten zesummegefaasst fir wann e Ramplang an d'Klass kënnt an en direkt weess, wou e kann Informatiounen erausfiltere wat déi Klass ubelaangt. Well wann ee moies an enger Klass muss asprangen, déi een net kennt, da weess en och net onbedéngt, wat ganz speziell do muss behandelt ginn.

D'Auerzäite bleiwen. De Verkéiersgaart, dee jo och am 3. Trimester stattfënt a wou d'Kanner aus den Zyklen 3 a 4 higinn, bleift och. Dann hu mer nach déi speziell Missiounen, wou Persounen vun eis gewësse Modalitéiten erfëlle fir d'Koordinatioun vun dem „My school“ um Internet ze maachen, fir d'Hausaufgabenhëllef ze garantéieren, fir ze kucken, wéi d'Schnéiklasse solle funktionéieren an esou weider.

All Kand aus dem Précoce bis an de 4. Zyklus kritt e Präis um Enn vum Joer. Entweder kréien se e Präis oder se maachen en Ausflug. Se ginn och nach Saache besichen. Ech mengen, d'Sécherheet an de Schoule muss festgehalen ginn, grad esou wéi d'„séjours éducatifs“.

Dann hu mer natierlech och eise Service „médico-scolaire“, deen zesumme mat eisen Dokteren, mat eiser „assistante d'hygiène sociale“ a mat eiser Infirmière funktionéiert. Mer hunn eis Opfankstrukturen, déi vun 11.45 bis 12.05 Auer mëttes solle funktionéieren. Do sinn d'Kanner an enger gewësser Obhut. Et soll also eng Surveillance do sinn.

De Schülertransport, deen natierlech och esou organiséiert gëtt, wéi d'Kanner sech umellen. Dee fiert natierlech och an d'Natschoul op Lasauvage.

An da kommen nach d'Vakanzen, déi jo vum Ministère festgehalen ginn a wou mer eis sollen drun halen.

Alles an allem gesitt der, datt dat Dokument schonn in extenso de Moment virläit, esou datt ech iech géif bieden, dat haut ze stëmmen. An enger nächster Gemengerotssëtzung wäert ech nach op déi 2. Lëscht grad esou wéi op de „plan de réussite scolaire“ ze schwätze kommen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech hunn am Fong geholl 2 Froen. Déi eng betrëfft déi speziell Klass, dat mer fir ee Joer haten, an déi, wéi der gesot hutt, jo op Äis geluecht ass fir ee Joer. Do solle mer jo en anere System fanne wéi mer déi Saach uginn. Ma ech soen iech ganz perséinlech: fir mech gëtt et keen anere System. Et hält een déi Kanner während enger Zäit eraus fir se duerno nees ze integréieren. Der hutt och gesot, mer missten eng aner Léisung fannen. Mä u weem ass et dann? Ass et un der Gemeng mat eiser Schoulkommissioun an eise Schoulfonctionnairen oder kënnt déi Proposition vum Ministère?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Eng aner Léisung, fir esou eng Klass Molecule nees opliewen ze loossen, kënnt vum Inspekter. Et war jo am Fong geduecht, datt déi Kanner eng gewëssen Zäit erauskommen. Si ginn a speziell Klassen, wou se dann op eng aner Aart a Weis betreit a ginn duerno lues a lues nees an hir Klassen integréiert ginn. Dat ass awer net esou gaange well mer e Manktem u Personal haten. Et hunn eis effektiv Léierpersoune gefeelt fir déi Klassen deemtsprechend z'encadréieren, esou datt se méi dacks hu mussen an hir Klassen zeréckgoen ewéi dat ufanks virgesi war. Dat huet natierlech och elo net deen Effet bruecht, wéi en ufanks geduecht war. Mer waren eis och eens, wéi den Inspekter mat där Iddi koum, datt mer dat ganz nei mussen opstellen. Doriwwer eraus mussen mer vum Ministère méi Personal zur Verfügung gestallt kréien, esou datt mer kënne soen, datt mer mat engem wierkleche „Staff“ vu Personal ufänken, fir datt déi Kanner esou betreit gi wéi et soll sinn. Well soss huet dat jo keen Effet. An dat war awer elo leider dëst Joer mat deem Experiment, dat mer gemaach hunn, hin an hir gaangen. Dann ass et besser, mer waarden, mer stellen eis nei op an da kucke mer fir dat nees ulafen ze loossen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et war och vläicht e bëssen iwver de Knéi gebrach.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et ass e wéineg iwver de Knéi gebrach ginn, muss ech éierlech soen, well et sinn effektiv Kandidaten do an déi wäerten och bannent engem Joer net verschwannen. Elo mussen d'Léierpersoune versichen, mat hinnen eens ze ginn. Dat ass net ëmmer einfach. Wann ee Kanner an enger Klass huet, déi engem ganz vill duerchernee maachen an engem d'Klass op d'Kopp dréinen, dann ass dat net ganz einfach. Mä gutt, ech mengen, et huet och kee Sënn, eppes Hallwes ze maachen. Dann huet ee besser, et iwverleet ee sech et nach eng Kéier. Mer kucken emol, wat den Inspekter mat dem Personal, mat dem Schoulpresident, mat dem Schoulcomité mécht, fir de Package uerdentlech ze ficeléieren an un de Ministère weiderzeginn. An dann hoffen ech, datt mer nees kënne ufänken.

**Brecht Guy (LSAP):**

Meng zweet Fro dréint sech ëm de Schoulsport. Funktionéiert nach esou eppes ewéi d'Lasep bei eis an der Gemeng? Ech hu gesinn, an anere Gemengen ass dat nach ëmmer de Fall.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Eng Lasep funktionéiert bei eis net. Déi Leit vun der Lasep waren och eng Kéier hei. Si hate sech kee fixe Rendez-vous geholl fir dat mat eis duerchzeschwätzen a mer hate gesot, mer géifen eng Kéier en anere Rendez-vous mat hinnen huelen. Ech hat hinnen awer matgedeelt, datt ech géif an der

Tëschenzäit eng Analys maachen – bei eise Veräiner selwer – fir datt net géife kontraproduktiv geschafft ginn. Well mir hunn Turnveräiner, mir hu Fussball, Basketball, Handball, wou mer Jonker hunn, déi betreit ginn an déi och Course kënne kréien. Virun 3 Deeg hat ech nach Leit vum Turne bei mir, déi ganz vill Klenger hunn. Et wier och verkéiert fir déi Kanner do eraus ze huelen, well mer schonn e wéineg Problemer hu fir d'Kanner nees duerch eis Maison relaisen an de Sport z'integréieren. Mer wëlle jo och do en anere Wee goe well mer d'Kanner jo de ganzen Dag an der Maison relais hunn. A mer wëllen se net vum Sport a vun der Kultur ewech huelen. Dat ass an der Tëschenzäit net méi zustane komm. An dunn hu si op eemol matgedeelt, datt si net méi drun interesséiert wiere fir mat eiser Gemeng zesummen ze schaffen. Mir hunn et och dobäi gelooss, well mer gesot hunn, datt mer vill hei hunn, wat mer kënne eise Kanner ubidden.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Net datt mer hei falsch verstane ginn. Dat ass 1:1 esou ëmgemat ginn ewéi den Inspekter an de Ministère dat gare gehat hätten. Wann haut eng aner Positioun kënnt, dann huet dat näischt domatter ze dinn, datt d'Gemeng eppes geännert huet, mä well d'Meenung am Ministère a beim neien Inspekter eng aner ass wéi d'lescht Joer. Dat wollt ech awer kloerstellen, net datt et esou klängt, ewéi mir eppes anescht gemaach hätten ewéi de Ministère dat verlaangt huet. Si sinn elo zur Konklusioun komm, datt dat net dee richtige Wee ass, a si wëllen elo en neie Wee – als Ministère – goen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hunn och en neien Inspekter kritt. Dem Inspekter säi Virgänger hat eng Opfaassung vun der Klass Molecule, mä deen heiten Inspekter gesäit dat e bëssen anescht. Ech mengen, mer sollen dann och elo de Wee mat deem heiten Inspekter goen.

**Accord à l'unanimité.****6.1.****Propriétés.**

Compromis portant sur l'acquisition de terrains dans le lotissement « A la Croix St. Pierre » et aux lieux-dits « A la Wissi », « A la Siole » et « Route de Longwy » à Rodange de la part de M. Toni Rante – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei solle Saache regulariséiert ginn, déi scho méi al sinn. Dir gesitt direkt beim Punkt 6.1., do schwätze mer vun engem Compromis vun Terrainen a Stroossen. Am Lotissement „A la Croix St. Pierre“, wat virun e puer Joer geschaf gouf, waren nach Stroossen, déi am Besëtz vum Promoteur waren. An der Tëschenzäit hu mer dann de Compromis gemaach fir och den Akt ze maachen, esou datt déi Terrainen, déi Stroossen an de Besëtz vun der Gemeng kommen an an d'Voirie kënne integréiert ginn. Dat ass am Fong alles an der rue de Maribor, um Standuert „A la Wissi“, „A la Siole“, route de Longwy a rue du Lavoir. Do ginn en Partie Terrainen un d'Gemeng ofgetrueden. Dat ass noutweneg fir kënne dat ze regulariséieren. Mer hunn dee Compromis de 15. Abrëll 2015 ënnerschriwwen. An esoubal de Gemengerot de Compromis ugeholl huet, wäerte mer dann déi néideg Schrëtt ënnerhuele fir och den Akt ze regulariséieren.

**Approbation à l'unanimité.**



**6.2.****Propriétés.**

Acte portant sur l'acquisition de terrains sis à Pétange, rue Bommert de la part de la société Agilis sàrl – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei ass en Akt, deen op der Basis vun engem Compromis gemaach gëtt, deen de 7. Januar 2015 opgestallt gouf an den 30. Mäerz 2015 hei am Gemengerot guttgeheescht gouf. An den Akt hu mer elo den 20. Mee 2015 gemaach. Et geet och ëm de Gratiskaf vu verschidden Terrainen, déi mer och kréie fir an d'Voiirie ze integréieren. Dat ass an der rue Bommert den ieweschten Deel, wou d'Strooss, déi scho laang besteet, nach ëmmer am Besëtz vu Privatleit war. Dat gëtt eis och d'Méiglechkeet – an enger nächster Phas – d'rue Bommert och bis uewenhi frësch ze maachen, esou wéi et schonn eng gewëssen Zäit virgesi war. Et war schonn e puer Joer laang geplangt, mä et ass ëmmer dorunner gescheitert, datt deen Deel vun der Strooss eis net gehéiert huet.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mer haten déi leschte Kéier geäntwert kritt, datt tëscht d'rue Bommert an d'rue du Chemin de Fer e Wee géif hikommen. Mécht de Promoteur dat oder muss d'Gemeng dat duerno maachen?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also dat muss d'Gemeng maachen. Mir hunn d'Terraine krut a mir mussen dat uleeën.

**Approbation à l'unanimité.****6.3.****Propriétés.**

Acte portant sur la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « avenue de la Gare » à Mme Julie Philippart – approbation.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do geet et och ëm en Akt vun engem Compromis, dee mer de 7. Januar 2015 ënnerschriwwen hunn an deen den 30. Mäerz 2015 am Gemengerot war a guttgeheescht gouf. Den Akt gouf den 20. Mee 2015 gemaach. Et geet ëm d'Ofriede vun engem Terrain zu Lamadelaine. Dat ass hanner Gäert vu Leit, wou mer een Deel un eng Famill ofgetrueden hunn an en aneren Deel un d'Madame Julie Philippart. Hei steet nach, si géif zu Esch wunnen, mä si wunnt awer schonn an deem Haus. Den Terrain huet 2,16 Ar a mer hunn deen zu 5.000 Euro den Ar verkaf, esou datt mer do eng Recette vun 10.000 Euro kréien.

**Approbation à l'unanimité.****7.****Affaires économiques.**

Approbation du projet définitif et des plans portant sur l'aménagement d'une zone d'activités économiques « Au Grand Bis » à Rodange – décision.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Hei ass eng al Schank, déi nees um Dësch läit. Mer gi praktesch 17 Joer zeréck. 1998 ass fir d'éischt driwwer

geschwat ginn, do war fir d'éischt am Gemengerot e Kredit gestëmmt ginn. Och wann et nëmmen e „projet sommaire“ war. Mer kommen esou lues a lues aus dem Tunnel eraus, et gesäit een, wou et higeet. Wéini et fäerdeg ass, dat ass nach riskant fir dat ze soen. Déi schlechste Pronosticke gesinn déi éischt Implantatioun 2020, déi ganz optimistesche 2018. Wat muss elo nach gemaach ginn? D'Prozedure lafen de Moment. Elo muss mer mol d'Devise stëmme fir unzekommen a fir déi technesch Weeër oder finanziell Weeër ze gesinn.

Mir hunn hei en Devis haut op der Dagesuerdnung virleien, dee sech an 2 Punkten opdeelt. Am ganze sinn et 18.165.000 Euro, déi opgestallt goufe fir d'Sanéierung a fir d'Verleeë vun de Fonçagen ënner de Schinnen, den Drainage asw. En aneren Devis vu 5.940.000 Euro ass fir d'Kanalisation geduecht, déi awer an deenen 18 Milliounen dra sinn. Mä et sinn 2 verschidde Bureau d'étuden an dofir hu mer och zwee verschidden Artikelen am Budget stoen.

An der éischter Phas schwätze mer vun 12.675.000 Euro an deem engen Artikel. Wat soll do gemaach ginn? Ech erënneren drun, datt mer eng Fläch vu 15,2 Hektar do leien hunn, dovunner si 4,2 Hektar öffentleche Secteur ewéi Stroossen a Plazen, esou datt mer nach vun 11 Hektar schwätzen, op déi gebaut ka ginn. Déi kënnen dann der Industrie zougefouert ginn. Wann een d'Gréissenuerdnung kuckt vun de Betriber, déi ugefrot hunn, da kéinten dat 50 verschidde Betriber sinn, déi sech do kéinten usammelen. A wann een och just 10 Aarbechtsplaze pro Betrib hält, da géifen dat awer schlussendlech 500 nei Aarbechtsplaze ginn. Et kéint een awer och vun 1.000 Stéck dreemen. Mä do si mer nach e bësse wäit ewech.

Wat muss elo geschéien? Fir d'éischt muss mer kucken, datt mer déi Sanéierung maachen, well en Deel vun der Fläche „verseucht“ ass. Dat sinn ongeféier 9 Hektar. Do muss deelweis ofgedroen an deelweis entsuergt ginn. Deelweis kann dat och nees nei agebaut ginn. Deen Terrain läit awer esou déif, datt e ganze Koup Infrastrukturearbechte muss gemaach ginn. Et muss opgeschott ginn (remblai technique) fir datt een op déi richteg Héicht kënnt. Fir d'éischt muss de Buedem dann ofgedeckt ginn. Déi natierlech Konsequenz vun engem verschmotzten Terrain ass, datt e Fliiss driwwer kënnt. Do drop gëtt dann opgefëllt. Wat d'Opfëllen ugeet, do gëtt vun 232.000 Kubikmeter geschwat. Wann ee sech dat bildlech virstellt, dat sinn 200 Camionen den Dag, déi während 18 Méint déi Mass missten heihinner bréngen. Et kann een awer net opfëllen ouni gläichzäiteg d'Kanalisation ze maachen, well soss geet een duerno nees dra wullen an da geheit een dat Gutt mat deem Schlechten nees duercherneen. Dofir muss d'Kanalisation parallel geluecht ginn an dofir hu mer och den 2. Artikel.

Déi Sue schéngen enorm ze sinn. Wie bezilt dat? Mer hunn en Accord fonnt mat dem Wirtschaftsministère, deen averstanen ass fir ronn 85% ze iwuerhuelen. Wat déi 18 Milliounen Euro ugeet, do hate mer fréier méi e kleng Chiffer, mä mer wäerten dat nach ugepasst kréien. De Ministère huet sech prinzipiell bereet erkläert, déi Zone am Fong ze regionaliséieren. Si gehéiert jo dem Staat. Als Besëtzer a Verschmotzer respektiv deen, dee bezilt, muss hien och fir den Haaptschued opkommen. 15% vun der Sanéierung géife vun deene 4 Gemengen aus dem Sikor iwuerholl ginn. Da géif also ee Véirel fir d'Gemeng Péteng bleiwen. Et kommen awer op där aner Säit och Recetten eran, wann dat emol bis leeft. Do ass mam Ministère zesumme festgehal ginn, datt mer den Ar-Präis duerno mat enger „prime unique“ verkafen un déi, déi wëllen dohinner kommen. Déi kréien e „bail emphytéotique“ a si bezuelen am Fong geholl 10.000 Euro den Ar plus eng järelech Redevance, déi vum Sikor



festgehale muss ginn, an déi méi den Ënnerhalt an alles vun de Verkéiersweeër betrëfft a wou de Sikor da mat der Gemeng Péteng schafft fir déi Aarbechten ze maachen. Grad esou, wéi et de Moment bei den Infrastruktur-arbechten de Fall ass. D'Gemeng Péteng fakturéiert un de Sikor an de Sikor schéckt d'Rechnung un de Wirtschafts-ministère a kritt 85% erëm. Déi aner 15% mussen déi aner Kordallgemeenge solidaresch opbréngen. Dat ass d'Prozedur, wéi se soll lafen. A wann alles normal geet, da kënnen mer geschwë konkret domatter ulafen. Et ass de Moment amgaangen. De PAP ass bei de staatlechen Instanzen agereecht, esou datt mer geschwënn eng Äntwert misste kréien. Do si jo och Prozeduren a Friste virgeluecht. Et ass och e Commodo-Incommodo an der Prozedur dran. Dat eenzegt, wat elo mam Commodo-Incommodo nach opsteet, dat ass déi faméis „Umweltverträglichkeitsstudie“, déi gemaach gouf a wou mer festgestallt hunn, datt Fliedermäis do sinn ewéi iwwerall an der Gemeng. Et mussen och Couloire fir d'Fliedermäis gemaach ginn, wat och an der Rei ass. Et mussen och Beem dohinner geplanzt ginn, déi awer net an de Buedem dierfe geplanzt gi well de Buedem jo verseucht war oder ass oder nach ëmmer ass. Déi mussen a Planzendéppe gesat ginn. Et muss ee sech virstellen, datt et eng schéi gréng Zon ass, eng „allée verte“, wou d'Fliedermäis derduerch fueren an och aner Leit.

De Misère louch bei der „Umweltverträglichkeitsstudie“, déi gemaach gouf. An zwar gouf do den Impakt vun den Aarbechten op d'Ëmwelt opgeworf. Do war festgestallt ginn, datt, wann een 200 Camion weider op de Contournement schéckt, dat net d'„Umweltverträglichkeit“ géif erschwéieren. Et sinn dann och Alternative gefrot ginn. Eng vun den Alternative wieren, well d'Gleisen do leien, mam Zuch ze fueren. Wann een awer weess, datt et just eng „Aufladestation“ hei am Land gétt an déi zu Ettelbréck ass – hei kënnen d'Camion bei den Zuch fueren an tippen -, da missten déi op Ettelbréck fueren an dann nees erofkommen an da misst nees eng Statioun dohinner gebaut gi wou se kéinten hikippen. Et ass och geschat ginn, wat dat zousätzlech géif kaschten. Dat läit bei 8 bis 10 Milliounen Euro. Et ass alles agereecht beim Ëmweltministère, an dat mat allen Iwwerleeungen. Elo muss den Ëmweltministère soen, ob en déi deierst Versioun wëllt, déi ëmweltfrëndlechst – do wou dann d'Camion fir d'éischt op Ettelbréck fueren an een op Rodange kënnt -, ech weess net, wéi si dobäi iwwerleeën. Mer hoffen, datt se normal fueren an einfach zur Konklusioun kommen, datt ee fir 200 Camion méi bei 25.000 Autoen, déi en huet, een dat jo anescht regele kéint. Zum Beispill, datt déi Camionen nëmmen zu gewëssene Stonnen dohinner kéinte kommen a wou se net alles blockéieren. Vlächts samschdes a sonndes net. Da wier vlächts eng vernünfteg Léisung fir all Mënsch dran. Mä esou wäit si mer nach net. Den Dossier läit am Ëmweltministère fir d'„Begutachtung“, an duerno kréie mer gesot, wat fir eng Moosname mer sollen huele fir déi 232.000 Kubikmeter hei erof ze kréien an anzebauen.

De Moment schwätze mer vun enger Enveloppe vun 18 Milliounen Euro, déi mer eis mussen iergendwéi parat stellen. Dat Ganzt gétt jo elo wa méiglech gestëmmt, an da gi mer op den Instanzewee. De Wirtschaftsministère muss och seng 85% bereet stellen. Hei ass emol deen éischte Punkt, also d'Sanéierung an d'Uleeë vun dem Drainage an dem Fonçage. D'Sanéierung an d'Opfëlle si mat ronn 4 Milliounen opgeléscht. Den Drainage vum Sickerwaasser an d'Infrastrukture kaschten, genee ewéi de Fonçage ënner den CFL-Schinnen, gutt 4 Milliounen Euro. Graff sinn et 12,72 Milliounen Euro.

Wa mer déi gestëmmt hunn, da komme mer bei de Punkt 8, an dat ass d'Kanalisation. Well déi vun Dahlem & Schroeder

an Associés gemaach ginn, hu mer do en extrae Punkt gemaach, dee kënnt dann nach eng Kéier mat ronn 6 Milliounen derbäi.

#### **Pierre Norbert (LSAP):**

Et ass jo erfreesch, wann de Grand-Bis emol géif erschloss gi vun där Zäit un, wou mer drop waarden, datt do eppes kënnt geschéien. Et ass eppes, wat mech e bësse stutzeg mécht. Mer hu jo all déi Gesetzer a Reglementer geschaf. Virun 20 oder 25 Joer sinn eis Baueren dohinner gefuer fir d'Hee eranzehuelen, d'Béischte sinn domatter gefiddert ginn an et ass kee futti gaangen dobäi. An elo op eemol ass alles därmoosse verseucht. Esou schro kann dat jo awer och net sinn. Bon, et muss ee jo dat gutt hale wat déi Propheten eis virgaulen. Ech mengen, dat doten ass eng Geschicht, wou verschidde Leit vill Suen domatter verdéngen an domatter huet d'Saach sech.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Also et ass net ganz falsch wann een et einfach vu bausse kuckt. Et ass eng Industriezon, déi deelweis vun der ARBED genotzt gouf – awer och net esou vill -, a wou eng gewësse Verseuchung ze erwaarde war. Doduerch datt dat esou laang do louch ass nees praktesch e Biotop dorausser ginn, e verseuchte Biotop oder eng biotopesch Verseuchung. Do muss ee kucken, wéi ee sech ausdréckt. Mer hunn emol mussen no de Fliedermäis kucken an eng Impaktstudie maachen. An duerno hu mer musse kucken, wat mat der Vegetatioun geschitt, well déi muss nees hirgestallt ginn. An esou weider an esou fort. Et ass eng Verseuchung do, déi ass festgestallt ginn. Ganz genee gesi mer se net, well et si just Proufflächer gemaach ginn. Et ass geschat ginn. De Volume ka méi kleng sinn – wat ze hoffen ass -, an da brauche mer vlächts net vun 200 Camionen, mä vun 100 Camionen ze schwätzen. Dat hei si Schätzungen, déi iwwer déi lescht Joere vum Büro Best gemaach goufen. Et stëmmt, „außer Spesen nichts gewesen“. Wat hu mer dra stoen? 600.000 Euro hu mer drastoen, wat jo net grad näischt ass. Mer kréien awer 85% vum Staat erëm. Mer sinn nach net méi wäit. Mer hunn nach ëmmer d'Barrièren do a mer kënnen och nach net soen, wéini et lass geet a wéini deen éischte Betrib kann dohinner kommen. Wat traureg ass, dat ass, datt mer vill Demandë vu Betriber hunn, datt mer gutt a vill Aarbechtsgeleehheeten do hätten, a mer wëssen net méi, wéi mer d'Leit solle verträschten. Virun engem Joer hu mer hinne gesot, et wier an 2 Joer. Elo, e Joer méi spéit, soe mer an 3 Joer oder 4 Joer. D'Frist geet ëmmer méi no hannen, a mer wësse geschwënn net méi, wat mer solle schwätzen. Mer sinn amgaangen z'iwwerleeën. D'Belsch, déi hunn déi aner Sait Terrain leien a si hunn net laang gekuckt. Si hunn opgefëllt, e Fliiss driwwer gezunn an dann drop gemaach. Si hunn de Problem, datt kee wëll bei hinne bauen. A mär hunn der, déi gär bei eis baue géifen, mä mer ginn net fäerdeg mat eisen Terrainen.

#### **Conzemius-Holcher Josette (CSV):**

Ech sinn och e Verfechter vun der Zone do a wëll och, datt do endlech soll eppes geschéien. Wat mech awer immens stéiert, datt ass dee Präis. Dat ass en zolitte Präis ouni Schank. Dir hutt jo vu Schanke geschwat, ech schwätze vun engem Präis ouni Schank. Ech fannen de Präis immens héich fir déi Zone do ze maachen. Mä wéi et jo ëmmer zu Lëtzebuerg ass, mir kache jo d'Ham an der Mëllech a sinn och méi helleg wéi de Poopst. An dofir musse mer jo esou Saache maachen. Et ass wéi mäi Virriedner sot: fréier war et nëmmen hallef esou schlëmm. Doduerch gétt den Terrain jo och vill méi deier. 10.000 Euro den Ar, an duerno, wann et fäerdeg ass, dann ass dat och e stolze Präis. Meng Fro ass, ob mer duerno nach vill Gesellschaften hunn, déi sech dann nach dofir interesséieren.

Well mat deenen 10.000 Euro den Ar ass et jo net gedoen. Do muss jo ronderëm, hannen a vir Virschreife respektéiert ginn, hei Beem an do Beem, esou datt se duerno kaum nach Plaz hu fir ze schaffen a fir sech ze vergréisseren. Ech hat an der Zäit esou e Projet do leie vun eiser Firma, an do waren zu där Zäit scho vill Contrainten do, esou datt dat effektiv deier gëtt. Dat ass meng Meenung dozou.

Wat mech och immens stéiert, dat sinn déi 200 Camionen am Dag. Net nëmme fir dat zouzedecke fir datt mer kënnen ufänken. Mä wou gi mer dann duerno mat dem Verkéier hin? Well een, deen net do wunnt, dee weess net, wat dat ass. Mer kréien nei Gesellschaften dohinner a schwätze vu 500 bis 1.000 Aarbechtsplazen. Mä déi Leit komme jo och dohinner schaffen. Wéi kommen déi dann dohinner? Mer ersaufen dach elo schonn am Verkéier do ënnen. Ech mengen, et ass keng gutt Plaz. Mä well et do ass, muss et jo gemaach ginn. Mä ech mengen, et misst eppes Anstännege am Verkéier geschéien. Net nëmme Rond-pointen hannen a vir, wou zwee Stop-Zeechen openee kommen, wou d'Autoe mussen zeréckfuere wann e Bus erafiert, an esou virun an esou weider. Wat maache mer dann duerno wann dat bis do ass? Ech sinn zwar dofir, datt eppes do geschitt, well op eemol hu mer nees déi aner do sétzen, mä déi si jo och net gestuerwen, wéi se do op deem Terrain souzen. Ech mengen, déi Leit mat de Roulotten. Also kann et jo net esou schlëmm sinn.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

E ganze Koup Froen an och vläicht Wourecht, awer och e puer Äntwerten dozou. De Präis ass héich mat 10.000 Euro pro Ar. Mä de Ministère iwwehëlt alles, wat driwwer ass. Wa mer de Präis 1:1 erëmginn hätten, da léich de Präis eventuell bei 15.000 Euro oder 16.000 Euro. De Ministère ass averstane fir de Präis esou ze friséieren, an zwar well e gläichgestallt ass mat deenen Zonen, déi hei am Süden entstane sinn. Haaptsächlech am Hanebësch elo.

Wat ass dat fir e Betrib, wann en dohinner kënt? Dee brauch tësch 30 a 50 Ar, dat sinn tëscht 300.000 a 500.000 Euro. E kritt Contrainten, d.h. en dierf näischt an de Buedem bauen. En däerf am Fong geholl keng Piliere an de Buedem bauen. E muss also flächendeckend uewe maachen, wou méi versigelt ginn ass. Et sinn also Saachen, déi net schwéierfällg sinn, net zevill Gewicht hunn. Et muss eppes sinn, wat op eng gréisser Fläch verdeelt ass, well soss gi mer nees an de Buedem wullen. An do wullen heescht erëm, dat opwulle wat zougeshott ginn ass a wou mer dann nees d'Verseuchung erausdrécken.

De Problem mat de Camionen ass u sech en duebele Problem, well zu Longlaville den Zougang jo net op ass. De Rond-point Glaverbel ass elo déck belaaucht a gëtt elo nach méi déck belaaucht, well déi Camionen, déi tanke ginn, och nees dohinner zeréckfuere. Do si Léisungen an der Mautsch. Net méi spéit wéi déi lescht Woch ware mer mat dem Ministère an de Bureau d'étuden zesummen. Mer hunn d'Pläng nach net gesinn, mä wat virgesinn ass, dat ass eng Ausbreedung vun der Avenue de l'Europe vu Péiteng bis praktesch un de Rond-point hanner dem Lycée, wou dann eng 2. Spuer bäigemaach géif ginn. Et kéint ee sech virstellen, datt een tëscht dem Rond-point Eglise an dem Rond-point Lycée eng Spuer huet, déi just an d'Belsch geleet gëtt. De Rond-point wier zweespureg ze befuere, an da kéim e bësse Loft dran. Et sinn nach aner Moosname virgesinn. Mir si just vum Techniker informéiert ginn, datt dat ënnerwee wier an datt dat geschwé géif kommen. De Minister wier amgang, dee Projet ze maachen.

Mer sinn och informéiert ginn, datt de Ministère wëll e P&R installéieren op dem fréiere Site vun der Informalux, dee

vläicht am Ufank just 300 oder 500 Plazen hätt, spéider awer op 1.700 Plaze kéint ausgebaut ginn. Och dat gëtt eng Méiglechkeet, datt mer d'Autoen dohinner këne kréien.

Et stëmmt awer och datt, wa mer 1.000 Aarbechtsplaze géifen dohinner kréien, och gären 1.000 Autoen derbäi kommen. Da muss mer kucken, wéi mer dat mam Transport maachen, esou datt mer dee P&R maximal auslaaschten. Eventuell mat enger Navette. Et kéint och vläicht en zweete P&R derbäi kommen, well do, wou zu Longlaville ze Fussballterrain ass, war och emol ee geplangt. Do kéint ee sech virstelle fir dee mat Navette funktionéieren ze loosse. Et muss een do nei Weeër siche goen an et kann een net soen, mer fueren esou weider ewéi wann näischt gewiescht wier, a wann de Contournement bis elo verstoppt war, da géif en nach méi verstoppt ginn. Mir hunn elo nach e puer Joer virun eis leien. Mä et ass de Moment nach ëmmer dem Staat säin Terrain. Déi Konventioun ass nach net gemaach. Mir schwätzen hei ëmmer „wann, wann, wann“, mä mer mussen och emol am Kloertext soen, datt de Staat nach ëmmer Propriétaire vun deem Terrain ass an de Staat wëll e lass ginn a regionaliséieren. E wëll en iwwe de Sikor ginn, an de Sikor, well dee jo awer keng Hannerlandstrukturen huet, wëll en un d'Gemeng Péiteng weidergi fir en ze realiséieren. An dofir si mir haut mat deenen Zuele konfrontéiert. D'Gemeng Péiteng géif am Fong geholl déi Aarbechte maachen a gëtt vum Sikor rembourséiert. De Rescht kritt se vun deenen anere Gemengen erëm. Mä mer sinn nach net do ukomm. Et gëtt alles schéigeschwat, mä d'Konventioun mat dem Sikor ass nach net emol ofgemaach, well all Mënsch einfach waart ob net nach eng Iwwerraschung kënt.

Bon, hei ass elo eng Etapp am Sënn vun der Wourecht, well mer elo mol d'Zuele kennen. Am Ufank waren et 12 oder 13 Milliounen. Kuckt emol an den Historique zeréck op 1998. Do hu mer vun 2 Milliounen geschwat, elo schwätze mer vu 17 Milliounen. Wa mer dra wulle ginn, da gesi mer, ob et manner oder méi gëtt.

#### **Gira Carlo (CSV):**

Ech hu mer d'Méi e bësse gemaach fir déi Chifferen ze kucke vun deem Devis, dee mer virleien hunn. Et war jo emol e Chiffer an d'Welt gesat gi vun 1 Millioun, wat dat eis géif kaschte fir déi Sanéierung ze maachen. Ech sinn och der Meenung, datt et hei laang Joere verpasst gouf fir deen, deen den Dreck gemaach huet, et sanéieren ze loosse. Haut ass et egal ob mir oder de Staat et muss bezuelen, et ass ëmmer de Steierzueler. Wa meng Chiffere richtig sinn, da komme mer schonn op 3,2 Milliounen, déi et eleng kascht fir de Buedem ze sanéieren. Da kënt nach deen Tapis driwwer fir déi gutt Schicht driwwer ze schëdden. Deen hätte mer jo dann och këne gebrauche wa mer dat Ganzt hätte wëllen an een Niveau bréngen. Dofir hunn ech dee Chiffer net matgerechent.

Da gesäit een och, wann et eng gewëssen Zäit dauert, datt d'Natur och op eemol eraspillt, well do bezuele mer och net manner ewéi 525.000 Euro fir ofzeholen an dat Holz nees z'entsueren. Do fannen ech och kee Chiffer dran, datt mer fir de Verkaf vum Holz eppes kréien. Well do géifen awer 5.000 Kubikmeter ofgeholzt ginn.

Wat och net gesot ginn ass, dat ass, datt mer schonn am Joer 2006 en Devis iwwe 8 Milliounen Euro gestëmmt. Elo komme mer op 18 Milliounen. Dann hätt ech nach eng Fro. Et gouf gesot, datt dee Präis mat 10.000 Euro den Ar zimlech niddreg géif leien. Mä mer hunn hei verseuchte Buedem, dee mer muss sanéieren. Do entstinn awer Käschten. A wann ech da kucken, datt den Ar hei 10.000 Euro kascht géintiwwe vun deem, wat e Privatmann an Atzengen muss bezuelen, dann ass dat do 4 Mol méi.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Wat déi Saach vum Holz ubelaangt, esou kann dat net verbraucht gi wëll do déi Wuerzelen drunhänken an déi verseucht sinn. Déi Wuerzele gi jo och entsuergt. Dofir gëtt jo och gewullt fir datt näischt méi do wüsst. Dofir mussen d'Planzen och duerno an d'Backe gesat ginn. Dofir ass och net mat engem Eintrag gerechent gi vum Holz. Et stëmmt, datt konsequent Zuelen do dra stinn. Mer mussen kucken, wat duerno fir eis erauskënnt. Wa mer de Projet vun 18 Milliounen gesinn an deen esou sollt bleiwen an de Ministère 85% zeréckgëtt, da bleiwen nach 15%, also ronn 2,7 Milliounen Euro. Dovunner ass e Véirel fir d'Gemeng Péiteng, dat si ronn 700.000 Euro. Mer hunn scho 600.000 Euro investéiert, d.h. et kënnt keng Belaaschtung direkt op eis zou wann alles esou bleift wéi elo.

**Gira Carlo (CSV):**

Ech hat nach 2 Saache vergiess. Bleiwe mer bei deenen Zuelen oder kann et sinn, datt op eemol nach méi op eis zoukënnt well mer dann, wa mer ufänken ze wullen, nach Saache fannen, déi méi verseucht sinn an déi dann awer mussen oftransportéiert ginn?

Wat d'Allgemengheet muss bezuelen, da kommen do och nach eng Kéier 500.000 Euro - wann ech dat gutt am Kapp hunn – fir de Waasserlaf ze renaturéieren. Dat ass och eppes wat deen, deen dat verseucht huet, hätt misse maachen.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass sécher, datt de Staat seng Aufgab net gemaach huet, wou en d'Terraine vun der Arcelor erëmgeholl huet. En huet et néierens gemaach. E war net gutt beroden. D'Stolkris war jo do an et huet ee probéiert, hinnen net nach eppes op ze erleeën a si hu sech och gutt verkaf, ganz einfach gesot. Mir sinn natierlech geplot dermat. An d'Allgemengheet och.

Bleiwe mer bei deene Käschten? Jo. Et ass eng Schätzung, datt 50% verseucht ass op deenen 9 Hektar a 50% net. Dat gesi mer, wa mer amgaang sinn. Dat kann och nach variéieren. Mer hu Gott sei Dank gewullt. Dir hutt jo gesot, et fënnt een ëmmer eppes wann ee wullt. Gott sei Dank hu mer näischt vun de Réimer do fonnt, well do ass och nach duerno gesicht ginn. Et ass alles an der Rei. D'Ëmwelt, d'Fliedermais an d'Reimer hu mer elo an der Kontroll. Elo ass et nach ze wëssen, wat d'ARBED do verstoppt huet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass elo vill gesot ginn, an ech kann och ganz ville Saachen zoustëmmen, déi gesot goufen. Et sinn natierlech och Saachen, mat deenen ech net esou averstane sinn. Virun allem gëtt ëmmer nees gelästert a gelaacht iwwer déi bekannten a berühmt-berüchtigt Fliedermais. Virun allem hei am Eck solle mer awer Korridore maache fir d'Flantermais. Déi Korridore sinn haaptsächlech Beem, well déi Déiere sech no de Beem orientéieren. Wa keng Beem méi do sinn, da kënnen déi sech net méi orientéieren, an da ginn et duerno keng méi. Well se ënner Naturschutz stinn, fannen ech et gutt, wa mer dorop oppassen. Et soll net ëmmer de Geck hei am Haus domatter gemaach ginn an an d'Lächerlecht gezu ginn.

Eng aner Saach ass natierlech déi Polemik vum „pollueur-payeur“-Prinzip, dat hei net méi spillt. Weder de Staat nach d'Gemeng hunn dee Site verknascht, mä do huet eng Kéier ee grouss Geschäft gemaach mat deene Flichen, huet iwwerall säi Knascht hannerlooss an dunn ass e getrëppelt. Ech mengen, dat ass vun Ufank u falsch ugepak ginn. Bon, de Staat huet wahrscheinlech déi ze kréien, déi do d'Geschäfte gemaach hu fir datt se hir Sitë solle sanéieren. Mä dat ass nach néierens geschitt an et wäert och néierens

geschéien, esou datt mir oder déi Leit mussen kucke fir d'Sauerei lass ze ginn. Wat richteg am Buedem ass, dat weess jo keen, wéi den Här Breyer sot. Do si wahrscheinlech nach, wéi den Här Gira sot, Sauereien ënner de Sauereien. Dofir wier et jo och net oninteressant wa Buerunge géife gemaach ginn an de Schäfferot esou matgedeelt kréich, wat do dran ass a wat fir Verknaschtungen do am Buedem sinn.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Also et sinn 200 Buerunge gemaach ginn. Et gëtt esou e quadratesche System, esou e Schachmuster, ausgeschafft an do kommen déi heite Wäerter elo eraus. An do ass erausfonnt ginn, datt op deenen 9 Hektar 50% verseucht sinn. Deelweis ass d'Veurseuchung méi staark an op verschidden Héichte festgestallt ginn. En Deel vum Terrain gëtt jo ofgeschäert, e kënnt e Fliiss drop, d'Grondwaasser gëtt och opgefaangen. An da komme jo déi Couchen driwwer. Wa mer amgaange sinn ofzedroen an op enger Déift vun 1, 2 oder 3 Meter ukommen, dann ass et nach vläicht méi verseucht. Déi Wäerter kënnen liicht changéieren. 50% si verseucht, awer net op engem Grad 100 all Kéier, mä heiansdo och just 10%. Mä et sinn iwwer 200 Analyse gemaach ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

An do krut dir net matgedeelt, wat et ass?

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dach, dat ass an der Konklusioun vun deem Rapport. An zwar datt Verseuchung do ass, datt se net konstant op enger Plaz ass, mä datt op enger Plaz méi an där aner Plaz manner verseucht ass. Och d'Grondwaasser hat eng mat krit.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ënner Ëmstänn kann et och nach esou sinn, datt et eng Zäitbomm ass, déi tickt. Grad esou wéi de Crassier oder de Ronneberg zu Uewerkuer, wou dat iergendwann eng Kéier versigelt ginn ass. Et weess keen, wat do bannendra geschitt a wéi dat iergendwann eng Kéier ausgeet. Dofir kéint dat, wat de Grad vun der Verseuchung ugeet, an och deemno wat do dran ass an och versigelt ass, ferme an d'Box goen.

Dat anert ass déi Geschicht mam Verkéier. Do lafe Gleise just derlaanscht, an et ass esou ee Schinnestrank, deen op de Site selwer fiert oder leeft. Do wier jo eng Méiglechkeet, wann ee mam Staat a mat der CFL zesummen en Arrêt géif maachen, well – d'Madame Conzemius hat dat virdrun ugeschwat – déi Leit, déi dohinner schaffe fueren, déi fuere jo alleguer mam Auto dohinner. Wann ee kéint duerch de P&R op der Rodanger Gare, dee gebaut gëtt, erreechen, datt déi Leit mam Zuch eriwwe fueren an déi Leit beim Site en Arrêt hunn. Wann dat bis alles funktionéiert, da komme jo vill Leit dohinner schaffen. Kann een net esou eppes an d'A faassen?

Déi aner Méiglechkeet ass de Schinnestrank, deen um Site selwer ass. Kann een deen net eng Kéier benotze fir dobannen ze schaffen? Fir eraus an eran ze féieren? Well dann hätte mer dee ganze Camionsverkéier an deem Eck begrenzt respektiv aus de Stroossen eraus.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Dat ass jo déi lescht Méiglechkeet, déi d'„Umweltverträglichkeitsstudie“ gewisen huet. An zwar fir mat Camionen op den Zuch ze fueren. Mä mer hu keng Opluedestatioun, wou d'Camione kënnen iwwert eng Ramp eropfueren a propper lueden. Et ass jo net einfach, datt een dohinner tippe geet a Sauerei mécht. Et muss gewie ginn.



Anscheinend hu mer just eng Statioun zu Ettelbréck, an dofir mussen se dohinner fueren.

Zu Ettelbréck ass e ganze Koup, deen oftransportéiert muss ginn. An et sinn 200.000 Kubikmeter. Do wier et jo méi einfach fir déi op den Zuch ze setzen an erof ze bréngen. Mä wann d'Camionen ëmmer mussen op Ettelbréck fuere fir hiren Dreck lass ze ginn, dann ass dat jo idiotesch. An dofir ass dee Chiffer och bei 8 bis 10 Milliounen. Et muss jo och eng gewësse Kontroll do sinn, net datt egal wat fir Sauereien importéiert ginn a wat fir e Compactage do ass. Déi Léisung fir op den Zuch ze fueren ass um Dësch a gëtt ënnersicht.

Fir duerno ze soen, mer maachen en CFL-Arrêt dohinner, dat ass net ausgeschloss. Mer hu jo mat Ingenieursbüroen a mat der CFL-Direktioun geschwat. Wann dee P&R sech entwéckelt, da muss déi ganz Rodanger Gare ëmgebaut ginn. D'Importenz vun der Gare bleift awer héich, et ass net esou, datt se ofgeschaf gëtt. Se wëllen d'Strecken op Lonkech an op Virton erop ausbauen. Do muss ee kucken, ob et méiglech ass, datt nach en Arrêt weider kënnt. Et muss een och bedenken, datt mer dann den Arrêt Péteng, deen zu Lamadelaine, deen zu Rodange hunn, an dann hätte mer nach een 3 Kilometer weider. Ass dat ze maachen? Déi Ramme ginn heiansdo méi grouss gemaach. Et muss een alles kucken an och, wat fir Inzidenzen dat kritt. Et gëtt op alle Fall diskutéiert. Mir sinn amgaangen ze kucken – dat hu mer och scho matgedeelt kritt an do hu mer eis scho mental drop agestallt -, datt den Iwwergang vun Athus op Rodange ewech fällt well déi Zich esou laang ginn a se net anescht manövréiere kënnen, well soss huet déi Gare keng Bedeutung méi. Alles muss am Package diskutéiert ginn, an et muss een alles am Kapp hu wann ee mat de Leit zesumme kënnt, well dëst an dat matspillt, net nëmme de P&R. Dir hutt Recht wann der sot, datt, wa mer d'Leit mat den Autoen ulackelen, dee P&R net déi endgültig Léisung duerstellt. Och wa mer do 1.700 Plaze solle kréien. Mä da kréie mer Loft op eisem Parking zu Péteng an an de Stroossen. Mä mer si séier saturéiert. A wann der nach 1.000 derbäi géife kommen, déi an d'Zone schaffe kommen, dann hu mer näischt geschafft. Dofir muss een Alternative sichen. Déi sinn absolut an de Gedanke mat dran.

#### Becker Romain (déi gréng):

Dat war alles, wat ech dozou ze soen hätt. Ech géif iech awer och nach wëllen un d'Häerz leeën – wéini dat och ëmmer fäerdeg ass -, datt mer sollen oppassen, wat dohinner kënnt. Net datt mer nees datselwecht dohinner kréie wat mer haten an eis Nofolger dann eis Verseuchung musse raumen. Hutt dir schonn eng Ahnung, wat kéint dohinner kommen?

#### Breyer Roland, Schäffen:

Et sinn ongeféier 25 Betriber, déi regelméisseg era froe kommen. Dat si gréisstendeels Betriber aus der Logistik. Wat jo net ëmmer guut ass wann et e Fuerunternehmer ass an dee mat de Camionen dohinner kënnt. En anere kënnt mat 100 Bussen dohinner, och nach ee mat Killfrigoen. Et sinn elauter där, déi dat siche well hei eng Fläch ass, déi versigelt gëtt a wou och relativ vill Fläch entsteet, wou ee ka parken. Déi sinn allegueren amgaang, esou eppes ze sichen. Mä dann ass nees eng Kéier den Impakt op de Verkéier bei eis ze kucken.

#### Becker Romain (déi gréng):

Verkéiersméisseg gëtt et da jo nach vill méi schlëmm.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Verkéiersméisseg jo. Bon, dat sinn déi, déi de Moment froen. Et dierf net an de Buedem oder op Stelze gebaut ginn, et dierf net mat Piliere an de Buedem gefuer ginn. Et muss eng Fläch uewendrop gesat ginn.

#### Becker Romain (déi gréng):

Do ginn et jo awer och nach aner Sparten, déi esou Saache sichen.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Jo, do sinn nach aner Saachen. Wéi de PAP ausgesäit, sinn et jo och Saachen, déi net onattraktiv sinn. Et soll och esou sinn, datt d'Leit sech do begéine kënnen. Et solle Restauranten do entstoen, esou datt d'Leit och net ëmmer mussen hin an hir fueren. Et soll net eng typesch industriell Zon, mä eng Industrie- a Geschäftszon ginn.

#### Becker Romain (déi gréng):

Et gi jo och Firmen, déi un deenen neien Technologie schaffen. Déi brauche kee Keller, do geet eng grouss Hal duer. Do ginn et jo aner Méiglechkeeten. An ech géif iech un d'Häerz leeën, datt mer net nëmme Bussen, Camionen a Killween dohinner kréien.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Dat sinn awer just déi, déi fir d'éischt kommen.

#### Accord à l'unanimité.

### 8.

#### Canalisation.

Approbation du mémoire explicatif, du devis actualisé au montant de 8.520.000 euros et des plans portant sur l'assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie – décision.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Dat hei ass de Pendant zu deem Punkt virdrun. Am Chiffer vun 18 Milliounen ass dat mat dran. Dat gesäit dann awer, elo wou et iwwer de Büro Dahlem-Schroeder & Associés ugepasst gouf, esou aus, datt deen Devis ausleeft op aktualiséiert 8,5 Milliounen Euro, wou mer vun der „Gestion de l'eau“ 1,7 Milliounen Subsid géife kréien. Da bleiwen nach 6,8 Milliounen. Och dovunner kréie mer 85% vum Wirtschaftsministère erëm. Vun deene 15%, déi bleiwen, fällt just en Deel op eis, esou datt et fir déi Suen, déi mir avancéiert hunn an déi mer musse bezuelen, praktesch en Ausgleich ass. Hei ass net méi ze soen ewéi datt d'Kanalisation gläichzäiteg muss geluecht gi mat dem Remblai. Et gëtt fir d'éischt ofgedeckt, sanéiert, mat enger Folie bedeckt, an da kënnt de Kanal drop leien, esou datt duerno net nees muss gebaggert gi fir alles opzerappen. Et gëtt zesummen opgefëllt.

#### Becker Romain (déi gréng):

Wéi gesäit dat dann aus mat eiser Kläranlag? Dee ganze Site gëtt jo esou versigelt duerch déi Sauerei am Buedem. Packt dann d'Kläranlag dat nach wann do déi grouss Fläche Waasser dobäikommen? Duerch d'Pompelstatioun geet dat jo zeréck.

#### Breyer Roland, Schäffen:

Neen. Et gëtt kee Mëschkanal, mä e getrennte System. Dat heescht, d'Waasser gëtt opgefaangen an an d'Kor geleet. D'Kor ass do no bäi an et kënnt och en Opfangbecken dohinner fir dat auszegläiche wann et vill reent. D'Iwwerflächewaasser gëtt an d'Kor geschott, alles anescht geet an d'Kläranlag. D'Kläranlag gëtt jo och vergréissert. Do kënnt nach en Invest vun 81 Milliounen Euro op déi 4 Korgemengen zou. Och en Deel fir Péteng. Mä dat ass do alles mat agerechent.



**Gira Carlo (CSV):**

Wann der mech fir d'éischt zu Wuert komme gelooss hätt, dann hätt dem Här Becker seng Fro sech vläicht eriwweregt. Ech hunn nämlech e bësse verglach an ech mengen och do – wann een dat relativ gekuckt – spillt d'Zäit géint eis. Well do geschitt eng gewësse Versigelung. Viru 15 Joer hätte mer vläicht just missten e Kanal leeën. Elo leeë mer en duebelen, mer mussen en Opfangbecke bauen. An déi zwou Saache kaschte méi wéi d'Kanalnetz. Well esouguer schonn dat einfacht Opfänke vum Reewaasser kascht méi wéi e Kanalnetz, wou een d'Schmotzwaasser muss offéieren. Do komme jo spéiderhin awer nach Käschten op eis Kläranlag zou.

**Breyer Roland, Schäffen:**

Et ass een, dee sech dorëm bekëmmert. Et kënn méi op eis zou. Elo si mer nach frou, datt d'Kor do läit a mer d'lwwerflächewaasser dohinner féiere kënnen, well soss wiere mer nach méi geplot gewiescht.

**Accord à l'unanimité.**

**9.**

**Sports et loisirs.**

Approbation d'un crédit spécial de 25.000 euros relatif aux travaux d'aménagement d'une nouvelle buvette sur le terrain de football à Pétange – décision.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Mer géifen de Gemengerot biede fir e Spezialkredit iwwer 25.000 Euro ze stëmmen, an dat am Kader vun der Aariichtung vun enger neier Buvette um Pétenger Fussballsterrain, déi mer wëllen am Kader vun der Fusioun vun deenen zwee Fussballveräiner zougstoen. Déi Sue sinn u sech geduecht fir engem Bureau d'études den Optrag ze gi fir do eng Buvette virzegesinn.

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech fannen dat eng gutt Saach. Eng Fusioun soll een ëmmer positiv begleeden. Trotzdem wollt ech ganz kuerz op d'Subsiden ze schwätze kommen. Wann ee weess, datt ee pro Kand eng gewëssen Zomm kritt – bis e Maximum vun 100 – da muss ee bedenken, datt déi Pétenger jo ëmmer 100 kruten, an déi Rollenger och. Duerch d'Fusioun si se jo dann nach just ee Club, an zwar d'Union Titus Péteng. Wéi ass et dann do? Kréien se dann do och just déi 100 Kanner subsidiéiert?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Ech froen einfach mol no. Mengt dir elo fir d'Subside fir dëst Joer oder fir déi nächst Joeren?

**Patrick Arendt (CSV):**

Ech mengen d'Subside vum nächste Joer. Mä ech wollt u sech en Denkestouss dozou ginn, datt do muss dru geduecht ginn an dat muss geännert ginn. Well soss géifen se jo bestrooft gi wa se just nach fir 100 Jonker géifen eng Hëllef zougsprecht kréien.

**Mertzig Romain (LSAP):**

Wéi gesot, dat gesi mer eréischt, well mer och d'Statuten nach hei mussen guttheeschen. Do ass eppes virgesinn, an do komme mer nach deelweis op d'Subsiden ze schwätzen. Et ass esou datt, wann deen neie Veräin, dee sech elo konstituéiert huet, zesumme 400 Kanner huet – wat de Fall ass -, déi och a Betruecht gezu gi bei de Subsiden.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Effektiv kënn déi Buvette jo aus dem Kader vun enger Fusioun, an ech ginn dem Här Arendt Recht. Ech mengen, mer mussen eng Kéier dëst Subsidereglement op de Leescht huelen. De Moment wier elo gutt fir dat an den nächste Méint ze maachen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt just froen, ob do eng Ufro vum Veräin virlouch fir eng nei Buvette ze bauen. A wann ech dat hei richteg verstanen hunn, ass dat jo just fir Etuden ze maachen. Hu mer och schonn eng Plaz, wou déi Buvette stoe komme soll?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Jo, dat war u sech eng Ufro vum Veräin, well se sech einfach wëllen deene moderne Gegebenheeten upassen. Dat Haaptspillfeld vum Fusiounsveräin gëtt Péteng. Et si schonn liddie virgesinn, an et sinn 2 Méiglechkeeten, déi sech erginn. Wéi der wësst, ass zu Péteng um Fussballsterrain u sech keng richteg Buvette. Am Keller ass zwar eng, déi se bedriewen, mä déi ni als Buvette geduecht war. Wou se eventuell virgesi wier, dat ass, wou de Supporterclub seng Buvette huet. Do kéint een eng Struktur an enger Liichtbauweis dropsetzen. Oder déi aner Säit, wou och schonn déi Struktur steet a wou hire Stock mat der Garage ass. Och huet et evident geschéngt fir éischter op dee Wee ze goen, esou datt si sech da selwer kënnen verwalten, amplatz grouss Chifferen zur Verfügung ze stelle fir d'Fusioun. Dat wollt mer och net maachen, well mer wëssen, datt, wa mer engem Sue ginn, déi a kuerzer Zäit opgebraucht sinn an dat kee Sënn mécht. Dofir hu mer u sech deen heite Wee ageschloen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

An déi 25.000 Euro?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Déi si just fir engem Bureau d'études den Optrag ze gi fir ze kucken, wat do méiglech ass. Dat ass awer net de Präis vun der Buvette. Dat bleift duerno nach ze definéieren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et gëtt ëmmer nees falsch interpretéiert. Mir hunn e Spezialkredit iwwer 25.000 Euro. Op déi Käschte fir d'Etuden duerno 25.000 Euro oder 10.000 Euro sinn, dat hänt dovunner of, wat dee Projet kascht. Mir ginn einfach hin a soen, datt de Gemengerot prinzipiell averstanen ass fir op dee Wee ze goen. An dofir brauche mer Suen. Mer hu 25.000 Euro gesot, mä mer hätte grad esou gutt kéinte 50.000 Euro oder 10.000 Euro soen. Well mer wësse ganz genee datt, wa mer elo 25.000 Euro huelen an de Projet duerno 300.000 Euro kascht, da feelen nach 275.000 Euro. Mir hunn einfach elo e Chiffer ugekënnegt, mä wéivill déi Käschte fir d'Etuden effektiv ausmaachen, ass ofhängeg vun deem, wat déi Buvette duerno wäert kaschten. Hei ass also e Kredit, deen agesat ass, a mer kucken duerno, wéi héich déi Käschte fir d'Etudë sinn. Et gëtt ëmmer falsch gemengt, datt déi 25.000 Euro fir déi Käschte sinn. Dat ass awer einfach e Chiffer, deen de Gemengerot dem Schäfferot gëtt fir den Ufank ze maachen, fir dee Projet ze lancéieren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech hunn näischt géint dee Projet. Et war just d'Fro, ob mer nach Etudë misste maachen duerch e Büro, well mer hu jo och en Service, dee sech dorëm këmmere kéint.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also mir hunn en Architektbüro, dee mer heimatter beschäftegen. Mä se wësse ganz genee, datt eis Servicer déi

aner Säit relativ vill hunn. Déi mussen och an deem Beräich de Suivi maachen. Mä ze erwaarden, datt déi dee ganze Projet definéieren, dat ass eigentlech net virgesinn.

#### **Brecht Guy (LSAP):**

Déi Fusioun ass jo elo komm, an dee Veräin huet an Zukunft elo 3 Terrainen zegutt. Se kënnen also op deenen 3 Terrainen spillen, déi 2 zu Péteng an deen zu Rolleng, dee mer jo elo fir deier Sue sanéiert hunn. Den Titus hat an der Vergaangenheet och e ganze Koup Revendicatiounen ewéi zum Beispill hir Tribün, hir Duschen an esou weider. Leeft dat och nach virun oder eriwweregt sech dat elo? Well dat, géif ech soen, jo just en Trainingsterrain bleift. Well ech gleewe jo net, datt déi Haaptéquipe do spille wäert. Héchstens d'Bouwen.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Neen, dat eriwweregt sech net. Ech mengen, dir sidd jo och „en connaissance des lieux“ a mer wëssen, datt mer zu Rolleng just 2 grouss Vestiaires hunn, plus e klengen. Deen éischte Problem stellt sech wa mer weiblech Arbitere hunn. Do si mer dann u sech schonn hanne widder. Et ass u sech geduecht, datt mer Rolleng funktionéiere loosse mat deene Klengsten, well een déi muss méi observéieren. Péteng ass méi grouss, do wäerten déi méi grouss Jugendspiller spillen, well d'Iwwersicht do méi kleng ka sinn. Mä do wäert awer och nach dobäikommen, datt den Titus-Terrain a Stand gesat muss ginn. Well mer dierfen net vergiessen, datt deen neie Veräi 400 Jugendspiller hunn. An déi 3 Terrainen wäerten dauernd ausgelascht sinn.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech mengen, heimat ass engersäits dee Kredit diskutéiert ginn an och déi Problematik, déi nach duerch d'Fusioun hannendrun hänt. Ech géif awer elo de Gemengerot froen, ob e mat op dee Wee geet fir déi Buvette ze bauen a fir dem Schäfferot och 25.000 Euro fräi ze stelle fir déi éischt Démarchen ze maachen, esou datt déi Buvette kann esou séier wéi méiglech gebaut ginn.

#### **Accord à l'unanimité.**

### **10.**

#### **Transports et communications.**

Règlement d'urgence de la circulation routière à Pétange (chantier dans la rue Prinzenberg) – confirmation.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Et gëtt nees dorëmmer gebaut, an et ass erëm en Haus amgaang ewech gerappt ze ginn. Do kënt eng Residenz dohinner. A während den Aarbechten, déi 12 Méint wäerten daueren, ass d'Strooss e wéineg ageengt. Den Trottoir gëtt just op där enger Säit ewech geholl, esou datt een op déi aner Säit muss goen. De Verkéier gëtt mat Virfaartsregele geregelt, et ginn och keng Luuchten dohinner gestallt. Et soll och net iwwerholl gi wou d'Aarbechte gemaach ginn, also bei der Nummer 3C, direkt nieft der Kapell wann een erafiert op der rietser Säit.

#### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Well ech jo och an där Strooss wunnen, wollt ech wëssen, ob den Trottoir no den Aarbechte méi breet gemaach gëtt? Well dee war net ganz breet bis elo.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Also auswenneg kann ech dat elo net soen, mä am Prinzip gëtt et wahrscheinlech an den Alignement gesat. Ass et hannendrun och méi breet?

#### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Jo, do geet en normal virun.

#### **Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da wäert en och méi breet ginn, mä ech muss dat kucken, well ech dat net auswenneg ka soen.

#### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Wann d'Promoteuren – allgemeng gesot – eng Tranche an d'Strooss zéie fir d'Ueschlëss ze maachen, da gëtt d'Strooss heiansdo duerno egal wéi opgefëllt. Ass do um Promoteur oder um Entrepreneur fir dat richtig ze maachen?

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Si mussen e Compactage maachen, deen och muss nogefëllt ginn. No enger Zäit muss deen en definitive Belag kréien. Et geet net fir einfach zou ze maachen an dann drop ze schmieren esou datt et no engem Mount oder zwee agesackt ass. Si mussen en eegene Compactage maache mat engem éischte Belag, dee provisoersch ass. Da muss dat sech setzen, an da kënt deen nächsten eréischt drop.

E Beispill, datt et net ëmmer esou geet, ass, wou en Entrepreneur seng Leitunge laanscht d'Shell-Station bis bei d'Aral geluecht huet. Deen hat falsch compactéiert an do huet Ponts et Chaussées dee forcéiert fir dat nei ze maachen. Dofir gouf nees alles opgerappt.

#### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Dofir froen ech. Déi meescht Leit stellen sech awer Froen.

#### **Breyer Roland, Schäffen:**

Mir kontrolléieren, an dat wier och de Wee fir et ze maachen.

#### **Scheuer Romain (déi gréng):**

Et ass souwisou schwéier wann der kuckt, wéivill Schantercher mer hunn. Dann ass et jo bal net méiglech all Gruef kucken ze goen.

#### **Confirmation à l'unanimité.**

### **11.**

#### **Vie associative.**

Statuts de la nouvelle asbl « Union Titus Pétange » - décision.

#### **Mertzig Romain (LSAP):**

Am Kader vun der Fusioun vum FC Titus Lamadelaine an dem CS Péteng hu mer d'Statute vun der Union Titus Péteng, wéi deen neie Veräi wäert heeschen, deposéiert kritt. Do ass alles regroupéiert: Männer- a Fraefussball a virun allem och den Halefussball, wou d'Federation sech elo och drëm këmmert. Dat war jo virun net de Fall. Ech sinn och frou, datt mer dat mat dra kritt hunn, esou datt mer och deene Leit, déi an der Hal Fussball spillen, Méiglechkeete gi fir dat ze maachen.

Domatter wëlle mer awer och deen neie Veräin op d'Subsidelëscht eranhuelen. Do ass – laut Reglement – virgesinn datt, wann e Veräi fusionéiert, en dräi Joer laang den duebele Basissubsid kritt. Dat wieren da fir d'Joeren 2016, 2017 an 2018 amplaz 500 Euro all Kéier 1000 Euro Basissubsid.

#### **Gira Carlo (CSV):**

Ech hunn zwar net grad eng Fro, déi genee op dat do passt. Mer hu viru kuerzem déi Konventionne mat deenen zwee

Veräiner ënnerschriwwen. Dat huet jo awer eng Konsequenz dorop. Musse mer elo nees eng nei Konventioun ënnerschriwwen oder kënnen mer déi hei bestoe loossen?

**Mertzig Romain (LSAP):**

Mir maachen u sech keng nei Konventioun. Déi bleibt an der Opstellung d'selwecht, mä mer loossen se vun deem neie

Veräi guttheeschen. Ech gesinn dat och als noutwenneg, well eng Konventioun, déi op deen een an dann op deen anere bezu wier, och a mengen A keng Gültegkeet méi hätt. Déi wäerte mer och an enger vun den nächste Gemengeréit op der Dagesuerdnung hunn.

**Accord à l'unanimité.**

## Gemeinderatssitzung vom 11. Juni 2015

**Anwesend:**

<b>Mellina Pierre</b> , Bürgermeister (CSV)	<b>Breyer Roland</b> , 1. Schöffe (CSV) <b>Conter-Klein Raymonde</b> , 2. Schöffe (CSV) <b>Mertzig Romain</b> , 3. Schöffe (LSAP)	
<b>Arendt Patrick</b> (CSV) <b>Conzemius-Holcher Josette</b> (CSV) <b>Gira Carlo</b> (CSV) <b>Polfer John</b> (CSV) <b>Rosenfeld Romain</b> (CSV)	<b>Brecht Guy</b> (LSAP) <b>Pierre Norbert</b> (LSAP) <b>Stoffel Marco</b> (LSAP)	<b>Becker Romain</b> (déi gréng) <b>Scheuer Romain</b> (déi gréng) <b>Tockert Claude</b> (DP) <b>Thein Joe</b> (adr)

**Abwesend und entschuldigt:**

<b>Gonçalves Cátia</b> (LSAP)
-------------------------------

**1.**

Punkt 1 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung behandelt.

**2. - Mitteilungen des Schöffenrates.**

Schöffe Romain Mertzig zog Bilanz aus der Müllsammlung und dessen Entsorgung im Jahr 2014. Er unterstrich die Tatsache, dass 52% der gesammelten Abfälle wiederverwertet, aufgebessert oder kompostiert wurden.

Schöffe Roland Breyer wusste zu berichten, dass die neue Verkehrsverordnung 1. Juli 2015 in Kraft treten (Wohngebiete) und der Gemeinderat in seiner Sitzung am 13. Juli 2015 über die Einführung der 30er Zonen in der Ortschaft Pétingen abstimmen werde.

**3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.**

Einnahmen in Höhe von 433.064 Euro (Jahr 2014) und 8.916.534,17 Euro (Jahr 2015) - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**4.1. - Soziales.**

Anpassung des Tarifs für Essen auf Rädern (Kapitel XII – Spezialdienste – der allgemeinen Tarifbestimmungen.

Beschluss einstimmig (adr).

**4.2.1. - Soziales.**

Telealarm: Konvention mit der Hilfsorganisation HELP asbl - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**4.2.2. - Soziales.**

Telealarm : Konvention mit der Stiftung „Hëllef Doheem“-Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**5. - Schulwesen.**

Bewilligung des Projekts der Schulorganisation für 2015/2016 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**6.1. - Liegenschaften.**

Vergleich bezüglich des Kaufs von Grundstücken in der Wohnsiedlung „A la Croix St. Pierre“ sowie an den Standorten „A la Wissi“, „A la Siolo“ und route de Longwy in Rodange von Herrn Toni Rante – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.2. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Kaufs von Grundstücken in der rue Bommert in Pétingen von der Gesellschaft Agilis sàrl - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**6.3. - Liegenschaften.**

Akt bezüglich des Verkaufs eines Grundstücks am Standort avenue de la Gare in Lamadelaine an Frau Julie Philippart - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

**7. - Wirtschaftsangelegenheiten.**

Bewilligung des endgültigen Projektes sowie der Pläne bezüglich der Erneuerung eines Gewerbeparks „Au Grand Bis“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**8. - Kanalisation.**

Bewilligung einer erklärenden Abhandlung des aktualisierten Kostenvoranschlags in Höhe von 8.520.000 Euro sowie der Pläne zur Sanierung des unteren Kornbeckens in Rodange-Fonderie - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9. - Sport und Freizeit.**

Bewilligung eines Spezialkredits über 25.000 Euro bezüglich der Erneuerungsarbeiten eines neuen Ausschanks im Fußballstadion in Pétange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**10. - Transport und Kommunikation.**

Verkehrsdringlichkeitsverordnung in Pétange (Baustelle in der rue Prinzenberg) - Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

**11. - Vereinsleben.**

Statuten der gemeinnützigen Gesellschaft „Union Titus Pétange“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.